



D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Fernand Boden. Här Boden, Dir hutt d'Wuert.

2. 5888 - Projet de loi relative à la chasse

Rapport de la Commission du Développement durable

► **M. Fernand Boden** (CSV), *rapporteur*.- Merci, Här President. Léif Kollegegen, d'Juegd, dat ass e Sujet, wou vill Leit matschwätze wëllen, iwwert dee ganz kontrovers an oft emotional diskutéiert gëtt. Kee Wonner also, datt bei dësem Projet dat dat nämlecht war an datt hie méi wéi ees héich Welle geschloen huet.

Ech géif ufänken ze soen, datt ech géif hoffen an datt ech géif wënschen, datt nom Vote vun dësem Gesetz d'Gemidder sech géifen erëm berouegen an et am Intérêt vun der Juegd erëm zu engem vernünftegen an zu engem konstruktive Matenaner vun alle Partner géif kommen.

Ech mengen, et zweifelt keen un der Noutwendegkeet vun engem neie Gesetz iwwert d'Juegd. Déi aktuell Gesetzgebung baséiert op zwee Grondgesetzter vun 1885 - dat ass scho laang hier - a vun 1925. Dës zwee Gesetzter sinn oft ofgeännert ginn, oft ergänzt ginn.

De Statsrot huet méi wéi ees dës Politik vun de punktuellen gesetzlechen Ofännerungen ugeprangert an huet verlaangt, déi fragmentéiert an déi disparat Gesetzgebung iwwert d'Juegd an engem eenzege Gesetz zesummenzefassen - jo, ëmmer nees op d'Nouwendegkeet higewisen, déi bestehend Gesetzgebung den internationalen Accorden, besonnesch wat den Ëmwelt- an den Déiereschutz ubelaangt, unzepas-sen.

De Projet, dee mer haut hei an der Chamber diskutéieren, huet e ganz laange Reifeprozess hannert sech. An déi zoustänneg Chamberskommission mengt, e wier elo zeideg, fir gestëmmt ze ginn.

E Merci fir d'Aarbecht vun der viregter Ëmweltkommission an a fir déi gutt Mataarbecht vun de Membere vun der aktueller Nohaltegkeetskommission! Och wann d'Meenungen an a verschidene Punkten ausenanergaange sinn an d'Diskussionen kontrovers waren, ass an der Kommission awer duerchweegs konstruktiv an am Intérêt vun der Saach geschafft ginn. D'Resultat, wat erauskomm ass, léisst sech weisen, och wann net jiddwereen domadder averstanen ass.

E kuerzen Historique vun dësem Gesetzesprojet. 2003 ass vun der deemoleger Ëmweltkommission vun der Chamber beschloss ginn, fir en öffentliche Hearing mat de concernéierten Interessengruppen a mat Experten iwwert d'Juegd ofzehalen an duerno eng Orientierungsdebatte hei an der Chamber ze organiséieren. Deen Débat huet stattfonnt den 21. Juni 2007 op der Basis vun engem schrëftleche Rapport vun der Ëmweltkommission. En huet zu enger Motioun gefouert, déi d'Basis duerstellt vun dësem Gesetzesprojet. Ech verweisen hei op mäi schrëftleche Rapport, an deem ech op déi eenzel Punkte vun dëser ganz wichteger Motioun agaange sinn.

En zousätzleche Punkt, deen net konnt vun der Regierung ignoréiert gi bei der Verfaassung vun dësem Gesetzesprojet, dat war den Arrêt vum 10. Juli 2007 vum Europäesche Gerichtshaff fir Mënscherechter an der Affär Schneider géint Lëtzebuerg. An dësem Arrêt ass eestëmmeg festgehalé ginn, datt d'Lëtzebuurger Gesetzgebung, a méi prezis d'Disposition iwwert d'Juegdsyndikater, géint den Artikel 1 vum Protokoll N°1 iwwert de Schutz vum Eigentumsrecht verstosse géif an och géint den Artikel 11 vun der Mënscherechtskommission iwwert d'Recht op Versammlungs- a Vereenegungsfräiheet.

De Stroossbuurger Geriichtshaff huet domadder engem Eegentümer, dee sech aus ethesche Grënn der Juegd widderst huet, d'Recht zougestanen, säin Terrain aus enger vun engem Juegdsyndikat regéierter Juegdzon erauszehuelen an och net musse Member vun esou engem Juegdsyndikat ze sinn.

Dëse Punkt vum Gesetzesprojet gëtt jo bäi Wäitem am heftegsten an och am kontroversesten diskutéiert an e fënnt net d'Zoustëmmung - fir et emol fein auszureden - besonnesch vum Jeeërverband, mä awer och vun der Federatioun vun de Juegdsyndikater a vu Bauereverbänn. Si fäerten, datt duerch esou eng Bestëmmung d'Ausübung vun der Juegd kéint ënnerhiecht an deelweis a Fro gestallt ginn, besonnesch wa ganz vill Eegentümer sech als sougenannt Opposants éthiques à la chasse deklaréieren an op hiren Terrainen d'Ausübe vun der Juegd verbidde géifen.

Dës Suerg vun de Jeeër, Juegdsyndikater a Baueren ass ze verstoen. D'Ausübung vun der Juegd gëtt doduerch sécher net méi einfach an

net méi effikass, mä ass dës Suerg an deem Mooss berechtigt, wéi se zum Ausdrock kënn? A gëtt fir si d'Situatioun, wat den Opposant éthique ubelaangt, duerch dëse Projet wierklech verschlechtert? Dat si Froen, mat deenen d'Chamberskommission sech och ausenanergesat huet.

De Statsrot hat schonn 2005 an engem Avis drop opmierksam gemaach, datt een an eiser Gesetzgebung iwwert d'Juegd misst Léieren zeien aus dem Arrêt Chassagnou vun 1999, och vum Stroossbuurger Mënscherechtsgeriichtshaff, wat den Agrëff an d'Eigentumsrecht an an d'Vereenegungsfräiheet ugeet.

De Statsrot hat deemools och op d'Lëtzebuurger Jurisprudenz higewisen a se zitéiert, déi 2004 a leschter Instanz festgehalen huet, datt déi gesetzleche Obligatioun, fir engem Juegdsyndikat musse bäizetrieden, en Agrëff ass an d'Vereenegungsfräiheet an eng Violatioun duerstellt vum Artikel 11 vun der Mënscherechtskonventioun.

No dëser Jurisprudenz vun der Lëtzebuurger Cour administrative kann also och ënnert der heiteger Gesetzgebung jiddwer Opposant éthique à la chasse verënnern, datt op sengem Terrain gejoet gëtt, an dat ouni musse fir de Juegdschued opzekommen, well keng Konditiounen fir en Austrëtt aus dem Juegdsyndikat an der heiteger Gesetzgebung virgesi sinn.

Dat gëtt duerch dëse Gesetzesprojet geännert, well do an den Artikelen 7, 24 a 44 kloer festgehalé gëtt, ënner wéi enge Konditiounen een Opposant éthique op sengen Terrainen d'Ausübung vun der Juegd verënnere kann a wat fir eng finanziell Konsequenzen dat fir hien huet, wat d'Begläichung vum ufalende Wëltschued ubelaangt.

Ass dat fir d'Jeeër, d'Syndikater a Baueren net éischter eng Verbesserung wéi eng Verschlechterung vun der aktueller rechtlecher Situatioun a puncto Opposant éthique?

Iwwregens huet zënter dem Arrêt vum der Cour administrative am Joer 2004 keen aneren Eegentümer sech als Opposant éthique deklaréiert. An et kann een net dovunner ausgoen, datt dëse Gesetzesprojet, dee méi streng Oplage mécht fir den Opposant éthique, eis bejobar Juegdrevéieren zu enger Aart Schwäizer Kéis geif maachen, wéi dat gesot gëtt. Et bréngt also näischt, fir de Vote vun dësem Gesetzesprojet nach weider auszesetzen, wéi déi, déi géint d'Aféierung vu Bestëmmungen iwwert den Opposant éthique sinn, dat verlaangen. Am Géigendeel.

Iwwregens gëtt et op där anerer Säit och Leit - an ech denken, datt si sech och zu Wuert wäerte mellen -, déi géint d'Aféierung vun dëse Bestëmmungen iwwert den Opposant éthique sinn, well se fannen, si wäeren ze vill streng a si géifen dem Opposant éthique ze vill Oplage maachen.

De virleiende Gesetzesprojet dréit Rechnung souwuel der Lëtzebuurger Jurisprudenz wéi och dem Arrêt Schneider an e bréngt vill Verbesserungen. Sou ginn am Projet d'Objektiver vun der Juegd definéiert. Si sinn d'Intérêt général, an et gëtt festgehalen, datt d'Ausübung vun der Juegd dësem Intérêt général an den Ufuederungen vun enger nohalteger Entwécklung muss entsprechen. D'Artikelen 1 an 2 vum Gesetz setzen dës Kader. Ech kommen nach eng Kéier op dës Artikelen zrëck.

De Gesetzesprojet deelt des Weideren dee ganzen nationalen Territoire a Juegdlosen an. Dat heescht, datt an Zukunft och déi sougenannte Biens de la couronne an déi Juegdlosen integréiert ginn. Dat ass nei, well fréier konnt de groussherzoglechen Haff seng Terrainen aus de Juegdlosen ausklammern. Dat ass vum Stroossbuurger Geriichtshaff monéiert ginn a gëtt also elo mat dësem Gesetz ofgeschafft.

De Fait, datt d'Ausübung vun der Juegd dem Intérêt général déngt, bréngt mat sech, datt an Zukunft e Juegdsyndikat net méi kann decidéieren, ob an engem Juegdlos gejoet gëtt oder net. Et muss iwwerall gejoet ginn, ausser op deenen Terrainen, déi en Opposant éthique aus der Juegdpacht erauszeholl huet oder wou d'Juegdausübung gesetzlech oder reglementaresch verbueden ass.

D'Situatioun vum Opposant éthique gëtt opgrond vun deene virdru genannte Jurisprudenzen an dësem Gesetzesprojet gekläert. Hien ass net méi obligatoresch Member vun engem Juegdsyndikat an hie kritt d'Recht, all seng Terrainen aus der Juegdpacht erauszehuelen. Op dësen Terrainen däerf während der Dauer vum Pachtvertrag net méi gejoet ginn, mat enger eenzeger Ausnahme, där vun der Chasse administrative, déi vum zoustännegen Minister aus Grënn vum Intérêt général kann ugeuerdnet ginn.

Déi aner Objektiver vum Gesetz entsprechen deene vun der Motioun, esou wéi d'Chamber se den 21. Juni 2007 ugehall huet. Ech ernimme se hei ganz kuerz:

- All d'Dispositionen iwwert d'Juegd ginn an engem eenzege kohärenten an transparenten Text zesummege droen.

- D'Gesetzgebung gëtt de Realitéiten um Terrain an den neien Ufuederungen a Saachen Ekologie ugepasst.

- Et gëtt am Gesetz preziséiert, datt d'Juegd als Objektiv huet, dozou bäizedroen, datt d'Natur, den ekologeschen Équilibre an d'Biodiversitéit erhale bleiwen an datt Déiereseuche verënnert ginn. D'Ausübung vun der Juegd muss, wéi scho gesot, am Intérêt général geschéien.

- D'Fidderung gëtt komplett verbueden. Just d'Kührung däerf nach agesat ginn.

- D'Gestioun vum Wëlbestand gëtt verbessert duerch festgeluechte Juegdpläng mat minimalen a maximalen Ofschossquoten, duerch eng Neiuordnung vun de Juegdlosen no ekologeschen a cynégétesche Kritären, duerch d'Schafe vu regionale Juegdkommissionen, déi sech mat dem Opstelle vun de Juegdpläng befaasse sollen.

- Dem Ëmwelt- an dem Déiereschutz gëtt besser Rechnung gedroen duerch d'Ofschafe vun der Notion vun den Espèces nuisibles, duerch d'Verbuet vum Falestellen, d'Verbuet vum Fräilosse vu Wëld an d'Natur an dem Verbuet vun der Juegd an agezongten Terrainen.

- Et gëtt d'Méiglechkeet virgesinn, ech hunn et scho gesot, fir administrativ Juegden ze organiséieren.

- An zu gudder Lescht ginn d'Juegdsyndikater reforméiert.

Wéi Der gesitt, kréie mer duerch dësen Text eng méi modern Gesetzgebung iwwert d'Juegd, déi den Erwaardungen an den Ufuederungen vun der heiteger Zäit entsprécht.

Et ass awer am Kader vum Koalitionsaccord vun der Regierung festgehalé ginn, datt een déi zukünftige Uerteeler vum Europäesche Geriichtshaff fir Mënscherechter, déi d'Rechter vun den Opposants éthiques betreffen, genee verfolge. Hei geet et konkret ëm de Fall Herrmann an déi däitsch Juegdgesetzgebung. Am Fall, wou dës Uerteel contraire wier zu deem am Fall Schneider géint Lëtzebuerg, soll eng genee Analys gemaach ginn iwwert d'Repercussione vun dësem Uerteel op eis Gesetzgebung. Wuel wëssend, datt déi däitsch Gesetzgebung iwwert d'Juegd sech vun eiser ënnerscheet, virun allem wat de rechtliche Statut vun de Juegdsyndikater betrëfft.

Et ass nämlech esou, datt den 20. Januar vun dësem Joer den Europäesche Gerichtshaff fir Mënscherechter en Uerteel an der Affär Herrmann getraff huet, wat awer nach net rechtskräfft ass, well den Här Herrmann den 13. März a Berufung gaangen ass. Dës virleefegte Uerteel ënnerscheet sech vum Uerteel an der Affär Schneider. Den Här Herrmann, och een Opposant éthique à la chasse, huet géint eng Zwangsmitgliedschaft an engem däitsche Juegdsyndikat geklot. Hie krut awer net Satisfaktioun, well de Geriichtshaff zur Konkursioun komm ass - mat enger knapper Majoritéit vu véier zu dräi Stëmmen -, datt an dësem konkreten Fall den Intérêt général vun der Juegd iwwert de perséinlechen Intérêt vum Kleeër stoe géif, an datt hei eng Zwangsmitgliedschaft an engem Juegdsyndikat duerch den Intérêt public justifiéiert wier.

De Geriichtshaff huet an der Begrënnung vun dësem Uerteel op d'Differenzen tëschent der däitscher an der Lëtzebuurger Gesetzgebung higewisen. Et ass dun d'Fro opkomm, ob duerch den Arrêt Herrmann net verschidden Dispositionen aus dem virleiende Gesetzesprojet erëm a Fro gestallt misste ginn.

Duerch de Fait, datt dës Uerteel net rechtskräfft ass an den Här Herrmann decidéiert huet, a Berufung ze goen, huet d'Kommission decidéiert, sou wéi et och am Koalitionsaccord virgesinn ass, dës Gesetzesprojet esou séier wéi méiglech ze evakuéieren. Hien dréit jo, wéi scho gesot, der bestehender Jurisprudenz an och de Bedenke vum Statsrot gréisstendeels Rechnung an e bréngt wesentlech Verbesserungen am Sënn vun enger nohalteger an op den Intérêt général ausgerichter Ausübung vun der Juegd.

Et kënn derbäi, datt eng gewëssen Urgence besteet. D'Regierung huet eis nämlech matgedeelt, datt de Service de l'exécution des arrêts de la Cour européenne des droits de l'Homme insistéiert, datt Lëtzebuerg den Arrêt Schneider vun 2007 endlech ëmsetzt. Wa mer d'Juegdgesetz net elo ëmänneren, ginn an den nächste Méint nei Pachtverträge fir d'Juegdlosen ofgeschloss, déi da fir néng Joer gültig sinn. Dat heescht, d'Exekutioun vum Arrêt Schneider géif de facto ëm néng Joer erausgeschoben. Da riskéiert Lëtzebuerg, souwuel vun dësem Service wéi och vum Conseil de l'Europe ugeprangert ze ginn als e Land, dat d'Uerteeler vum Europäesche Mënscherechtsgeriichtshaff net exekutéiert. Dat wier net am Intérêt vun eise Land,...

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Boden** (CSV), *rapporteur*.- ... an et géif och eise internationalen Image schueden.

D'Kommission proposéiert also, datt mer dës Gesetzesprojet haut de Mëtteg stëmmen.

D'Kommission huet awer och festgehalen, d'Regierung opzefuerderen, den Dossier Herrmann weider am A ze behalen, seng juristesche Inzidenzen op déi national Gesetzgebung am Fall, wou d'Uerteel géif confirméiert ginn, genee ze analyséieren an eventuell dann och eis Gesetzgebung un déi nei Gegebenheeten unzepassen.

Ech wëll lech, Här President, an deem Sënn eng Motioun iwwerreechen, déi vu mir a vu Kollegegen aus den dräi Fraktiounen CSV, LSAP an DP ënnerschriften ass.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- *soucieuse de donner suite à l'arrêt (2113/04) de la Cour européenne des droits de l'Homme dans l'affaire Schneider c. Luxembourg;*

- *prenant note de l'arrêt (9300/07) de la Cour européenne des droits de l'Homme dans l'affaire Herrmann c. Allemagne et de la demande de renvoi, en date du 13 mars 2011, de la partie requérante de l'affaire devant la Grande Chambre;*

- *vu la déclaration sur le programme gouvernemental du 29 juillet 2009;*

- *vu notamment les articles 7, 24 et 44 de la future loi relative à la chasse;*

invite le Gouvernement

- *à continuer de suivre de près les arrêts futurs de la Cour européenne des droits de l'Homme concernant les droits des opposants éthiques à la pratique de la chasse;*

- *à analyser en détail les effets juridiques de ces arrêts futurs sur la législation nationale relative à la chasse;*

- *et à réexaminer, le cas échéant, la législation nationale relative à la chasse à la lumière de ces arrêts, pour autant que ces arrêts soient pertinents pour le Grand-Duché de Luxembourg.*

(s.) Fernand Boden, Lucien Clement, Fernand Die-dריך, Fernand Etgen, Roger Negri.

► **M. le Président.**- Merci!

► **M. Fernand Boden** (CSV), *rapporteur*.- Ier ech op eenzel Artikel vum Gesetzesprojet aginn, wëll ech ernimmen, datt d'Kommission sech a ville Sitzungen intensiv mat den offiziellen Avisé vum Statsrot an der Landwirtschaftskummer, mä awer och mat deene vum Jeeërverband, der Federatioun vun de Juegdsyndikater, dem Conseil supérieur de la chasse, dem Verband vun de Lëtzebuurger Fierschter an dem Groupement „Lëtzebuurger Privatbësch“, déi alleguer als Documents parlementaires veröffentlicht gi sinn, ausenanergesat huet, grad esou wéi mat deene 64 Regierungsamendementen.

Dem Minister a senger Leit wëll ech och iwwregens Merci soe fir hir gutt Zesummenaarbecht mat der Kommission. D'Kommission huet vill Ureegungen a Virschléi aus dësen Avisen iwwerholl a si huet selwer eng 30 Ännerungsvirschléi gemaach, fir zu engem Text ze kommen, dee méiglechst équilibréiert a gutt fon-deiert wier.

Ech kommen dann elo zum Commentaire vun den Artikelen. Ech beschränke mech, opgrond vun de sëllege Artikelen, déi dës Gesetz ëmfaasst, a menger Analys op déi wesentlech Neierungen. Déi aner Punkte kënn Der am Detail a mengem schrëftleche Rapport noliessen.

An den Artikelen 1 an 2 gëtt kloer festgehalen, datt d'Juegd net einfach en Hobby oder eng banal Fräizäitbeschäftegung ass, mä datt se muss ausgeübt ginn am Respekt vun der nohalteger an ekologescher Gestioun vum Wëlbestand, an dat am Intérêt vum Naturschutz, der Biodiversitéit an der Erhaltung vu Fauna a Bëschflora, an och fir Krankheeten a Wëltschied ze vermeiden.

D'Regierung huet eis confirméiert, datt an dësem Text den Intérêt général vun der Juegd-ausübung op d'mannst esou streng geregelt wier wéi an Däitschland.

Am Artikel 3 gëtt kloergestallt, datt d'Recht op d'Juegd net vum Eigentumsrecht ka getrennt ginn. Et heescht do: «Le droit de chasse est un accessoire indissociable du droit de propriété portant sur un fond non bâti, rural ou forestier.»



De Statsrot hätt virgezunn, datt d'Ausübung vun der Juegd, wéinst hirer Orientéierung hin zum Intérêt général, net méi ënnert dem Gesiichtspunkt vum Individualrecht géif geregelt ginn, mä als eng vum Stat organiséiert a kontrolléiert Aktivitéit.

D'Regierung an och d'Kommissioun wollten dëse Wee vun der staatlech organisierter Juegd net aschloen. D'Juegdrecht soll en Individualrecht bleiwen an déi bestehend Strukturen net a Fro gestallt ginn. D'Ausübung vun der Juegd ass awer strengen, vum Stat kontrolléierte Regelen ënnerworfen, a si muss dem Intérêt général gerecht ginn.

Wa Jeeër sech dëser wichteger Aktivitéit mat Läif a Séil verschriwwen hunn, wéi dat bei villen de Fall ass, wa si dat gewëssenhaft maachen an och nach Freed a Satisfaktioun derbäi hunn, kann een dat nëmme begrëssen an ënnerstëtzen. Et ass der gudder Saach dénglech, an de Stat spuert esou vill Geld. A wann no der Ausübung vun der Juegd sech geselleg zesummesat an eventuell och zolidd gefeiert gëtt, sou entsprécht dat, wann et mat Mooss geschitt, enger gudder Lëtzebuerger Traditioun.

► **Une voix.**- Hoffentlech gëtt et net ze vill gutt gemaach!

► **M. Fernand Boden** (CSV), *rapporteur*.- Wann awer Jeeër sech bei der Ausübung vun der Juegd net un déi gesetzlech a reglementaresch Bestëmmungen halen, wa si hiren Obligationen net gerecht ginn, da sinn am Gesetzesprojet an den Artikelen 73 bis 75 streng Strofe virgesinn, fir kloer ze ënnersträichen, datt et sech hei net ëm Kavaliersdelikter, mä ëm grave Verstéiss bei enger fir Natur, Ëmwelt a Gesellschaft wichteger Aktivitéit handelt.

E wichtige Punkt ass den Artikel 7, dee festhält, wou d'Ausübe vun der Juegd verbueden ass, an zwar an agezengten Emplacementen, wou d'Wëld agespaart ass, a Parken, Gäert a Bongerten, déi no bei Wunnhaier leien, a Sportinfrastrukturen an op öffentleche Stroossen an Eisebunnslinnen.

Op Terrainen, déi engem Opposant éthique à la chasse gehéieren, dierf och net gejot ginn, awer nëmmen, wann den Opposant éthique seng Décisioun an enger schréitlechter a motivierter Deklaratioun dem Juegdsyndikat matdeelt, dat Ganzt op d'mannst aacht Deeg ier d'Generalversammlung vun dem Syndikat stattfënn.

Ze preziséieren ass an dësem Kontext, datt den Opposant éthique all seng Terrainen um ganzen nationalen Territoire juegdfräi muss erklären. Et geet net, datt en nëmmen deen een oder aneren Terrain aus enger Juegdpacht eraushuele wëllt.

Aus Grënn vum Intérêt général, iwwert de Wee vun engem groussherzogleche Reglement, kann d'Juegd och zäitlech oder raimlech ageschränkt oder verbuede ginn, zum Beispill an Naturschutzzonen.

Den Artikel 8 verweist op d'Annex zum Gesetzesprojet, wou festgehalen gëtt, wat fir eng Déieren als Wëld ze bezeche sinn. Dës Lëscht ass relativ kleng. An et ass an der Kommissioun just eng Meenungsverschiddenheet doriwwer ginn, datt de Fuuss op dëser Lëscht figuréiert. Et sief awer och nach bemierkt, datt en Déier, wat op dëser Lëscht ass, net automatesch och gejot dierf ginn. De Minister muss nämlech all Joer an engem Reglement festhalen, wat fir eng Déiere vun der Lëscht dierfe gejot ginn a wat fir eng net.

(Interruptions)

Den Artikel 9 hält fest, datt mat Ausnahm vun dësem Joer an Zukunft d'Juegdjoer net méi vum 1. August bis den 31. Juli geet, mä vum 1. Abrëll bis den 31. Mäerz vum Joer duerno. An engem Reglement gëtt och festgehalen, wéini d'Juegd fir déi eenzel Déierenarten an -typen op a wéini se zou ass, wéi dierf gejot ginn a wat fir eng Sécherheetsmoossnamen ze respektéiere sinn.

Nom Artikel 10 dierf d'Juegd och nëmme mat kloer definéierte Waffe stattfannen, an zu kloer definéierten Dageszäiten, nämlech vun enger Stonn viru Sonnenopgang bis eng Stonn no Sonnenënnergang.

E weidere wichtige Punkt, dee vun alle Partner begréisst ginn ass, betrëfft d'Verbuet vum Fideren. Et ass dat en Haaptpunkt, deen ëmmer nees an der Öffentlechkeet staark kritiséiert gëtt, wann iwwert d'Juegd an d'lwverpopulatioun vu verschiddene Wëldearten, déi grouss Schued maachen, diskutéiert gëtt. Mat dësem Gesetz ass elo endgültig Feierowend mat der onnatierlecher Fiderung vu Wëld. De Minister

huet awer gesot, hien hätt d'Méiglechkeet, an Noutfäll, zum Beispill bei extreme Wiederkonditiounen, eng Fiderung am Intérêt vum Déiereschutz zouzeloossen.

Wat erlaabt bleift, wat an der Kommissioun och zu kontroversen Diskussiounen gefouert huet, ass déi sougenannte Kurrung, op Franséisch „appâtage“. Nom Artikel 12 besteet d'Kurrung aus dem Ausbréngen vun enger, ech zitieren, also aus dem Ausbréngen vun enger „alimentation d'attrait non transformée en petites quantités dans le seul et unique but d'un tir immédiat ou rapproché dans le temps“. D'Zil vun der Kurrung ass et also, fir d'Wëld unzelackelen an et ze schéissen, fir esou der lwverpopulatioun vu bestëmmte Wëldearten besser Meeschter ze ginn. Dat zielt zum Beispill fir d'Wëldschwäin, déi sech jo bekannterweis iwwert déi lescht Jore massiv vermehrt hunn.

D'Ulackele kann awer och vum Minister aus sanitäre Grënn erlaabt gi bei Seuchegefor oder wann Déiere musse geimpft ginn. Fir der Gefor entgéintzewierken, datt mam Ulackelen, mat der Kurrung also iwwerdrifft gëtt, gëtt dat ganz streng reglementéiert a kontrolléiert. E groussherzoglecht Reglement, dat der Kommissioun als Projet virlocht, regelt d'Konditiounen an d'Modalitéiten vun der Kurrung, bestëmmt, fir wat fir eng Wëldearten d'Kurrung erlaabt ass, a leet och prezis déi maximal zoulässeg Quantitéit fest, déi een ausbréngen dierf.

Dëse Reglementsprojet gesäit des Weidere vir, datt dat Produkt, fir d'Wëld unzelackelen, nëmme mat der Hand dierf ausgedeeit ginn. De Fierschterverband hat a sengem Avis virgeschloen, dës Ausdeelung iwwer Streeautomaten ze maachen, wou een duerch en Auerwierk de Kurrungsprozess besser iwwerwaachen an auswärte kéint. Verschidde Membere vun der Kommissioun hunn dës Usicht gedeelt a gemengt, et sollt een op d'mannst op verschiddene Plaze Streeautomaten als Pilotprojet zouloossen an duerno eng Auswärtung doriwwer maachen.

Duerch dëse Gesetzesprojet kënnen och fir bestëmmte Wëldearten Ofschosspläng opgestallt ginn. Dat gëllt fir Hirsch, Wëldschwäin, Réi, Damhirsch a Mouflon. Och hei bestëmmt e groussherzoglecht Reglement d'Modalitéiten fir d'Opstellung vun den Ofschosspläng. E leet d'Wëldearte fest, fir déi esou e Plang opgestallt gëtt, gradesou wéi d'Dauer vum Plang an och d'Kontrollmoossnamen.

E grousst Kapitel mat villen Neierungen ass dat iwwert d'Juegdlosen, d'Juegdsyndikater an d'Juegdpächter. Dat sinn d'Artikelen 21 bis 43 vum Projet.

En éischte Punkt, dee wichtig ass, ass, datt eist ganz Land a Juegdlosen ënnerdeelt gëtt. Déi nei Ofgrenzung vun de Juegdlosen ass awer eréischt vum 1. Abrëll 2021 u gültig. D'Gesamtfläch vun engem Juegdlos muss an Zukunft net, wéi ursprénglech virgesinn, op d'mannst 400, mä nëmmen nach op d'mannst 300 Hektar bedroen.

Nei ass och, datt d'Ofgrenzung vun de Juegdlosen net méi eleng no administrative Kritäre geschitt wéi fréier, also de Gemeengegrenzen oder de Kadasterpläng, mä och no ökologesche Kritären. Dës Ofgrenzung vun de Juegdlosen kann nëmmen all néng Joer, wann d'Juegdpachten auslafen, geännert ginn. Dat gesäit den Artikel 21 vir.

Den Artikel 24 befaasst sech mat dem Opposant éthique. D'Prozedur, wéi dësen op sengen Terraine während der Dauer vun enger Juegdpacht, also während néng Joer, d'Ausübe vun der Juegd verhënnere kann, hunn ech virdru beschriwwen. Wann hien no dësen néng Joer seng Terraine weider wëllt juegdfräi halen, muss hie virun dem Auslafe vum Juegdpachtvertrag no där nämlecher Prozedur eng nei Deklaratioun un de Juegdsyndikat schécken.

Et sief och nach gesot, datt den Opposant éthique net méi Member vum Juegdsyndikat ass. En dierf natierlech och kee Juegdpermis hunn oder, wann en een hätt, misst en deen erëm ofginn.

D'Artikele 25 bis 32 befaasse sech mat der Wiel an der Zesummesetzung vun de Juegdsyndikater, mat den Ausschreiwungsmodalitéiten vun de Juegdpachten an hale fest, wéi eng auslafend Juegdpacht ka verlängert ginn.

D'Eigentümer vun de bejohbaren, net bebauten Terrainen an engem Juegdlos, déi bilden e Juegdsyndikat. Si wielen an enger Generalversammlung, wou jiddwer Member eng Stëmm huet, dräi Virstandsmemberen, an net méi fënnf wéi virdru, an och dräi Suppléanten. Dëse Virstand ass fir déi deeglech Gestiou vum Juegdsyndikat zoustänneg.

E rífft och d'Generalversammlung zesummen, déi an Zukunft net méi, wéi bis elo, tëscht dem 1. Mee an dem 31. Juli stattfanne muss, mä tëscht dem 1. Januar an dem 31. Mäerz

vum Joer, ier de Pachtvertrag ofleeft. Fir dëst Joer ass awer eng aner Zäitspan an den lwvergangsbestëmmunge virgesinn, an zwar tëscht dem 1. Oktober an dem 30. November 2011, mä dorobber kommen ech nach zrëck.

D'Generalversammlung decidéiert och, ob d'Juegdrecht op hirem Lous versteet oder ob de Pachtvertrag fir weider néng Joer verlängert gëtt. Bei enger Verlängerung muss deen neie Pachtvertrag bis den 1. Mee, bei enger Stee bis zum 15. September vum leschte Joer vum auslafende Pachtvertrag ofgeschloss sinn.

Nei ass, datt de Pachtvertrag an Zukunft net méi wéi eemol verlängert gi kann. Spéitstens no zwou Pachtperioden, also no 18 Joer, muss eng Stee stattfannen. Iwwert dës Bestëmmunge gouf et Diskussiounen an der Kommissioun. D'Auteure vum Gesetz hunn awer gemengt, dat wier néideg, fir och neien Interessenten eng reell Chance ze ginn, zu enger Juegdpacht ze kommen.

Nei ass och, datt de Kontrakt, deen tëscht engem Juegdsyndikat an engem Juegdpächter ofgeschloss gëtt, een „contrat de droit privé“ ass an net méi een „contrat administratif“. Duerch dëse privatrechtleche Charakter vum Kontrakt ginn d'Rechter vun de Juegdpächter gestärkt. Och si kënnen de Pachtvertrag kënnegen, wann e Juegdsyndikat sengen Obligationen net nokënn.

D'Membere vun der Kommissioun hunn des Weideren engem Virschlag vum Conseil supérieur de la chasse zougestëmmt, dee virgesäit, datt de Juegdpächter beim Gericht och eng Kënnegung vum Pachtvertrag ufroe kann, wann aussergewöhnlech Ëmstänn gréisser Répercussionen op d'Ausübe vun der Juegd hunn.

Eng weider Neierung ass, datt souwuel de Stat wéi och d'Gemengen, an exzeptionelle Fäll, kënnen Juegdpächter ginn, zum Beispill aus Grënn vun öffentlecher Sécherheet. Dat war an der Vergaangenheet net méiglech. Do konnte just Privatpersounen sech als Juegdpächter melden. Wéi esou e Juegdlos, dat de Stat oder eng Gemeng pacht, exploitéiert gëtt, dat decidéiert de Minister respektiv de Schäfferot.

An enger weiderer Serie vun Dispositionen an den Artikele 44 bis 54 geet et ëm de Wëldschued.

Fir unfänken ass ze soen, datt niewent de Bëscher net nëmme méi déi landwirtschaftlech genotzte Flächen, mä och d'Wäibauflächen a Kulturen ënnert de Wëldschued falen. De Juegdpächter an och den Opposant éthique si proportional zu der Gréisst vun hiren Terraine responsabel fir de Wëldschued, dee verursaacht gëtt.

Et geet also net méi, datt den Opposant éthique seng Terraine juegdfräi mécht a sech da laanscht d'Onkäschten dréckt, déi duerch de Wëldschued entstinn. Hie muss sech souwuel un der Entschiedegung vum Wëldschued bedeelegen, deen am Juegdlos entsteet, zu deem säin Terrain gehéiert, wéi och eleng opkomme fir dee ganze Wëldschued, deen op sengem eegenen Terrain geschitt.

De Wëldschued, deen op deene Parzellen entsteet, wou d'Ausübung vun der Juegd gesetzlech verbueden ass, muss integral vun de Propriétaires vun den Terraine gedroe ginn. Wann awer aus Grënn vum Intérêt général iwwert de Wee vun engem Reglement d'Juegd op Parzelle limitéiert oder verbuede ginn ass, esou wéi dat am Artikel 7 virgesinn ass, da muss de Stat integral fir de Wëldschued opkommen. Wann de Wëldschued duerch Hirschen oder Wëldschwäin verursaacht gëtt, dann ass e speziellen Entschiedegungsregime virgesinn.

Des Weidere gëtt a verschiddenen Artikelen och preziséiert, wéi de Wëldschued berechent a wéi e bei Meenungsverschiddenheete festgeluecht gëtt. Am Artikel 47 gëtt och festgehalen, a wéi enge Fäll ee keen Urecht huet op d'Be-gläichung vum Wëldschued.

E weidert neit Kapitel an dësem Gesetzesprojet handelt iwwert d'Chasse administrative. De Minister kann an Zukunft aus Grënn vum Intérêt général, ech hunn och schonn drop higewisen, eng Chasse administrative veruerdnen, entweder op Eegeninitiativ oder awer op Demande vun all interesséierte Bierger. Ier de Minister awer esou eng Juegd ordonnéiert, muss hien am Virfeld de Juegdpächter oder den Opposant éthique doriwwer informéieren. Da kréie se d'Chance, déi néideg Moossnamen ze ergräfen, fir d'Problemer op hiren Terrainen an de Griff ze kréien. Ass dat net de Fall, dann ordonnéiert de Minister...

► **M. le Président.**- Här Rapporteur, Dir misst lues awer sécher zum Schluss kommen.

► **M. Fernand Boden** (CSV), *rapporteur*.- Dir hat mer gesot, ech kéint nach...

► **M. le Président.**- Jo, mä Dir hutt schonn iwwerzunn.

► **M. Fernand Boden** (CSV), *rapporteur*.- ... aacht Minutte schwätzen. Ech hu 40 Minutten.

► **M. le Président.**- Mä Dir sidd schonn iwwer 30.

► **M. Fernand Boden** (CSV), *rapporteur*.- 30 plus d'Motioun.

(Interruptions diverses)

► **M. le Président.**- D'Motioun, dann huet nach déi vun der Motioun.

► **M. Fernand Boden** (CSV), *rapporteur*.- Okay, Merci. Merci!

Ass dat net de Fall also, dann ordonnéiert de Minister, nodeems hien dem Conseil supérieur de la chasse en Avis gefrot huet, eng administrativ Juegd, déi ënnert der Leedung an der Opsicht vun der Forstverwaltung duerchgefouert gëtt. D'Käschten, déi hei entstinn, müssen entweder vum Juegdpächter, vum Eigentümer vun den Terrainen am Fall vum Opposant éthique oder, wann et sech ëm Terrainen handelt, wou d'Juegd duerch e Reglement verbueden oder limitéiert ass, vum Stat iwwerholl ginn.

Wat interessant ass, dat ass, datt d'Juegd och op Terrainen ordonnéiert ka ginn, op deenen eigentlech net gejot dierf ginn. An dës Moossname kënnen souguer vum Minister ergraff ginn, och wann d'Juegd op déi eng oder déi aner Déierenart zou ass.

D'Dispositionen iwwert de Juegdschäin iwwersprangen ech aus Zäitgrënn. Dir kënnt dat am Detail noliesen.

Dat, wat vläicht interessant ass ze wëssen, ass, datt den Diplomatepermis, datt deen ofgeschafft gëtt. Et gëtt nëmme méi dräi Kategorie vu Juegdpermisen, an zwar de Jorespermis, den Dëngschtpermis an den Invitéspermis. Den Invitéspermis, deem seng Gültigkeetsdauer gëtt vu fënnf op dräi Deeg erofgesat. An déi maximal Dauer vun Invitéspermis fir eng Persoun dierf an engem Juegdjoer zwielef Deeg net iwwerschreiden.

E puer Wuert zu de strofrechtlechen Dispositionen, déi an den Artikelen 73 bis 77 behandelt ginn. Wann e Jeeër sech bei der Ausübung vun der Juegd net un déi gesetzlech a reglementaresch Bestëmmungen hält, da sinn an dësen Artikelen, wéi gesot, streng Strofe virgesinn.

E besonnesch därege Problem war de Libellé vum Artikel 73, deen d'Infractionne festhält, fir déi een zu enger Prisongsstrof vun aacht Deeg bis zu sechs Méint an enger Amende vun 251 bis 15.000 Euro oder zu enger vun dëse Strofe veruerteelt ka ginn. Hei gëtt genee spezifizéiert, wat fir eng Dispositionen a wat fir eng Artikele vum Gesetz zu dëse Strofe féiere kënnen.

De Statsrot huet bei dësem Artikel e puermol eng Opposition formelle ageluecht, bis datt et zu deem Text komm ass, deen elo virläit. Bei ganz gravé Verstéiss kann et bis zu zwee Joer Prisong a bis zu 30.000 Euro Geldstrof kommen. An am Artikel 75 si fir méi kleng Verstéiss Amendé vu 25 bis 250 Euro virgesinn.

D'Missioun an och déi nei Kompositioun vum Conseil supérieur de la chasse, deen eng wichtige Roll an der Juegdproblematik ze spillen huet, ginn am Artikel 82 festgehalen. D'Kommissioun recommandéiert der Landwirtschaftskummer, fir ënnert hiren dräi Vertrieder ee Vertrieder vun de Grondbesëtzer virzegesinn, sou datt och de Wonsch vun der Federatioun vun de Juegdsyndikater, fir am Conseil supérieur vertrueden ze sinn, erfüllt kéint ginn.

Am Artikel 83 gi fënnf Commissions cynégétiques régionales geschaf, déi eng reng berodend Missioun hunn a sech ëm d'Ausschaffung an déi spéider Ofännerunge vun de Juegdofschosspläng këmmen. Esou eng regional Kommissioun besteet aus siwe Memberen: ee Vertrieder vun der Natur- a Bëschverwaltung, dräi Vertrieder vun der Jeeërfederatioun an zwee Vertrieder vun der Landwirtschaftskummer, vun deenen no dem Wonsch vun eiser Kommissioun een d'Grondbesëtzer vertriede soll.

Ech kéim dann zum Schluss zu den Dispositions transitoires, eng Problematik, déi der Kommissioun vill Kappzerbierches gemaach huet a mat där mer eis während e puer Sitzunge beschäftegt hunn. D'Situatioun ass ganz komplex. D'Pachtvertrag vun den aktuell bestehende 600 Juegdlosen lafen nämlech net zur nämlecher Zäit aus. 595 Verträge lafen den 31. Juli 2012 aus, véier tëscht 2017 an 2020, an an engem Lous, wou d'Juegd net verpacht ass, ass de Stéichdatum den 31. Juli 2014.

Den Detail vun den lwvergangsbestëmmunge kënnt Der am schréitliche Rapport noliesen. Ech beschränke mech elo op d'Datumen, déi festgehalen si fir déi 595 Lousen, wou d'Vertrag den 31. Juli 2012 auslafen an déi vill Leit interesséieren. D'Generalversammlung, déi decidéiert, ob d'Juegdrecht weider verpacht oder



versteet gëtt, muss an der Zäitspan vum 1. Oktober bis den 30. November 2011 stattfannen. All Décisioun iwwert de Verpachtungsmodus, dee virun dëser Zäitspan getraff gëtt, ass dem Text no null und nichtig.

D'Aberuffungsfrist fir d'Generalversammlung ass ee Mount virun der Generalversammlung, also tëschent dem 1. September an dem 31. Oktober 2011. D'Aberuffung geschitt iwwert de Wee vun zwou Dageszeitungen. Si muss d'Dagesuerdnung enthalen an drop hiweisen, datt Eegentëmer, déi wëllen hir Terraine juegdfräi halen, eng deementspreechend Deklaratioun musse maachen. Déi lescht Frist fir en Opposant éthique, fir esou eng Deklaratioun ze maachen, ass aacht Deeg virun der Generalversammlung.

No der Décisioun vun der Generalversammlung ass déi lescht Frist, fir déi bestehend Pachtvertrag ze verlängeren, de 15. Dezember 2011, an déi lescht Frist, fir d'Juegdrecht ze versteeden, den 31. März 2012.

D'Enn vum Mandat vum aktuelle Syndikatsvirstand ass de 14. Mee 2012, an dee vun der Generalversammlung nei gewielte Virstand iwwerhëlt säi Mandat de 15. Mee 2012 an en dauert da bis den 31. März 2021.

Zu Allerlescht wëll ech dann nach op en neie Paragraph 10 hiweise vum Artikel 88. D'Kommissioun huet dës Paragraph bäigefügt, fir enger Opposition formelle vum Statsrot Rechnung ze droen an deenen Opposants éthiques, déi Terrainen hunn an deene fënnef Juegdlosen, wou de Pachtvertrag net den 31. Juli 2012 ausleeft, ze erméiglechen, hir Terraine juegdfräi ze maachen. Si mussen dat dem Syndikatsvirstand an der Zäitspan vum 22. September bis den 22. November 2011 schréftlech matdeelen. De Juegdpächter kann an esou engem Fall beim Syndikat froen, fir eng Reduktioun vu sengem Pachtpräis ze kréien. Eng Reduktioun, déi proportional ass zur Reduktioun vun der Gesamtfläch vun der Juegdpacht.

Voilà, ech soen elo Merci fir Är Gedold, fir d'Nolauschteren. Ech bieden lech am Numm vun der Kommissioun, dee vun hir virgeschloenen Text ze stëmmen. An dem Minister leé mer un d'Häerz, fir déi fir d'Exekutioun vum Gesetz nach ausstehend groussherzoglech Reglementer méiglechst schnell fäerdeg ze maachen an eiser Kommissioun se ze presentéieren.

Merci!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Rapporteur Fernand Boden. Als éischte Riedner ass den Här Lucien Clement agedroen. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Lucien Clement** (CSV). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, haut ass et endlech esou wäit. Mir sti kuerz virun der Zillinn vun engem neie Jachtgesetz (veuillez lire: Juegdgesetz). Entschëllegt awer direkt, wann ech a mengem Exposé d'Juegd ëmmer „Jacht“ nennen; dat ass eben esou, well mir zu Réimech esou soen. Et huet awer näischt mat Schëffer ze dinn.

(Hilarité)

Net, datt do eng Verwiesslung sollt opkommen.

Ech ka mech net u ganz vill Gesetzesprojeten erënneren, déi elei an der Chamber zum Vote virlouchen, déi esou ee laange Wee hanner sech hunn, wéi dat eleite Gesetz. Ech ka mech awer och net drun erënneren, datt mir schonn dacks Gesetzer gestëmmt hunn, déi am Virfeld mat esou ville concernéierten an interesséierte Partner diskutéiert an ausgeschafft gi sinn. Mir hate bis elo eng Hällewull vu Kommissiounssitzungen, wou mer eis mat dëser Matière a mat dësen Texter auserneegesat hunn.

Laang virdrun, an dat kënnt Dir mat geneeën Datumer am Rapport vum Fernand Boden noliessen, ass en Hearing elei an de Chamber organiséiert ginn. 25 Sitzungen huet d'Kommissioun gebraucht. 17 kloer definéiert Froe sinn un net manner wéi 20 Organisatiounen verschéckt ginn. Dës Froe sinn ausgewäert ginn an et koom zu engem émfassende Rapport vun der Kommissioun. Duerno huet en Débat d'orientation heibanne stattfonnt. Bei där Geleeënheet huet d'Chamber e Vote iwwer eng Motioun geholl, eng Motioun, déi als Virlag zu dësem Gesetzestext gedéngt huet an déi och esou ëmgemat gouf; ech géif soen, à la lettre ëmgemat ginn ass.

Och duerno an der legislativer Prozedur hu mer eis an de Kommissiounssitzungen intensivt mat den Avisë vun deene verschiddenen Associatiounen, déi duerch dëst Gesetz direkt an indirekt betraff sinn, auserneegesat. Jo, et kann ee souger soen, datt et e Paradebeispill vun Transparenz war, wat d'Abanne vun der sougenanntener Zivilgesellschaft ass.

Eist gemeinsam Zil an dësem Beräich war et, fir am Konsens mat allen Acteuren en neit, moderner an den heitege Besoinen entsprechend Juegdgesetz op d'Been ze stellen, an dat ënnert der Oplag, deene verschiddene Gerichtsuerteeler och Rechnung ze droen.

Den Här Minister Schank huet sech och an dësem Sënn ni an zu kengem Zäitpunkt iergendenger Diskussioun verschloss. Au contraire, en huet ëmmer probéiert, esou gutt wéi méiglech de Proposen, de Recommandatiounen a Kritike vun alle méiglechen Acteuren, inklusiv deene vun den Deputéierten an der Kommissioun Rechnung ze droen. Sou hunn och vill Propose souwuel vun de Jeeër wéi vun der Federatioun vun de Juegdsyndikater, de private Bëschbesëtzer oder der Landwirtschaftskummer hiren Nidderschlag an dësem Gesetz fonnt. Datt si net all konnte berücksichtegt ginn, dat schéngt mer awer e bësselchen normal, well déi verschidde Propose sinn och dacks kontrovers erakomm.

Ech war an alle Kommissiounssitzungen derbäi a kann nëmmen déi konstruktiv Aarbecht vun alle Fraktiounen - an ech betounen: vun alle Fraktiounen! - bestätegen an deemno och luewen. E Merci duerfir och un den zoustännege Minister Marco Schank an un d'Beamten, déi heiru matgeschafft hunn.

Ech hat zu kengem Zäitpunkt d'Gefill, elei géife Leit ënner Drock gesat ginn oder de Minister wéilt hei iergendeppes géint d'Kommissioun duerchsetzen. An duerfir zitéieren ech och den Här Etgen, deen an der Kommissioun gesot huet, andeems och hien déi korrekt Zesummearbecht gelueft huet: „Här Minister, Dir sidd keen Tocksapp.“ War et esou, Här Etgen?

► **M. Fernand Etgen** (DP). - Ganz richtig, Här Clement.

► **M. Lucien Clement** (CSV). - Och e grouse Merci un de Rapporteur vun dësem Gesetz, de Fernand Boden. Et war och fir hie sécherlech keen einfachen Job. Mä mat vill Engagement a mat vill Asaz war och hien ëmmer beflass, fir e méiglechst grouse Konsens an dëser dach awer sensibeler Matière ze fannen. De Kolleeg Camille Gira muss dat kënne bestätegen, datt him dat bis op e puer Ausnahmen dann och esou gelongen ass.

D'Meenungsverschiddenheeten op e puer Punkte ware wuel do, sinn - wéi dat sech dann och gehéiert - kontrovers diskutéiert ginn, mä duerno awer och akzeptéiert ginn. Wéi gesot, bis op e puer Ausnahmen hat de Gros vun den Artikelen d'Approbatioun vun alle Fraktiounen.

Leider hunn ech awer a leschter Zäit ëmmer méi d'Impressioun kritt, wéi wann all dës Gesprécher an Diskussiounen iwwer bal aacht Joer ni stattfonnt hätten. Sou sinn et virun allem d'Jeeër, déi Problemer mat dësem Text hunn. Et huet een d'Impressioun, wéi wann alles schlecht an dësem Gesetz wier, an d'Politik wier just drop aus, fir de Jeeër wëlle Knëppelen an d'Been ze geheien. Or, deem ass awer net esou. Ech denken, just de Contraire ass de Fall. Ech wäert mech am Laf vu menger Interventioun heizou och erklären.

Ech hat awer och u sech d'Gefill, och well d'DP - ech hunn dat d'ënescht ernimmt -, well d'DP aktiv a konstruktiv, wierklech konstruktiv, um Gesetz matgeschafft huet - dat muss een esou soen -, datt d'DP dëst Gesetz géif matdroen. Duerfir sinn ech eigentlech awer e bëssen enttäuscht, datt si anscheinend opgrond vun enger Circulaire, déi den Här Minister Schank un d'Juegdsyndikater erausgeschéckt huet, hir Meenung geännert huet an datt se sech elo enthalte wëllt. Ech hunn d'Impressioun e bësselchen, datt elei éischter elektoral Grënn matspillen, wéi quant au fond d'Gesetz selwer.

(Brouhaha général)

► **Une voix.** - Mir erklären lech dat nach!

► **M. Lucien Clement** (CSV). - Jo! Ech sinn och gespaant drop, op Är Erklärung. Ech erklären et awer och nach herno. Dir braucht keng Angscht ze hunn.

(Interruption)

Also, Här President, ech wollt mech elo e bësselche mat den Haaptkritikpunkte vun de Jeeër zu dësem Gesetz auserneesetzen. Kritiken, déi een akzeptéiere soll an och muss, mä deenen hir Argumentatioun ech awer net ëmmer ganz esou novollzéie kann.

Et soll een hei net de Mann spillen, mä et soll ee sech einfach mat den Argumenter selwer auserneesetzen. Ee vun den Haaptkritären (veuillez lire: Haaptkritikpunkten) vun de Jeeër ass jo d'Aféierung vum Opposant éthique. Dozou wëll ech Folgendes soen: Duerch divers Uerteeler vun de Lëtzeburger Gerichter wéi och vum Arrêt vum Europäesche Gerichtshaff fir Mënscherechter an der Affär Schneider géint Lëtzebuerg si mer obligéiert, den Opposant éthique an eis national Gesetzgebung anzeféieren. Ech sinn net der Meenung, datt de Stat

sech einfach doriwwer ewechsetze kann a maa-che kann, wéi wann et dës Uerteeler u sech net géif ginn. Dat, denken ech, gëtt an der Bausenduerstellung a bei der Argumentatioun vun de Jeeër ganz oft vergiess.

Och wann deen een oder aneren Deputéierte selwer vläicht net schrecklech begeeschtert ass, fir den Opposant éthique an d'Gesetz anzuschreien, sou ass et awer eis Pflicht a Schëllegeet, der Jurisprudenz an dëser Matière dach awer Rechnung ze droen.

Ech wëll probéieren, d'Jeeër, déi ech perséinlech séier schätzen, dann awer e bësselchen ze berouegen, wat dës kriddeleche Punkt ugeet. Opgrond vun deenen Uerteeler, déi mer kennen, ass et haut schonns méiglech, datt en Opposant éthique seng Terraine ka juegdfräi deklaréieren. Dat ass méiglech duerch déi Jurisprudenz, déi mer kennen. Bis haut huet vun deenen dausende vu Propriétaire just eng eenzeg Persoun vun dëser Méiglechkeet Gebrauch gemaach. Eng eenzeg Persoun, Här President!

Dës Persoun, déi sech als Opposant éthique haut mam ale Gesetz geoutet huet, huet keng gesetzlech virgeschriwwen Obligatiounen, wat Wëltschued ugeet oder wat eng finanziell Participatioun um Wëltschued ugeet. Am virleende Gesetz ginn d'Konditiounen an d'Modalitéite fir den Opposant éthique, dee seng Terraine wëllt juegdfräi deklaréieren, geregelt, virun allem geregelt, a si ginn och méi streng geregelt.

Den Opposant éthique gëtt mat dësem Gesetz obligéiert, sech an Zukunft un de finanziellen Entschiedegunge vum Wëltschued ze bedeelegen, an dat net nëmmen, Här President, wat säin eegenen Terrain ugeet, neen, e muss sech zousätzlech och prozentual zu sengem Terrain, zu sengem Areal um Schued vum ganze Lous bedeelegen.

► **M. Camille Gira** (déi gréng). - Fannt Der dat da richtig?

► **M. Lucien Clement** (CSV). - Jo, Här Gira, ech soe just, wat d'Gesetz virgesäit, an ech fannen dat richtig.

Ech, ech elo als Netjeeër, mä - ech géif awer soen - een, dee gäre mat dreiwé giong an och matgaangen ass,...

► **Une voix.** - Aha!

► **M. Lucien Clement** (CSV). - ...gesinn dës Fakten aus der Siicht vum Jeeër als Verbesserung, an ech wëll hinne soen, ech gesinn et net als Verböserung un.

Ech denken, datt dat am Sënn vun de Propriétaires, vun de Baueren a Wënzer, an och vun de Jeeër eigentlech misst sinn. Hei gëtt d'Recht vum Opposant éthique, fir säin Terrain juegdfräi ze deklaréieren, datt gëtt gesetzlech verankert, mä dat verbonne mat deene virgenannten Obligatiounen.

Duerch dës Dispositiounen gëtt et fir den Opposant éthique op där enger Säit sécherlech méi einfach, fir säin Terrain juegdfräi ze deklaréieren, wéi dat bis elo an der Vergaangenheet de Fall war; op där anerer Säit sinn, domadder verbonnen, d'finanziell Oplagen awer wesentlech verschärft ginn. Alles dat bréngt mech zur Schlussfolgerung, datt a mengen Aen d'Ziel vun den Opposants éthiques net dramatesch an d'Luucht wäert goen.

Et muss ee sech d'Fro stellen: firwat eigentlech och? Vlächet duerch déi vill Reklamm, déi a leschter Zäit wëssentlech oder onwëssentlech fir den Opposant éthique gemaach gouf, kéint et awer effektiv sinn, datt sech e puer Propriétaires elo entscheiden, hir Terraine juegdfräi ze deklaréieren. Mä de Virwurf, verbonne mat der Angscht vun de Jeeër, datt eng flächendeckend Juegd net méi méiglech wier, an d'Land mam Akraafttriede vun dësem Text zu engem Schwäizer Kéis géif verkommen, ass menger Meenung no begrenzt a virun allem och net haltbar.

Ech wëll och ënnersträichen, datt et net drëms geet, fir den Opposant éthique anzeféieren, fir iergendeen ze schikanéieren. Mir liewen - an dat Gott sei Dank, soen ech emol - nach ëmmer an engem Rechtsstat, wou verschidde Regele mussen agehale gi respektiv och Uerteeler ëmgemat gehéieren.

(Interruption)

Dat kënnt Dir herno soen, wann Der wëllt zu dësem Gesetz schwätzen, Här Kartheiser.

Dat anert Argument, firwat d'Jeeër géint den Opposant éthique sinn, ass d'Uerteel am Fall Herrmann. Do wëll ech soen, datt een déi däitsch Gesetzgebung iwwert d'Juegd net onbedéngt mat där Lëtzeburger Gesetzgebung ka vergläichen. Et gëtt Differenzen tëschent der däitscher an der Lëtzeburger Gesetzgebung, virun allem och, wat de Statut vun de Juegdsyndikater selwer ugeet. Doduerch ass den Europäesche Gerichtshaff fir Mënscherechter an der Affär Herrmann och zu enger anerer

Konklusioun komm wéi an der Affär Schneider. Ausserdeem ass dat lescht Uerteel nach net rechtskräftig, well den Här Herrmann jo an Appel gaangen ass.

Wa mir elo, wéi d'Jeeër dat fuerderen, géifen de Vote vun haut de Mëtteg aussetzen, ech mengen, da wiere mir als Politik net méi ganz kredibel. Eischstens steet kloer am Koalitiounsprogramm vun der Regierung, an et stoung och esou an der Motioun vun der Chamber, datt mir dës Projet esou séier wéi méiglech solle stëmmen; an zweetens ass et zu dësem Zäitpunkt nach iwwerhaupt net sécher, ob de Fall Herrmann iergendeng Inzidenzen op eis Gesetzgebung kritt. An et ass och net sécher, wann en der kritt, wat fir eng et sinn.

Duerfir ass et wichteg, an dat sollen d'Jeeër och wëssen, datt mir, wéi et iwwerens och am Koalitiounsaccord festgehalen ass, vun der Regierung d'Garantie kruten, datt d'Gesetz erëm op de Leescht geholl gëtt, wa sech géif eraustellen, datt d'Uerteel am Fall Herrmann, wann et géif confirméiert ginn, juristesche Konsequenze fir Lëtzebuerg hätt. Ech denken, déi Motioun, déi den Här Boden virdrun hei déposéiert huet, dréit deem, wat ech elo gesot hunn, a vollem Émfang och Rechnung.

En anere Kritikpunkt ass de Verbuet vun der Fiddering. Ech zitéieren elei e Passage aus dem Débat d'orientation sur la chasse vum Rapporteur, dem deemolegen Deputéierten an heitegen Landwirtschaftsminister - deen d'ailleurs och heibannen ass -, den Här Romain Schneider, ech zitéieren do: „Op där anerer Säit fanne mer d'Aussoe vun der Federatioun vun de Jeeër, déi jo och ouni Awand d'accord sinn, an Zukunft d'Fiddering ze verbidden, an alledéngs drop halen, datt déi sougenannte Kirrung misst bäibehale ginn. Si stäipe sech hei op eng Positioun vum Professor Klaus Pohlmeier, deen dësen Nourrissage befürwortet a kloer definéierte Fäll a Situatiounen.“

Ech denken, all Fraktiounen ware sech an der Chamberskommissioun eens, datt et richtig wier, datt d'Fiddering tel quel och verbuede gëtt. Et ass och dat e Punkt, deen an der öffentlecher Duerstellung vun der Juegd ëmmer erëm extrem - ech soen, an der öffentlecher Duerstellung vun der Juegd -, ëmmer erëm extrem kritiséiert an och ugeprangert ginn ass.

Wat awer bleift a wou d'Meenunge weiderhin auserneeginn, ass d'Kirrung, d'Ulackele vum Wëld. Mir als CSV begreissen, datt dës Méiglechkeet weiderhi bestoe bleift, fir d'Populatioun vu verschiddene Wëlداarten ënner Kontroll ze halen. Dat zielt virun allem fir d'Wëltschwäin, déi, anescht wéi d'Routwëld, sech net an engem bestëmmten Territoire ophalen, mä duerchaus kilometerwäit duerch Bëscher a Felder zéien. Ouni Kirrung ass et onméiglech, d'Populatioun vun de Wëltschwäin iergendwéi, iergendwéi an de Grëff ze kréien. Ech denken net, datt een d'Wëltschwäin ouni Dreifjuegd, ouni Kirrung, also ouni Ulackelen, einfach esou virun d'Fléit kritt. De Jeeër brauch dës Moyenen, soll hie senge Flichten als Régulateur vun de Wëlbestänn nokomme kënnen.

Ech denken, datt et och en Uleies vum Jeeër ass, mä net nëmme vum Jeeër, datt et en Uleies misst sinn, fir de Wëlbestand bei de Schwäin esou gutt wéi méiglech ze reguléieren an op e vernünftege Stand och ze reduzéieren. Et ass mat Sécherheet kee Jeeër begeeschtert, fir a senger Juegd herno misse sechs, siwen, aacht oder méi Hektare Mais u Wëltschued ze bezuelen.

(Interruption)

Dat geet, Här Gira, ganz richtig, an de Portmonni a gëtt deemno och ganz richtig deier.

► **M. Camille Gira** (déi gréng). - Ma déi hu kee Problem mam Portmonni, déi Leit do.

► **M. Lucien Clement** (CSV). - Ma, Här Gira, Dir kennt vlächet déi falsch Jeeër. Ech kennen där anerer, déi gewëssenhaft op d'Juegd ginn.

► **M. Camille Gira** (déi gréng). - Jo, glécklecherweis gëtt et där och nach!

► **Une voix.** - Jo, déi mat de Jachten.

► **M. Camille Gira** (déi gréng). - Glécklecherweis gëtt et där och nach!

► **Une voix.** - Dir kennt déi mat de Jachten.

► **M. Lucien Clement** (CSV). - Jo, déi mat de Jachten.

► **Une voix.** - Déi Richtig, jo.

► **M. Lucien Clement** (CSV). - Déi Richtig.

(Hilarité et interruption)

Mä, heibanne wëll ech lech just soen, et seet sech dat alles vill méi einfach, wéi dat an der



Praxis awer ass. Éischtens, d'Schwäin kommen net bei de Jeeër, Här Gira!

(Hilarité générale et interruptions)

Et ass ëmgedréit!

► **Une voix.**- D'Schwäin lafe bei de Metzler, awer dee wëllt se net!

(Hilarité générale)

► **M. Lucien Clement** (CSV).- Et ass ëmgedréit! Jo, ma, den Här Gira hat schonn eng Kéier d'Propos gemaach, se an d'Schluechthaiser ze huelen.

(Interruption)

Ech weess just net, wéi dat soll goen, mä et kéint awer emol méiglech sinn.

► **Une voix.**- Mä Dir verstitt awer eppes dovun?

► **M. Lucien Clement** (CSV).- Jo, jo, ech verstinn och eppes dovun.

(Interruptions)

Also, et ass éischter ëmgedréit, de Jeeër muss si fannen. Si sinn och net am Bësch oder am Mais, wann de Jeeër wëllt, datt se sollen do sinn,...

► **Une voix.**- Et ass éischter och ëmgedréit.

► **M. Lucien Clement** (CSV).- ...mä si sinn do, wa si wëllen.

Et muss een och wëssen, datt d'Wëltschwäin och nach vill a wäit reest. Aus dësem Grond ass et och duerfir absolut méiglech, datt zum Beispill, soen ech emol, fënnel Bachen aus engem anere Revéier an deem Lous optauchen an do hir Fierkele werfen. Dat gëtt et!

(Hilarité)

Jo, Dir kënnt laachen! Dat gëtt mat enger Kéier an Zäit wéi e puer Méint eng Zounahm vun der Wëltschwäin-Populatioun, déi tëschent 40 a 50 läit.

D'Praxis, ech soen...

(Brouhaha et hilarité)

Jo, dat ass net fir ze laachen! De Jeeër ass domat geplot a gehäit mat deem, wat mir hei soen.

D'Praxis, fir do ze reduzéieren, ass, denken ech, e bësselche méi komplizéiert wéi dat, wat mir heibannen ze rieden hunn, wéi dat um Pabeier dann och ausgesäit.

Eng Iwwerbevolkerung vun der Wëltschwäin-Populatioun ass och net eleng op d'Fidderen zréckzeféieren. Fir dat eleng dorobber ze beschränken, dat ass sech d'Saach ze einfach gemaach, well och deen ëmmer méi grouse Mais-Ubau huet domadder ze dinn, datt et ëmmer méi Wëltschwäin gëtt.

Des Weideren hëllefen déi um Feld ugeluechte Mais-Siloen de Schwäin mat Sécherheet, besser a méi einfach och iwwert de Wanter ze kommen. Duerfir, Dir Dammen, Dir Hären, brauch de Jeeër Moyenen, fir deem entgéintzewierken. Hie brauch Moyenen, fir de Bestand ze reguléieren a fir de Bestand ze reduzéieren. A mir, mir heibannen, dat heescht d'Politik, mussen him dës Moyenen och zougestoen a mir mussen him déi Moyenen och ginn.

Ech wëll u sech net wëssen, Här President, wéi dat géif ausgesinn, wann emol eng Kéier zwee oder dräi Juegdlosen net géife verpacht ginn. Do géif jo dann, wéi vill Leit dat wëllen, do géif jo dann net gefiddert ginn, et géif net gekirrt ginn, mä et géif och net geschoss ginn. Mat Sécherheet wieren awer Schwäin do, an och aner Wëld wier do, an zwar vill méi, wéi dat normal de Fall wier. An et wier vill Wëltschued do, och méi, wéi et normal wier. An et wiere virun allem - a lauschtert elo! - vill Duerjenaner, vill onzefridde Baueren a Wënzer do.

En plus géif esou eng Situatioun de Stat, de Steierzueler, an dat si mir alleguerten, eng ganz Staang Geld kaschten.

► **Une voix.**- Très juste!

► **M. Lucien Clement** (CSV).- Eng Fro, déi ee sech an dësem Kontext ka stellen, ass déi, an de Fernand Boden huet dat scho gesot, wéi d'Kirrung stattfënnit a wéi se stattfanne soll. Er-laabt ass just d'Kirrung mat der Hand. Et gëtt awer och elektronesch Kirrautomaten, an d'Er-fahrung am Ausland, d'Erfahrungen am Ausland hu bewisen, datt déi och tiptopp funktionéieren, datt mat esou Automaten d'Aarbecht um Terrain vereinfacht ka ginn an et och net elei zu weiderem Mëssbrauch komm ass. Just de Contraire ass de Fall, well d'Handhabung fir deen een an de Contrôle fir deen anere si méi einfach.

Duerfir meng Fro un den Här Minister, ob een net vläicht am Kader vun deem Pilotprojet déi elektronesch Kirrautomaten op d'mannst teste kéint an da kucken, wat se bréngen. Ech weess, datt de Minister do eng aner Meenung huet, mä iwwer e Pilotprojet kann ee jo awer nodenken an diskutéieren.

Duerch d'Afféierung vum Opposant éthique an dem Fidderungsverbuert kommen eis Jeeër, wéi gesot, zur Konklusioun, datt d'Juegd an Zukunft zu Lëtzebuerg onméiglech gëtt. Ech denken an ech hoffen, ech konnt hir Bedenken e bësselche relativéieren.

Heibäi wollt ech och nach op en anere Punkt hiweisen, wou de Statsrot net eiser Meenung war, deen awer fir d'Jeeër d'Enn vun der Juegd bedeit hätt. Wéi de Rapporteur Fernand Boden et schonns preziséiert huet, hätt de Statsrot et virgezunn, datt d'Ausübung vun der Juegd weinst hirer Orientéierung hin zum Intérêt général net méi ënnert dem Gesiichtspunkt vum Individualrecht sollt geregelt ginn, mä als eng vum Stat kontrolléiert an organiséiert Aktivitéit. Hätte mir an der Kommissioun op dësem Punkt de Statsrot suivéiert, da wier et eriwier gewiescht mat der Juegd wéi mer se haut kennen. An déi opgeworfte Problemer, déi ech elo opgeworf hunn, hätte sech an deem Mooss och net méi gestallt.

Mä dat hätt awer ganz aner, nei Froen opgeworf, notamment: Wie géif d'Käschte vun der Juegd iwwerhuelen? Wie kéim fir de Wëldschued op? Wie géif op d'Juegd goen? A wat wier iwwerhaupt d'Plus-value par rapport zum bestehende System?

Well mir awer an der Kommissioun zesumme mat der Regierung där Meenung sinn, an och waren, datt d'Jeeër hir Aufgab ganz gewëssenhaft erledigen a se wesentlech dozou bäidroen, dat ekologesch Gläichgewiicht ze garantéieren, si mir net mat op de Wee vum Statsrot gaangen. Och dat, denken ech, ass e Punkt, deen eng Kéier muss ganz kloergestallt ginn.

Den Intérêt général ass am Gesetz verankert. Et heescht zwar textuell net „la chasse est d'intérêt général“, mä et heescht „la chasse doit répondre à l'intérêt général“.

► **Une voix.**- Dat ass awer eppes anescht!

(Interruptions diverses)

► **M. Lucien Clement** (CSV).- Da loosst mech emol...

► **Une autre voix.**- Dir erkläert eis elo d'Différenz.

► **M. Lucien Clement** (CSV).- Also, ech sinn esou vill Jurist wéi Dir.

► **L'autre voix.**- Jo, jo!

► **M. Lucien Clement** (CSV).- Wann Dir vläicht herno wëllt eropkommen a mir juristesche Léiere ginn! Ech si keen, deen dat mécht.

► **L'autre voix.**- Neen, neen, dat maachen ech net! Mä Dir erkläert eis dat dann.

► **M. Lucien Clement** (CSV).- Jo, ech soen lech dat och elo! Fir e Jurist, ech weess et net, ass dat vläicht e schrecklechen Ennerscheed. Fir en Netjurist, wéi ech et sinn, ass den Ennerscheed net gradesou grouss, et ass bal d'selwecht...

(Hilarité générale)

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Dat ass eppes ganz anescht!

► **M. Lucien Clement** (CSV).- Jo!

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Fir all Mënsch!

► **Une voix.**- Voilà!

► **M. Lucien Clement** (CSV).- Jo, also ech wëll lech emol eppes soen, Här Kartheiser. Dir kënnt elei richtig domm laachen, sou vill wéi Der wëllt,...

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Jo,...

► **M. Lucien Clement** (CSV).- Dir sidd vläicht e Jurist!

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Neen!

► **M. Lucien Clement** (CSV).- Dir kënnt herno heihinnerkommen a mir dat erklären!

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Jo!

► **M. Lucien Clement** (CSV).- Mä Dir erkläert och...

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Gitt eis d'Riedezäit a mir maachen dat!

► **M. Lucien Clement** (CSV).- Oh, also, huelt dem Här Colombera der e puer ewech! Et deet mer elo scho leed, wat den Här Colombera seet am Respekt zu Ärem Parteipresident. Ech ka mer net virstellen, datt dat op där Linn läit, wat de Roby Mehlen déi leschte Kéier gesot huet.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Dach, dach!

► **M. Lucien Clement** (CSV).- Okay.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Absolut!

► **M. Lucien Clement** (CSV).- An den Här Henckes huet nach e puer aner Saache gezielt.

(Interruption)

Also, ech denken, et soll ee sech net un där enger oder un där anerer Versioun ze vill stéieren. An ech denken och net, datt dobaussen dee Jeeër, dee muss op d'Juegd goen, datt deen esou schrecklech vill mat deem Stéck Pabeier elei kann ufänken, ob dat „intérêt“ oder „répondre à l'intérêt général“ ass, ob dat dee schrecklech vill stéiert.

Ech wëll awer dozou och nach soen, an elo lauschtert gutt no, well do waart Dir nach net an der Chamber, wou dat gemaach ginn ass, duerfir lauschtert gutt no!

► **Une voix.**- Jo, wann Dir mengt.

► **M. Lucien Clement** (CSV).- Ech wëll duerfir och nach op e Passage aus der Motioun vum 21. Juni 2007 hiweisen, wou d'Regierung opgefuerdert gëtt, „...à définir clairement...“, an dat hutt och Dir matgestëmmt, d'Motioun.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Här President, ech muss direkt opposéieren. Mir hu se net matgestëmmt!

► **M. Lucien Clement** (CSV).- Net matgestëmmt. Voilà!

Da lauschtert elo awer no!

(Hilarité)

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Neen, ech wollt lech dat awer elo just soen, datt mer se net matgestëmmt hunn!

► **M. Lucien Clement** (CSV).- Da lauschtert elo awer no! „...à définir clairement dans la nouvelle loi...“

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Maja! Dir maacht lech et relativ einfach, fir...

► **M. le Président.**- Här Gibéryen, loosst elo den Här Clement ausschwätzen!

(Brouhaha)

Den Här Clement huet elo d'Wuert.

► **Une voix.**- De Premierminister huet dat als Slogan erausginn!

► **M. Lucien Clement** (CSV).- „...à définir clairement dans la nouvelle loi les objectifs de la chasse de façon à ce qu'ils répondent à l'intérêt général.“

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Voilà! Mir hunn et net matgestëmmt.

► **M. Lucien Clement** (CSV).- Deen deemolegen Ëmweltminister - et ass schued, datt en elo net hei ass -, den Här Lucien Lux, huet a sengem Exposé dunn dat heite gesot: „D'Juegd am 21...“ - elo soen ech d'„Juegd“, well en huet et esou gesot.

(Hilarité)

„D'Juegd am 21. Jorhonnert muss dem Intérêt général déngen a sech domat ekologesche Prämissen ënnuerdnen. Et ass en enormen Défi fir d'Jeeërschaft, dësse Aufgab gerecht ze ginn, an et verlaangt vun hinne e regelrechte Paradigmewissel. Den Intérêt général gëtt et net zum Nulltarif, mä e muss ekologesch legitiméiert sinn.“ Esou wäit den deemolegen Ëmweltminister Lucien Lux.

Och hien huet vum Intérêt général geschwat, nodeems mer déi Motioun haten, an net nëmmen an dësem elo grad zitéierte Passage vu senger Ried.

Ech soen dat just, fir ze weisen, wat domadder gemengt war. Ob dat „répondre à l'intérêt général“ oder den „intérêt général“ war, dat wäit Zäit an den Diskussiounen war, datt ee sech deem, wat den Intérêt général ass, deem muss dat Gesetz elei entsprechen. Dir kënnt awer elo de Contraire beweisen, Här Kartheiser.

(Interruptions)

Här President, dësse Gesetzesprojet besteet awer net nëmmen aus deene grad genannte Punkten. Et gëtt och nach eng Hällewull vun Neierungen a Verbesserungen, déi dozou bäidroen sollen, datt et zu engem grouse Fortschritt kënnt an datt mir wierklech e Gesetz kréien, dat dem Usproch vun engem Gesetz aus dem 21. Jorhonnert och gerecht gëtt. Et ass e Gesetz, dat dem Naturschutz, der Biodiversitéit an der Protektioun vu Flora a Fauna gerecht gëtt. Ech wollt duerfir nach kuerz zwee, dräi Punkte belichten, déi nei sinn.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Lucien Clement** (CSV).- E Juegdlos muss an Zukunft just nach 300 Hektar grouss sinn. Am initialen Text ware 400 Hektar virgesinn. Domadder kréien och d'Jeeër, déi méi kleng Louse wëllen, nun d'Méiglechkeet, eng Juegd ze pachten. Elei si mir ganz kloer enger

Fuerderung vun der Federatioun vun de Juegd-syndikater nokomm.

Och kritt de Pächter vun enger Juegd mat dësem Gesetz d'Méiglechkeet, aus engem Kontrakt auszutrieden. Dat war mat deem ale Gesetz net de Fall. E muss seng Klo um Zivilgericht areechechen, wann e Kontrakt vun där anerer Säit net konform agehale gëtt. Et ass an Zukunft e Contrat de droit privé an net méi e Contrat administratif.

Här President, nach eng Bemierkung zu den Ofschosspläng am Allgemengen. Ech weess net genee, no wat fir enge Kritären déi opgestallt ginn. Duerfir meng Fro un den Här Minister: Dat Wëld, oder besser gesot, déi Réi, déi duerch Autoen oder, besser gesot, duerch Autosaccidenter ëm d'Liewe kommen, deemno jo och net geschoss ginn, ginn déi mat berücksichtigteg? Dacks gëtt e Réi, dat iwwerrannt gëtt an dout ass, vum Autofuerer einfach matgeholl. Et kann och leie gelooss ginn. Et kann och nëmme blesséiert ginn an an där nächster Heck verenden, wou et dann no e puer Deeg vläicht vun engem Jeeër fonnt gëtt.

Alles an allem ass et méiglech, datt op engem Lous e puer Mammendéieren esou iwwert dës Wee verschwannen. An da muss een dat multiplizéieren. Falen an deem Joer zwéin, dräi Geessen iwwert de Wee vun Accidenter ewech, da bedeit dat fir dat nächst Joer tëschent 25 an 30 Réi manner an deem Areal. Duerfir meng Fro: Gëtt et doriwwer Statistiken oder gëtt dës Zuel einfach esou geschätzt? Oder ass et tout court eng Donkelziffer?

Ee Wuert nach zu där ominéiser Circulaire, wou de Minister de Syndikater noleet, méi spéit hir Generalversammlung ofzehalen. Mat Bléck op dat néit Gesetz sollen déi Generalversammlungen tëschent dem 1. Oktober an dem 30. November ofgehale ginn. Et ass ee Circulaire, et muss ee sech net drun halen. Et muss een awer wëssen, datt och ënnert där aktueller Jurisprudenz den Opposant éthique säin Terrain ka juegdfräi erklären, an dat ouni iergendwellech Obligatiounen. Ech hunn dat schonn am Ufank vu menger Ried entsprechend erkläert. Ech denken net, datt esou Muttwëllegkeeten iergendengem vun Notze sinn, virun allem och net dem Pächter vun deene Juegden. Den Här Minister, denken ech, wäert herno sécherlech selwer zu dëser Problematik och Stellung huelen.

Dës Retroaktivitéit, déi, juristesche gesinn, vläicht ufechtbar schéngt, ass awer zum Zäitpunkt vun der Lecture - an elo lauschtert, Här Etgen! -, zum Zäitpunkt vun der Lecture vun den Artikelen vu kenger Fraktioun - an ech betounen: vu kenger Fraktioun! - an der Kommissioun a Fro gestallt ginn! Iwwregens och net vum Conseil d'État. Do si mer eis jo eens.

► **Une voix.**- Jo.

► **M. Lucien Clement** (CSV).- Dat gesot, denken ech, konnt ech e kleng Bäitrag leeschten, fir e bësselche méi Rou a Besonnenheet an dësen Dossier eranzekréien. Ech wollt och nach soen, datt weder ech selwer nach de Gros vun de Kommissionsmitglieder an iergendenger Form dee wäertvolle Bäitrag vun de Jeeër zum Erhale vun der Natur a vun der Flora a Fauna a Fro stellen oder gestallt hunn. Et ass Ären Hobby, Dir Jeeër. Et ass och nach en Hobby, deen lech richtig vill Geld kascht. Och wann den Här Gira mengt, si hätten es genuch, mä et kascht awer. Dir leescht, wéi gesot, e wichtige Bäitrag fir d'Natur am Sënn vun Wuert. D'Politik an och d'Gesellschaft dobaussen hunn dat ze respektéieren.

Zum Schluss, Här President, wëll ech da Merci soe fir d'Nolauschteren. An ech wëll och den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Projet de loi bréngen.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Clement. Als nächste Riedner ass den Här Etgen agedroen. Här Etgen, Dir hutt d'Wuert.

► **Une voix.**- Schéiss kee Bock!

(Hilarité)

► **M. Fernand Etgen** (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Juegd ass ee Sujet, deen d'Leit beweegt. Dat beweisen déi emotional gefouert Diskussiounen an deene leschte Joren. Op kengem anere Gebitt ass esou laang an esou vill diskutéiert, debattéiert a gestridde ginn, ier ee sprochräife Projet der Chamber zur Ofstëmmung virgeluecht gouf.

Ganz perséinlech sinn ech der Meenung, datt deen zäitlechen, personellen a materiellen Opwand, dee ronderëm d'Juegd gefouert ginn ass, a kengem Verhältnis zu där Zäit steet, déi mer eis hei am Haus huelen, fir iwwer wichteg Zukunftsfroen, wéi d'wirtschaftlech a finanziell Zukunft vum Land, d'Situatioun vum Aarbechtsmaart oder och d'Schoulpolitik, ze diskutéieren.



► **Une voix.**- Da kommt, mir maachen et!

► **M. Fernand Etgen (DP).**- An awer ass et gutt, datt de Sujet, d'Juegd, enger déifgrënneger Diskussioun ënnerworf gouf. D'Juegd steet nämlech béis am Kräizfeier vun der öffentlecher Kritik an hir Existenzberechtigung gëtt an enger ziviliséierter Gesellschaft grondsätzlech vun enger Rei Leit a Fro gestallt.

Vill Juegdgéigner fannen hir Motivatioun an ethesch-moralesche Grënn, fir géint d'Doutmaache vun den Déieren an domat géint d'Juegd ze wideren. D'Mënscherechter, Ëmwelt-an Déiereschützer hunn haut ee ganz anere Stellwäert an der Gesellschaft, wéi dat vläicht virun 30, 40 oder 60 Joer war. Dat ass keng Modeerscheinung. Dat war och scho virun honnert Joer esou, well de bekannten Déierefrënd, Déiereschützer a bekennende Vegetarier Wilhelm Busch du scho sot: „Jeder Jäger wird mal ein Hase, früher oder später, denn die Ewigkeit ist lang.“

(Hilarité)

De Wilhelm Busch huet Recht behalen.

► **Une voix.**- Da beuecht dat do emol!

► **M. Fernand Etgen (DP).**- Haut ginn d'Jeeër gejoj, a wéi!

(Hilarité et interruption)

Wat d'Juegdgéigner net beuechten, ass d'Tat-saach, datt et nun ebe Wëld am Bësch gëtt, an datt de Wëldbestand reguléiert muss ginn, well déi meescht bejobar wëll Déiere keng natierlech Feinde méi hunn.

(Interruption)

D'Jeeër argumentéieren, datt d'Juegd eng Liewensastellung ass an een aktiven Asaz an der Natur während deem ganze Joer. D'Juegd muss awer deenen heitege gesellschaftlechen a besonnesch och ekologesche Verhältnisser ugepasst ginn. Duerfir brauche mer en neit Juegdgesetz. An dëst Juegdgesetz stellt d'Juegd hei zu Lëtzebuerg net a Fro.

Ee modernt Juegdgesetz muss awer och aneren Objektiv gerecht ginn: de Schutz vu Fauna a Flora ze garantéieren, d'Biodiversitéit ze erhalen, dem Bauer seng Kulturen ze schützen, de Bëschbestand vun de Sylvicul-teuren ze schützen, Epidemien a Seuche virzebeugen an esou weider an esou fort.

Ee Juegdgesetz ka bei all dësen Uspréich nëmmen ee Kompromëss sinn tëschent all deene Sensibilitäten, deenen et gëllt Rechnung ze droen. Et sinn dës wuelverstanen oft ganz géigesätzlech Uspréich vun deene verschidde-nen a verschiddensten Acteuren, an all dës Acteure konnte sech zu Wuert melle beim Hearing 2007 hei am Haus. Honnerte vu Säite goufen zesummegeschriwwen. Een Débat d'orienta-tion am Juni 2007 huet d'Schwéierpunkten, déi d'Gesetz erfëlle sollt, festgehalen: d'Relatioun tëschent Juegd an Naturschutz, ekologesche System an Déséquilibre, d'Fidderung, Syndika-ter, d'Juegdmethoden, den Ëmgang mam Wëld, de Wëldschued, d'Juegdzäiten, déi schiedlech Déieren, déi bejobar Déieren, alles ass aus deene verschiddenste Bléckwénkele gekuckt ginn.

Bei dësem Débat war ee sech op der polite-scher Bühn schonn iwwer viles eens. Den ent-sprechende Gesetzesprojet ass de Juni 2008 déposéiert ginn a sollt den 1. August 2009 a Kraaft trieden. Op kee Fall wollt een den Délai 2011 verpassen, well jo dann d'Konditioune festgeluecht ginn, fir déi lafend Pachtvertråg ze verlängeren. Iwwer 60 Amendementer vu Re-gierungssäit a vun der Kommissioun sinn uge-holl ginn, fir den Ziler vum Gesetz besser ge-recht ze ginn. An der zoustänneger Kommis-sioun war de Minister ëmmer kompromëssbe-reet. Et kann een also net vun Tocksäppegkeet vum Minister schwätzen. Et ass ëmmer de Ball an ni de Mann gespillt ginn.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen (DP).**- Ech wëll alle Be-deelegen aus der Regierung an aus der zou-stänneger Kommissioun Merci soe fir dat gutt Zesummeschaffen. Merci och dem Rapporteur fir säi präzise schrëftleche wéi engagéierte mëndleche Rapport. Ee modernt Juegdgesetz kann nëmmen am Mateneen an net am Géint-eneen zustane kommen.

D'Demokratesch Partei ass mat villem an dësem Juegdgesetz d'accord an huet sech an der Chamberskommissioun och konstruktiv um Débat bedeelegt a konkret Virschléi abruucht, wéi een d'Gesetz nach besser kéint maachen.

Kee kritt an esou engem Gesetz eng honnert-prozenteg Satisfaktioun. Ëmsou méi schued ass et, datt d'Regierung mat dësem Gesetz laang bekannten Deadlinen net agehalen huet. Ëmsou méi schued ass et, datt d'Regierung et schlussendlech awer fäerdeg bruecht huet, datt mer ee Gesetz heileien hunn, wou him Ufank u schonn de Wuerm dran ass. Ëmsou méi schued ass et, datt mer haut hei iwwer ee Gesetz of-

stëmmen, dat net zu méi Rechtssécherheet wäert féieren, mä wou et eng Hällewull vu Pro-zesser wäert ginn.

Aus dësem Grond kann d'Demokratesch Partei dëst Gesetz net stëmmen!

Net, well mer net och der Meenung sinn, datt mer no iwwer 85 Joer een neit Juegdgesetz brauchen;

net, well mer mengen, et géif net an déi rich-teg Richtung goen am Sënn vun enger natur-frëndlecher Juegd;

net, well mer net der Meenung wieren, deem exzessive Fiddere misst en Enn gesat ginn;

och net, well mer net der Meenung wieren, d'Densitéit vun eenzelne Wëlداarte misst dras-tesch erofgefuert ginn;

och net, well mer net der Meenung wieren, d'Juegd kéint eng Kontributioun leeschten zum Erhalt respektiv Erëmhierstelle vum ekologesche Gläichgewicht;

och net, well mer net der Meenung wieren, d'Juegd wier noutwendeg a misst konform zu engem Regelwierk ausgefuert ginn, dat ville Finalitéiten zugläich muss gerecht ginn;

an och net, well mer der Meenung wieren, d'Klappjuegd hätt keng Daseinsberechtigung. Si huet wuel nach wie vor hir Daseinsberechte-gung, grad wéi déi manner opwendeg Praxis wéi déi vum Usët;

an och net, well mer net der Meenung wieren, d'Juegd hätt keng dienend Funktioun. Si huet wuel eng dienend Funktioun, an dofir gëtt se och, wa se richtig ausgefuert gëtt, dem Inté-rêt général an den Exigenze vun enger nohal-teger Entwécklung gerecht. Net wa se egal wéi ausgefuert gëtt, well dann ass deen Intérêt général duerch eng inadequat Féierung a Fro gestallt.

Här President, d'DP wäert sech beim Vote vum neie Juegdgesetz enthalten, well den zoustän-nege Minister sech d'Fräiheet geholl huet, fir am Virfeld vum Vote sech op dënn politesch a juristescht Äis ze manövréieren.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen (DP).**- De Minister huet nämlech eng Circulaire erausginn, déi d'Juegdsyndikater opfuert, sech bis zum Akraafttriede vum neie Gesetz net méi un déi bestehend Législatioun ze halen.

► **Une voix.**- Oh, là, là!

► **M. Fernand Etgen (DP).**- D'Syndikater ginn opgefuert, d'Gesetzter, déi a Kraaft sinn, net unzewenden an ofzawaarden, bis dat neit Juegdgesetz a Kraaft ass. Weider seet de Minister a senger Circulaire, datt déi Décisiou-nen, déi opgrond vum ale Gesetz geholl gi sinn, fir null an nichteg erkläert ginn an dem Minister seng Approbatioun net fannen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Här President!

► **M. le Président.**- Här Etgen, erlaabt Der, datt den Här Gibéryen lech eng Fro stellt?

► **M. Fernand Etgen (DP).**- Selbst-verständlech, Här President.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Merci. Ech si frou, datt den Här Etgen zouléisst, datt ech déi Fro ka stellen. Hien huet elo erkläert, well de Minister déi Circulaire erausginn huet, aus där Ursach géif d'Demokratesch Partei sech ent-halen. Meng Fro un den Här Etgen wier: Wann déi Circulaire net erausgaange wier, wéi hätt d'DP da gestëmmt?

(Hilarité)

► **M. Fernand Etgen (DP).**- Also, jo, déi Fro hunn ech héieren, Här Gibéryen. Ech mengen, déi Erklärungen, déi ech amgaange sinn ze maachen, do wäert ech do derzou kommen.

(Interruption)

D'Demokratesch Partei ass mat de grondsätzle-chen Iwwerleeunge vun dësem Gesetz...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Hätt Der et da gestëmmt?

► **M. Fernand Etgen (DP).**- Dann hätte mer d'Gesetz gestëmmt.

► **Plusieurs voix.**- Aaahhh!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Ah. Okay, dat ass kloer.

► **M. Fernand Etgen (DP).**- No all deem, wat ech virauser gesot hunn, wëll ech am Fong résuméieren: Hei geet et ëm de Prinzip, datt d'Gesetzter kee retroaktive Charakter daerfen hunn!

Här President, et geet awer och ëm de Prinzip vun der Séparation des pouvoirs, fir iwwert d'Exekutioun vun engem Gesetz ze befannen, wat d'Chamber nach net gestëmmt huet. De Minister hält d'Chamber fir onmündeg. De Mi-nister setzt sech iwwert d'Chamber ewech. Dat ass an den Ae vun der Demokratescher Partei

schlechte politesche Stil. Dat kann an där eng Demokratesch Partei net akzeptéieren.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen (DP).**- Firwat disku-téiere mer haut an hei ee Projet, wann de Mi-nister scho längstens décidéiert huet, ob a wéi ofgestëmmt muss ginn? De Minister huet esou ee juristesche Flou geschafen. An der Zwë-schenzäit hunn nämlech schonn eng Rei Syndi-kater hir Generalversammlung aberuff. An ech froe mech, wéi de Minister aus där Sakgaass wëllt erauskommen, an déi e sech era-manövréiert huet.

(Interruption)

Här President,...

(Interruptions diverses)

...de Minister wousst vun Ufank un, wéini dëst Gesetz rechtlech misst a Kraaft trieden. Et war also eng vun de virdrénglechsten Aufgaben,...

(Brouhaha)

► **M. le Président.**- Ech bieden lech, dem Här Etgen nozelauschten!

► **M. Fernand Etgen (DP).**- ...dës Échéance am A ze behalen. Wien awer zur rechter Zäit Zäit verschenkt, kënnt mat der Zäit béis ënner Zäitdruck.

Ech hunn et virdru gesot: Et war erkläertent Zil vun den Auteuren, datt d'Gesetz sollt den 1. August 2009 a Kraaft trieden. De leschten Délai war den 1. Abrëll 2011, an elo ass et Mee 2011. Eppes ass elo scho kloer: Et wäert zu neie Gerichtsprozesser kommen. Dat hätte mer eis, bei där viller Emotionalitéit, déi dëst Gesetz souwiso hiergëtt, kënne spueren. Dat wäert eis d'Iwwergangsbestëmmungen nach méi schwéier maachen a wäert aner rechtlech Pro-blemer nozéien.

Ech kann de Minister wierklech net verstoen. De Minister steet ënner Drock, fir rechtskräfteg Uerteeler, iwwert déi vill diskutéiert gëtt, an d'Lëtzebuurger Législatioun ëmzesetzen, an da mécht hien dat zum Präis fir nei Kloe viru Ge-richt regelrecht ze provozéieren.

(Interruptions diverses)

Här President, aus de verschidde Reaktiounen vu Juegdgéigner, de Jeeër, de Propriétaires, de Syndikater, also quasi vun alleguerten, wësse mer, datt kee mat den Dispositiounen iwwert den Opposant éthique richtig oder glat a guer net zefridden ass. Och hei wäert et zu neie Pro-zesser kommen. Domadder hätte mir als De-mokratesch Partei kënne liewen. Hei hat de Lët-zebuurger Législateur keen anere Choix, wéi dat eenzegt rechtskräftegt Uerteel an d'Législa-tioun ëmzesetzen.

Mir bieden awer d'Regierung, déi zukünfteg Uerteeler genee ze suivéieren a gegebenenfalls direkt an d'Lëtzebuurger Gesetz ëmzesetzen. An dësem Sënn hu mir och d'Motioun, déi de Rapporteur virdrun déposéiert huet, mat ënner-schriwwen. A mir wäerten dës Motioun selbst-verständlech och matstëmmen.

Wann ee sech op dënn juristescht Äis begëtt, ass et schwéier, d'Kredibilitéit an de Vertrauens-virschoss fir aner kontrovers Froen ze kréien. Et ass nämlech esou, datt wichteg an essenziell Ännerungen eréischt no enger Transitionnspe-riod vun engem Bail a Kraaft trieden. Villes hänkt vun deene ville groussherzogleche Regle-menter of, deenen hire genaue Contenu mer net kennen. Villes hänkt och vun de souge-nannte Plans de tir of, déi an enger kooperati-ver Virgoensweis sollen erstallt ginn.

Och de Statsrot gëtt ze bedenken: «D'ailleurs, le Conseil d'État se doit de souligner que la fu-ture loi restera très largement tributaire du pouvoir réglementaire pour déployer sa vraie portée pratique.»

Här President, aus all deenen Ursache géife mir als Demokratesch Partei eis e konstruktiven Dialog tëschent allen Acteure wënschen, an-statt datt do, wou een deen aneren an d'Schinn ka rennen, et gemaach gëtt. Dëst Gesetz ass net esou schlecht, wéi et vu gewësse Kreesser gemaach gëtt.

Erlaabt mer, fir op e puer kontrovers Punkten am Detail anzegoen. Sou wéi den Här Clement gleewen ech net drun, datt vill Propriétaires vun hirem Recht Gebrauch maachen, fir hir Ter-rainen aus der Juegd erauszehuelen. Do, wou et gemaach gëtt, wäert et awer Problemer ginn.

Bei deene ville klenge Kadasterflächen, déi mer besonnesch bei de Privatbëscher hunn, wäert et fir de Jeeër schwéier ginn, ze wëssen, ob e sech op engem Terrain vun engem Opposant éthique befénnt oder net. An och den Hirsch wäert nach net mat engem GPS-System ausge-rüst ginn, deen him en Impuls gëtt, wann en zum Beispill op den Terrain spadséiert, agedroen am Kadaster ënnert der Nummer 012/007, um Lieu-dit Um Séchere Wee, schoss-sécher Land, 0,12 a grouss, deen engem Op-

posant éthique gehéiert. An och wäert de Réi-bock säi Smartphone net eraushuelen an am Geoportail um PCN, dem Plan cadastral numé-rique, nokucken, ob e sech op engem Terrain vun engem Opposant éthique befénnt. A wann dat esou wier, géif den Hirsch oder Réibock sech ëmdréien an Nee mam Gewei wénken. „Neen, Jeeër, hei daerfs de mech net schéis-sen!“

(Hilarité)

Dir gesitt, et ass net evident.

► **Une voix.**- Fernand, wat hues du ge-fëmmt?

► **M. Fernand Etgen (DP).**- Suerge maache mer och d'Regele vum Wëldschued, soubal een Opposant éthique am Spill ass. D'Beispiller aus dem Ausland weisen eis, datt dat net evident ass, an och hei wäert et zu Gerichtsprozesser kommen, déi fir Kloeerheet musse suergen.

D'Fiddere muss verbuede sinn. Fir d'Iwwerliewe vun den Déiere brauch nëmmen am äussersten, am alleräussersten Noutfall gefiddert ze ginn. D'Fidderen ass keng Preventioun vu Wëldschued a féiert am Géigendeel zu enger Iwwerpopulatioun. Mat der Lockfütterung oder dem Kirren ass e gudd Kompromëss fonnt ginn, besonnesch, well mer zu Lëtzebuerg kuerz Juegdzäiten hunn.

(Interruptions)

Och de Fëscher huet ee Wuerm un der Aangel. Et muss een d'Wëld op eng schounend Aart a Weis kënnen ulackelen, fir d'Stresszäit erofze-setzen. Et ass un der Natur- a Bëschverwaltung, dat néidegt Fangerspëtzegefill opzebréngen, fir dës Reglementatioun ze kontrolléieren.

Besonnesch d'Landwirtschaft, awer och vill aner Acteuren hu sech kloer géint d'Fidderen ausgeschwat. An dësem Punkt gëtt et keng Ee-negung tëschent Jeeër a Bauer. Besonnesch bei de Wëldschwäin sinn d'Schied ganz oft katas-trophal. Et muss definitiv eriwuer si mat de Schwéngsmäschtereie matzen am Bësch. De Problem vu grouse Wëldschwäin-Bestänn gëtt et iwwerall an Europa.

(Interruption)

Schold dorunner ass och de Klimawissel an ëmmer méi grouss Fläche vu Maiskulturen. Déi landwirtschaftlech Kulturen hu geännert: méi Mais, méi Raps a keng Rommele méi, dat heescht méi Schwäin a kee Fasan méi. Derbäi kënnt, datt fir d'Biogasanlagen de Mais méi laang stoe gelooss gëtt, mam Risiko vu katas-trophale Wëldschied.

Et ass déprimant fir de Bauer, wann iwwer Nuecht seng Kulturen, d'Resultat vu méinte-laanger Aarbecht, zerstéiert ginn. Et ass dépri-mant fir de Bëschbesëtzer, wa jonk Beem, déi jorzéngtelaang eropgewuess sinn, d'Spëtzen ofgebass kréien oder d'Beem geschielt ginn. Eng korrekt ausgefuert Juegd, fir déi ee vill Know-how brauch, ass hei déi wichtegst Pre-ventioun.

Vill Gedäisch gëtt och ronderëm déi souge-nannt Chasse administrative gemaach. Et geet hei ganz einfach drëm, den Ëmweltminister ze habilitéieren, op dës Juegdform zrëckzegräifen an deene Fäll, wou de Juegdpiechter senger dëngender Funktioun als Jeeër net kann, net wëllt oder net méi kann oder net méi wëllt no-kommen. Et gëtt schwaarz Schof ënnert de Jeeër. Eng Chasse administrative kann nëmmen dann organiséiert ginn, wann dat, wat et ze évitéiere gëllt, schonn agetrueden ass.

Optimal ass a bleift an eisen Aen e Jeeër, dee säi Révéier kennt, dee weess, wat do vir sech geet. Jo, e gudd Jeeër versteet vill vun der Na-tur, vun den Déieren, vun de Baueren hire Kul-turen. De Jeeër kennt den natierleche Rhyth-mus vun der Natur, wéini et gëllt, Kultur vu frësch gesatenem Mais ze schützen, wéini et gëllt, dem Schwéngswullen an de Véipärche virzebeugen, an et brauch ee vill Erfahrung, vill Wësse vun deenen Alen.

De Jeeër am Allgemengen huet oder hat dëst Wëssen. Eis Pappen a Grousspappen haten dëst Wëssen, well se Bauere waren, déi op d'Juegd gaange sinn an ee manifest Interessi haten, datt d'Juegd grondsätzlech ee virbeugende Charak-ter hat. Ganz oft brauch een e ganz Liewen, bis datt ee mat den Tücke vun der Natur eens gëtt. All dat léiert een net an der Schoul. A well mer Jeeër, responsabel Jeeër, Jeeër, déi sech hirer Responsabilitéit als onverzichtbar Acteuren am Naturkreeslaf bewosst sinn, brauchen, muss de Rôle vum Jeeër nei definéiert ginn, fir vu sengem negativen Image ewechzekommen.

De Jeeër traut sech net, ze soen, datt e Jeeër ass, fir sech net brauchen ze schummen. D'Kan-ner kréie just d'Bild vum Jeeër virgemoolt, deen d'Bambien doutmécht. Mir brauchen...



(Interruption)

► **M. Camille Gira** (*déi gréng*).- ...nach e bëssen anescht geklongen.

► **M. Fernand Etgen** (*DP*).- ...duerfir eng Informationsstrategie vun der Naturverwaltung zesumme mat der Juegdfederatioun, fir déi grouss Mass vun der Bevëlkerung op d'Objektiver vun enger korrekt ausgefouierter Juegd hinzewisen. Juegd a Jeeër mussen erëm salon-fäeg ginn.

► **Une voix**.- Très bien! Très bien!

► **M. Camille Gira** (*déi gréng*).- Se sollen hir Hausaufgabe maachen.

► **M. Fernand Etgen** (*DP*).- Mir mussen och bedenken, datt d'Altersmoyenne vun de Jeeër héich ass. An zéng Joer hu mer manner Jeeër. Déi Eeler sinn ëmmer manner bereet, fir sech ze engagéieren. Dat nationaalt Interessi hëlt of. Dat internationaalt Interessi hëlt zou. Ursaach ass ganz oft deen negativen Image, verbonne mat all deem, wat de Jeeër muss iwwer sech ergoe loosson.

Am däitsche Grenzgebitt zu Nittel, zu Wincheringen, zu Pärel gëtt et net nëmme vill Lëtzebuerger, déi do wunnen, mä bal exklusiv Lëtzebuerger Juegdpiechter. Och dat soll eis ze denke ginn. Hei gi vill Suen an d'Ausland exportéiert. Et gëllt duerfir och ze kucken, datt den Normalbierger och nach kann op d'Juegd goen. Mir sinn net méi am Mëttelalter, wou gewëssen Aktivitéite just enger gewëssener Klass a Kategorie vu Leit reservéiert waren.

Här President, als Demokratesch Partei si mir der Meenung, datt dat neit Juegdgesetz dee Kader bitt, fir datt d'Juegd, datt d'Roll vun der Juegd am 21. Jorhonnert hir verdéngte Plaz behält. Wann d'Jeeër zum Beispill kritiséieren, datt se an de Commissions cynégétiques régionales an der Minoritéit sinn, dann ass dat keng Fatalitéit. Dann ass d'Juegd net fundamental a Fro gestallt. Villméi geet et drëm, d'Juegd den Ufuerderung vun eiser heiteger Gesellschaft an enger nohalteger Gestiou vun der Natur am Sënn vum Erhale vun der Biodiversitéit an enger adaptéierter Exploitatioun unzepassen. Et geet och drëm, de Wëltschued a Grenzen ze halen.

D'Jeeër mussen unhuelen, datt si heiansdo hir Uspréich aneren Uspréich mussen ënneruerden. Mir soen dat als DP, well mer net wëllen zum Kompliz gi vun deenen, déi als schwaarz Schof ënnert de Jeeër gëllen.

Ech hu mat ville Jeeër geschwat. Ech hu vill nogelauschert. Ech hu vill bäigeléiert. Ech hu festgestallt, datt vill Jeeër dat genausou gesinn.

Här President, als Demokratesch Partei begrësse mir och, datt d'Juegdlose frësch definiéiert ginn. Fir d'Ziler vum Gesetz ze erreechen, mussen mer ewech vun de Gemengesektiungsgrenzen hin zu ekologeschen a juegdtechnesche Kritären, fir nei Grenze festzeleeën. Hei sollen dann topographesch, geographesch an hydraulesch Elementer mat abezu ginn. Déi al Gesetz si ganz oft blöd verlaf. Et gëllt och d'équilibréiert Gewichtung tëschent Bësch a Feld unzestriewen. Duerch nei Infrastrukturen, Autobunnen, Stroossen, gréisser Industriezone mussen d'Grenze vun Zäit zu Zäit nei fixéiert ginn.

Ausdrécklech begrësse mir, datt d'Mindestgréisst vu 400 ha op 300 ha erofgesat ginn ass, fir engersäits méi Jeeër ze erlaben, Fierschter ze ginn, an anersäits eng iwwerschaubar Gestiou ze erméiglechen.

Den neie Lotissementsplang gëtt duerch e groussherzoglecht Reglement arrétéiert a soll eréischt den 1. Abrëll 2021 a Kraaft trieden. Mir hunn also genuch Zäit, fir an engem Geescht vu Participatioun, Zesummenaarbecht a géigesäitegem Verständnis mat allen Acteuren dëst Reglement auszuschaffen. Dat ass de Wonsch vun der Demokratescher Partei: eng Virgehensweis vun ënnen erop, a keen Diktat vun uewen. D'Dispositioun, datt all Juegdlos no 18 Joer öffentlech versteet muss ginn, geet an déiselwecht Richtung, méi jonke Jeeër den Zougang zu engem Juegdlos ze erlaben.

Här President, an Zukunft geet d'Juegd jo och vum 1. Abrëll bis den 31. Mäerz, an net méi vum 1. August bis dee leschte Juli. Och dat ass begrënt opgrond vun de modernen Objektiver vum Gesetz. Éischtens, den 1. Abrëll ass am Juegdjoer eng roueg Zäit. Den 1. August war a voller Juegdzäit. Zweetens, mir befannen eis am Ufank vun enger neier Vegetationsperiod vu Fauna a Flora. An drëttens, den 1. Abrëll respektéiert den Ufank vun engem neie Produktiounszyklus vun de landwirtschaftleche Kulturen.

Ech hat et schonn ernimmt: Villes hänt och vun deene ville groussherzogleche Reglementer of, där hire genaue Contenu mer net kennen. Besonnesch d'Reglementer opgrond vum Artikel 9 sinn entscheidend, ob mer déi ambitiéis a villschichteg gesaten Ziler erreechen. D'Reglementer iwwert d'Öffnungszäite vun der Juegd op déi verschidde Wëlداarten, déi verschidde Wëlדtypen an iwwert d'Juegdmethoden.

Fir d'Reglement iwwert d'Sécherheitsbestimmungen, déi d'Jeeër an Drëttpersounen mussen respektéieren, hätt mir eis vum Législateur als Demokratesch Partei méi prezis Ziler an een definiéierte Kader am Gesetz gewënscht. Et sinn dëst d'Mesuren, fir d'Zesummeliwien tëschent Jeeër a Persounen, déi sief et sportlech oder récréativ am Bësch zirkuléieren, ze verbesseren. Parallel zu dësem Reglement gëllt et, ee Code de bonne conduite opzestellen. Sécherheet ass fir d'Demokratesch Partei e wichtegt Thema.

Normalerweis ënnerscheift keen ee Kontrakt, wann en net d'Konditiounen vun dësem Kontrakt kennt. Här President, Dir musst jo awer verstoen, datt kee Jeeër e Bail vun néng Joer kann ënnerschreien, wann en net weess, wat drastoe kënnt, wann en net weess, wat d'Konditiounen sinn. Duerfir mussen d'Ausféierungsreglementer esou séier wéi méiglech bekannt ginn.

Als Demokratesch Partei si mir der Meenung, datt all groussherzoglech Reglementer virun de Versammlungen a virun de Steeë misste bekannt sinn. Et geet hei ëm e finanziellen Engagement iwwer eng Period vun néng Joer. Et ass eng Fro vu voller Transparenz tëschent de Parteien, déi duerch de Kontrakt gebonne sinn engersäits, awer och eng Fro vun Eierlechkeet vun der Regierung, d'Spillregele virum Kontrakt festzeleeën, anerersäits.

Här President, et kéint een nach op vill aner Punkten am Detail agoen, wou een d'accord, prinzipiell d'accord ass oder wou een eng llicht aner Meenung huet. An den Ae vun der Demokratescher Partei ass et virun allem wichtig, datt, wann dëst Gesetz a Kraaft ass, all Acteure sech dem staarken Element vu participativer Demokratie, wat an dësem Gesetz verankert ass, bewusst sinn.

Villes wäert eréischt duerch d'Reglementer geregelt ginn. An duerfir kënnt der Aarbecht am Conseil supérieur de la chasse an an deene fënnel Commissions cynégétiques régionales eng enorm Bedeitung zou. Jiddweree soll hei fräi an offe seng Meenung kënne soen a säi Standpunkt kënne verrieden. Et ass déi Plaz, wou an Disziplin a Fairness géigesätzlech Point-de-vue sollen ausdiskutiert ginn. A kënnt et net zu enger Eenegung, da muss d'Verwaltung probéieren, an engem konsensuelle Geescht kohärent Décisionen ze huelen, déi den Objektiver vum Gesetz gerecht ginn.

Här President, d'Demokratesch Partei ka sech mat dësen Objektiver identifzéieren, wäert sech awer beim Vote vum Gesetz enthalten, well de Minister elementar Prinzipië vu Rechtsstaatlechkeet...

(Brouhaha général)

...violéiert huet, sech iwwer bestehend Gesetzer ewechsetzt, dëst Haus net respektéiert an ukënnegt, legal getrafen Décisionen net ze approvéieren.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. le Président**.- Merci dem Här Etgen. Als nächste Riedner ass den Här Roger Negri agedroen. Här Negri, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Roger Negri** (*LSAP*).- Här President, Dir Dammen an Dir Härten, als Éischt wëll ech dem Rapporteur a President vun der Kommissioun Fernand Boden Merci soe fir seng exzellent Rapporten.

(Mme Lydie Polfer prend la présidence.)

De Projet de loi iwwert d'Juegd, dee mer hei virleien hunn, huet eng laang Virgeschicht. Et ass scho vill gesot ginn, mä ech erlabe mer awer nach eemol drop zrëckzekommen, wat eigentlech den Ausléiser war, fir en neit Gesetz ze maachen. An deene ganzen Diskussiounen iwwer eenzel Aspekter vun der Juegd konnt een iwwer Jore llicht vergiessen, firwat mer eigentlech et gemaach hunn a wat d'Absicht vum Législateur war.

Ausgangspunkt war e Projet de loi iwwert d'Chasse administrative, deen am Mäerz 2005 déposiert gouf. Mir waren deemools der Meenung, dass et dréngend Problemer géife ginn, déi mer just mat enger geziilter, vum Stat organiséierter Juegd kéinte behiewen. An der Vergaangenheet gouf et Fäll vu Wëld, dat ausgesat gouf, respektiv vu Schwéngspesch, wou kuerzfristeg méi eng intensiv Juegd hätt misse stattfannen. Déi meescht Jeeër hu sech och un d'Recommandatioun vum Ministère gehalen, awer eben net all. Dat heescht, dass de beste-

hende System net iwwerall esou fonctionnéiert huet, wéi ee sech dat hätt kënne wënschen.

D'Aféiere vun enger Chasse administrative baséiert op enger Approche, déi dovun ausgaangen ass, dass de System am Allgemengen zefridde stellend wier, awer an eenzelne Revéier de Stat misst kënne agräifen, wann et net klappt. Derbäi koum am Joer 2007 den Arrêt Schneider c. Lëtzebuerger, deen eis op engem anere Punkt forcéiert hätt, d'Gesetz ofzeänneren.

A sengem Avis zum Projet de loi iwwert d'Chasse administrative war de Statsrot ganz onzefridden domat, dass de Législateur iwwer Jorzéngten ëmmer erëm punktuell Émännerungen un de Bestëmmungen, déi d'Juegd betreffen, virgeholl huet, esou dass mer um Enn eng grouss Zuel vun Texter hunn, déi net transparent an zum Deel souguer widderspréichlech sinn. De Statsrot huet verlaangt, dass e kohärenten, zesammenhängenden Text gemaach géif ginn, an deem all d'Bestëmmungen iwwerschaafft wieren.

Firwat war dat bis dohinner net gemaach ginn? Jiddweree war d'accord, dass et besser a méi einfach wier, esou en Text ze hunn, wéi eng Rei vu Bestëmmungen, déi net méi eben den heitege Virstellungen entspreche géifen an am Widdersproch zu aneren Dispositiounen sténgen. Trotzdeem huet d'Regierung sech laang gescheit, esou ee Projet unzegoen.

D'Juegd ass en extrem kontroverse Sujet, dee ganz ënnerschiedlech Interesse bereiert, déi onméiglech all kënne zefridde gestallt ginn an déi fir sech geholl awer all berechtigt sinn a mussen eescht geholl ginn. Et ass also forcément eng Aufgab, bei där ee sech op alle Säiten onbeléift mécht, wat jo net flott ass. Beléift mécht ee sech an esou engem Dossier just, wann ee sech kloer op d'Säit vun engem Interessegrupp oder enger Lobby schléit an dovun ausgeht, dass déi aner Säit souwisou rosen ass an engem fir e Kompromëss net Merci seet.

De Fait, dass dëse Projet de loi keng vun de Lobbye richteg zefridde stellt, ass dofir a mengen Aen en Zeechen, dass mer an der Regierung an an der Chamber virun allem dru geschafft hunn, dat beschtméiglecht Gesetz ze kréien, an net dorun, eng bestëmmte Clientèle ze zerwéieren.

A mir hunn eis et net einfach gemaach. Mir hunn un all interesséiert Interessegruppen e Questionnaire iwwert d'Juegd verschéckt. Mir hunn e groussen öffentlechen Hearing an der Chamber organiséiert. An der Kommissioun hu mer zu deem Sujet esou vill Sitzunge gehat wéi kaum zu engem anere Projet. Mir hunn eis d'Meenunge vun alle Säiten ugelauschert an d'Experten an d'Kommissioun geruff an nogelauschert.

Zum Ofschloss hu mir eis Konklusiounen an engem Débat d'orientation un d'Regierung weiderginn. D'Chamber hat d'Zousou vum deemolegen Émweltminister Lucien Lux, dass aus de Konklusiounen schnell e Projet de loi géif entsoen, an dat Versprochen huet en och gehalen.

Elo kann ee sech froen, firwat mer deen Débat esou wäit opgemaach haten. Notamment d'Jeeër selwer konnten offenbar schwéier verstoen, wéisou nach aner Leit bei esou engem Sujet dierfe matschwätzen, mat oder ouni Sachkenntnis iwwert d'Juegd.

Dat läit eben dorun, dass d'Juegd an déi Aart a Weis, wéi se bis elo praktizéiert gouf, en Impakt huet op aner Beräicher an d'Interesse vun anere Leit bereiert, déi net Jeeër sinn. Fir méi daitlech ze maachen, wéi schwierig et war, en Ausgleich ze fannen, wäert ech eng Kéier méi prezis op dës Interessen agoen.

Als Éischt dee gréisste Grupp vu Leit, déi a priori am mannste mat der Juegd ze dinn hunn: all déi, déi, ouni enger bestëmmter Vereenegung unzugehéieren, hir Meenung dozou gesot hunn. Et ass effektiv esou, dass kaum een indifferent der Juegd géigeniwwersteet. Dat ass zum Deel historesch begrënt an huet mam Image vun der Juegd ze dinn. Et ass nach fest an eise Käpp, dass d'Juegd emol de Privileg vum Adel war, e Sport fir Leit, déi keen Honger gelidden hunn, och wa se emol eng Kéier nääscht gefaangen hunn, während déi kleng Leit, fir déi et existenziell wichtig gewiescht wier, eppes weider am Kachdëppen ze hunn, d'Juegd ënner Strof verbuede kruten.

Déi Zäite sinn eriwuer. Mä et gëtt grouss Ënnerscheeder an Europa, wéi sech d'Traditioun vun der Juegd weiderentwéckelt huet. A Frankräich gouf d'Recht, fir op d'Juegd ze goen, am Kader vun der Revolutioun op einfach Bierger a virun allem op d'Bauern, déi souwuel Terraine wéi och en Intérêt un der Juegd haten, ausgezehnt. An Däitschland ass de Gedanke vum Privileg, dee sech eng Élite arrangéiert, dergéint nach staark vertrueden. An och hei zu Lëtzebuerger huet d'Juegd den Image vum Privileg.

En Indiz dofir ass zum Beispill, dass d'Juegd ganz aner Emotiounen an eiser Gesellschaft ervirriff wéi d'Fëscherei, déi an der Saach der Juegd jo awer ganz no steet. D'Gefill, dass eng Élite sech gewësse Rechter reservéiert, sech onberechtegterweis Virdeeler verschafft a sech net u Gesetzer hält an ongestrooft domat duerchkënnt, léist ganz schnell an der Bevëlkerung Roserei a Widerstand aus. An dat ass eigentlech och gutt esou, soulaang et déi Richteg treëft.

Eenzel Ereignisser, och wa se net representativ sinn, kënne den Androck a Besuch op d'Juegd immens verstärken. Wann och nëmme ee Jeeër engem Spadséiergänger säin Hond erschéisst, dee fortgelaf ass; wann och nëmme ee Juegdhond, deen net un der Léngt ass, eng Hauskaz erbäisst, mat där d'Besëtzer frau waren; oder wann och nëmme ee Jeeër sech am Toun vergräift, sech opspillt wéi e Groussgrundbesëtzer an de Spadséiergänger erkläert, si hätten am Bësch nääscht verluer, dann hannerléisst dat déif Spuren an der Opinion publique.

Dat ass en Aspekt, op dee mir hei an der Chamber keen Afloss hunn, mä et erkläert awer, firwat et esou wichtig war, d'Ausschaffe vun dësem Gesetzesprojet esou transparent wéi méiglech ze maachen, an och all Bierger, dee fäert, mir géifen hei enger Élite e moossgeschneidert Gesetz maachen, fir Privilegien ze zementéieren, mat an den Débat anzebannen.

En aneren Interessegrupp, deen allgemeng an der Bevëlkerung grouss Sympathien huet, sinn d'Déiereschützer. Et läit op der Hand, dass si sech beim Thema Juegd ugesprach fillen, schliesslech ginn hir Déiere gejoet an erschoss. Hir Ziler sinn och ganz einfach nozevollzéien. Am léifste wier et hinnen, wann et iwwerhaupt keng Juegd géif ginn. An zweeter Linn setze si sech derfir an, d'Juegd esou wäit ze limitéieren wéi et geet an op Juegdmethoden ze beschränken, déi fir d'Déiere méiglechst wéineg Stress a Péng verursaachen.

Fir de Législateur ass dat e seriöt Uleies. Et geet hei ëm eng ethesch Fro. An déi gi bekanntlech net no mathematesche Regeln, mä no engem gesellschaftleche Konsens beäntwert. D'Majoritéit an eiser Gesellschaft akzeptéiert, dass Déiere geziicht, gehalen an eventuell geschluecht ginn, wann et an hiren Aen noutwendeg ass, an d'Aart a Weis, wéi mer mat Déieren ëmginn, am Verhältnis zum Notze steet.

Et ass akzeptéiert, dass mer Hënn a Kaze just fir de Pléséier halen, soulaang mer eis gutt ëm se bekëmmern. Et ass akzeptéiert, dass mer Hénger a Schwäin schluechten, well mer hiert Flesch iessen. An et ass akzeptéiert, dass mer Déiere leide loosson, wa mer doduerch kënnen nei Medikamenter fir Mënschen entwéckelen, deenen doduerch ka Leed erspuert bleiwen, wann et dozou keng Alternativ gëtt.

Am Detail gëtt et an deene Froen och ganz vill ënnerschiedlech Meenungen natierlech, mä eppes ass ganz sécher: Et gëtt an eiser Gesellschaft e Konsens, dass een Déieren net aus Spaass därfer quälen oder doutmaachen. Dat gëllt ganz besonnesch fir Vertébréen, also Déieren, déi onëmstridden d'Péng esou fille méi mir an déi eis morphologesch genuch ähnelen, dass mir en emotionelle Besuch zu hinnen hinstellen.

D'Leide vun engem Déier moosst sech natierlech net dorun, ob et no mënschleche Kritäre léif ausgesäit oder net, mä d'Argument ass awer valabel. E Mënsch, deen ouni Hemmung an ouni Nout e jonken Hond oder eng kleng Kaz futti schléit, huet aus mënschlecher Vue eben e ganz anere Problem wéi een, deen ouni nozedenken eng Méck platt klappt an net kuckt, ob se direkt dout ass. An engem gewësse Mooss schützen d'Déiereschützer eis Mënschlechkeet an eis Fäegkeet zu Matgefill, an dorun hu mir all en Intérêt.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Roger Negri** (*LSAP*).- D'Juegd ass an där Hisiicht en heikele Sujet. Souguer wa mir eis an der Gesellschaft all eens wieren, dass d'Juegd wichtig an noutwendeg ass, ass et fir Déiereschützer schwéier ze verstoen, dass een dat als Hobby bedreift an et aus Spaass mécht. Verständlecherweis wieren d'Jeeër sech géint de Verdacht, dass si just aus Spaass op d'Déiere schéissen. Perséinlech gleewen ech och, dass d'Freed un dësem Hobby virun allem mat engem Interessi fir d'Natur zesummenhängt, mä et bleift awer, dass dat Eenzeg, wat d'Jeeër vun aneren Naturliebhaber ënnerscheet, wéi zum Beispill d'Ornithologen oder d'Hobbyfotographen, d'Tatsaach ass, dass si e Recht hunn, Déieren ze erschéissen, a vill Suen an Energie dora stiechen, dëst Recht ze erwerben.

An der Chamber kënne mir natierlech net iwwert d'Motivatioun vun eenzelne Leit decidéieren, mä de Gedanken, dass ee just an deene Fäll d'Juegd akzeptéiert, wou et en Notzen huet fir d'Allgemengheet, ass awer an d'Approche vum Gesetz mat agefloss.



En Notze gesinn ënner anerem och d'Bauren...

► **Une voix.**- Den Notzen, fir de Fuuss ze schéissen, Här Negri, wou ass deen?

► **M. Roger Negri** (LSAP).- Ech kommen do-drop!

► **Une voix.**- Gelift?

► **M. Roger Negri** (LSAP).- Ech kommen do-drop!

► **Une voix.**- Okay.

► **M. Roger Negri** (LSAP).- En Notze gesinn ënner anerem d'Bauern an d'Wänner an der Juegd. Si kréien et ze spieren, wann et eng Iwwerpopulatioun vu Wäld gëtt, dat op hire Felder a Wängerten no Fudder sicht. Si fuerderen dofir net, dass esou vill wéi méiglech Wäld ofgeschoss gëtt, mä virun allem, dass just esou vill wéi néideg agegraff gëtt, fir dass hire Wäldschued net ze grouss gëtt.

Och d'Naturschützer hunn en Interessi drun, dass eenzel Déierenarten net iwwerhandhuelen. Hiert Zil ass et, funktionnéierend Ökosystemer ze erhalen, mat enger méiglechst grousser Aartevillfalt. Den Naturschutz ass och eng prioritär Aufgab vum Stat, sou dass et fir d'Chamberskommissioun selbstverständlech war, och Ëmweltschutzgruppen ëm hir Meenung ze froen.

Am meeschte beträff sinn d'Terrainsbesëtzer, well d'Juegdrecht un de Grondbesëtzer gebonnen ass, an natierlech d'Jeeër selwer, ëm deenen hir Aktivitéiten et hei geet.

Här President, aus all deenen Interessen, déi ech elo opgezielt hunn,...

► **Une voix.**- Madame Presidentin!

► **Mme le Président.**- Den Här Negri huet ganz eleng d'Wuert. An, Här Negri, et ass guer kee Problem.

► **M. Roger Negri** (LSAP).- Madame Presidentin, aus all deenen Interessen, déi ech elo opgezielt hunn, huet all Partei, hunn d'Regierung an d'Chamber missen déi erausfannen, déi fir d'Allgemengheet am wichtegste sinn, an en Text ausschaffen, deen dësen Zilsetzung gerech gëtt. Domat wiere mir beim Intérêt général, e Sujet, dee fir vill Diskussiounen gesuergt huet an nach ëmmer suergt.

Et gëtt an der Regierung e Konsens, deen, souwäit ech weess, vun den Oppositionsparteie gedeelt gëtt, dass den Naturschutz an d'nohalteg Entwécklung en héije Stellwäert am Interessi vun der Allgemengheet hunn. Dozou gehéieren d'Erhale vun der Biodiversitéit an de Versuch, mënschlech Aktivitéiten esou anzuschranken, dass si den ekologeschen Équilibre net ze vill stéieren.

Doriwwer eraus ass et am allgemengen Interessi, opzepassen, wa bei wëllen Déiere Krankheiten ausbriechen, déi kënnen op de Mënsch oder op Hausdéieren iwwerdroe ginn an esou Epizootien, also Déierenepidemien, ze verhënneren.

D'Jeeër sinn der Meenung, dass d'Juegd déiselwecht Ziler verfolgegt an dofir kloer hätt misse an d'Gesetz stoe kommen, dass d'Juegd am allgemengen Interessi ass. Dee Punkt ass awer extrem ëmstridden.

D'Juegd kennt traditionell vill Spillaarten, an nëmmen e klengen Deel dovun iwwerschneit sech mat den Ziler vum Naturschutz. Et gëtt duerchaus Juegdpraktiken, déi kënnen zu engem ekologesche Gläichgewicht an zum Schutz vun der Biodiversitéit bäidroen. Et gëtt aner Aspekter vun der Juegd, déi iwwerhaupt näischt mam Naturschutz ze dinn hunn, déi awer kengem schueden an dofir problemlos kënnen akzeptéiert ginn. Et gëtt Juegdformen, déi aus ekologescher Siicht ouni Impakt sinn, mä aus Grënn vun Déiereschutz net akzeptabel sinn. An da gëtt et Elementer, déi e feste Bestanddeel vun der traditioneller Juegd sinn, mä den Ziler vum Naturschutz entgéintlafen.

Et kann een d'Fro op eng aner Manéier stellen: Brauche mir d'Juegd, fir d'Ziler vum Naturschutz a vum Gesondheetsschutz kënnen ze erreechen? Och doriwwer gëtt et an eiser Gesellschaft verschidde Meenungen.

An der Chamber gouf et awer ëmmer e Konsens, dass d'Juegd nëtzlech an heiansdo onëmgänglech ass, wa se am Sënn vun eisen ekologeschen Ziler duerchgefuert gëtt. Ech wëll dat wirklech ënnersträichen, dass keng Partei d'Ofschafe vun der Juegd gefuerdert huet a jiddwereen d'accord war, dass de bestehende System ëmmer nach dee beschten ass,...

► **Une voix.**- Très bien.

► **M. Roger Negri** (LSAP).- ...wann en op enger Rei vu Punkten adaptéiert gëtt.

Bei deenen noutwendegen Adaptatiounen komme mer awer erëm op eisen Ausgangspunkt zrëck. Nom Arrêt vum Mënscherechtsge-

riichtshaff an der Affär Schneider géint Lëtzebuerg mussen mir am Gesetz eng Méiglechkeet schaffen, déi et dem Opposant éthique erlaabt, net an engem Juegdsyndikat Member ze sinn an d'Juegd op sengem Terrain ze verbidden. Onofhängeg dovunner, wat déiselwecht Cour an ähnlechen Affären a Frankräich an an Däitschland décidéiert huet, si mir als Lëtzebuerger Land zu Stroossbuerg veruerteelt ginn a mir mussen eis deem Urteel elo beugen.

Och wa mir generell der Meenung sinn, dass eng ekologesch ausgerichte Juegd nëtzlech a wichteg ass, si mer awer d'accord, dass dës Instrument net ëmmer an iwwerall gebraucht gëtt. An där Logik begrësse mer och, dass de Stat sech am Kader vun dësem Gesetzesprojet d'Méiglechkeet opléisst, d'Juegd zäitweis an op bestëmmten Terrainen anzuschranken oder ganz ze verbidden. Et wär deemno disproportionéiert, e Propriétaire vu vieren an d'zwängen, d'Juegd op sengem Terrain ze verpachten. Dat, wat an den Ae vu menger Fraktioun zielt, ass hei d'Resultat.

Fakt ass, dass et op Terrainen, wou eng Juegd stattfënnt, zum Deel eng Iwwerpopulatioun vu Wäld an entspriechende Wäldschued gëtt. Soulaang et op Terraine vun engem Opposant éthique net méi Problemer gëtt wéi soss anzuschanken, sollt de Stat de Wonsch an d'Conviction vun dëse Propriétaires respektéieren. An alle Fäll behält de Stat jo d'Méiglechkeet vun der Chasse administrative, déi mer mat dësem Gesetz nei aféieren, wa konkret Situatiounen antrieden, wou de Wäldschued ze grouss géif ginn oder d'Gefor vun enger Epizootie besteet.

D'Propriétaires hunn deemno de Choix, ob se eng Gestiou vum Wäldbestand mat Hëllef vun der Juegd fir noutwendeg halen oder net, mä béid Systemer mussen sech dru moosse loosse, ob se d'Ziler, déi mer am Gesetz festhalen, och erreechen. Falls dat net geléngt, kann a muss de Stat agräifen. Dat schéngt mer eng fair Lösung ze sinn, mat där och jiddweree misst kënnen liewen.

D'Akzeptanz vun der Juegd hängt net zulescht vun der Aart a Weis of, wéi se duerchgefuert gëtt. An och dat wëlle mer mat dësem Gesetz punktuell änneren.

Madame Presidentin, als LSAP hale mir am neie Juegdgesetz folgend véier grouss Hauptpunkten zrëck:

D'Fidderung: Eng vun deenen ëmstriddenste Juegdpraktiken gëtt elo verbueden. Ech schwätzen dovun, dass d'Wäld massiv gefiddert gëtt, wat zum Deel zur Iwwerpopulatioun gefuert huet, déi mer haut kennen. De Fait, dass Abusen an deem Beräich keen Einzelfall sinn, schuet der Glafwierdegkeet vun de Jeeër, wa se soen, dass et hinne just drëm geet, e gestéiert ekologescht Gläichgewicht erëm hierzestellen. Dofir ass d'Fidderen elo verbueden, ohne Wenn und Aber, a gëtt och sanktionéiert.

Konkret heescht dat, Camioner voll mat alen lesswueren a faulem Brout an de Bësch ze tippen an dann deenen aneren Dag sech dohinne ze stellen an do Wäld ofzeschëssen, dat muss elo definitiv eriwuer sinn.

D'Kirren, also d'Lockfidderung, bleift erlaabt, wou mer de Jeeër erlaben, verschidde Wäldaarten op eng Plaz ze lackelen, well se soss net ze kréie sinn. Dat schéngt eis rasonabel ze sinn. Hei sinn d'Jeeër och elo gefuerdert, ze weisen, dass si dës och rasonabel ëmsetzen. A sollt d'Kirrung mëssbraucht ginn, fir doraus eng verstoppten oder onverstoppte Fidderung ze maachen, da muss dat konsequent geännert ginn an d'Kirrung och verbuede ginn. Dofir kommen d'Dispositiounen, wéi a wéi vill a wéini dierf gekirrt ginn, an e Règlement grand-ducal stoen, fir net iwwert de Wee vun engem neie Gesetz dës mussen ze änneren. Mä hei kann d'Regierung iwwer e Règlement grand-ducal séier a konsequent handeln.

Positiv ass och, dass fir verschidde Wäldaarten sougenannt „plans de tir“ kënnen erstallt ginn, sou dass kloer Ziler gesat ginn, wann an enger Regioun eng bestëmmte Wäldart iwwerhandhëlt. Ergänzend dozou ass d'Chasse administrative ze gesinn, wou de Stat kann agräifen, wann d'Virgawe vun der Naturverwaltung net respektéiert ginn a wann zum Beispill net indigène Déieren aus der Friemd ausgesat ginn, wat elo awer definitiv net méi dierf virkommen.

D'Gesetz ass also esou ausgeriicht, dass eng iwwerméissig Vermehrung vum Wäld verhënnert gëtt, fir dass een herno net massiv muss ofschëssen, fir déi Problemer, déi domat verbundene sinn, erëm an de Grëff ze kréien. Et ass kloer, dass dat an enger Iwwergangsphas net einfach gëtt, well mir, virun allem wat d'Wäldschied ugeet, op ville Plazen eng Iwwerpopulatioun hunn. Mä et ass ze erwaarden, dass dat sech elo mat der Zäit reguléiert an ännert, wann net méi gefiddert gëtt, a gläichzäiteg d'Juegd, wou néideg, verstärkt gëtt.

Grouss Diskussiounen gouf et och doriwwer, wéi wäit d'Juegd iwwerhaupt en Afloss op eng bestëmmte Populatioun huet. Besonnesch ëmstridden ass an der Öffentlechkeet d'Juegd op de Fuuss. Et ass nogewisen, dass d'Zuel vun de Fiiss no den Impfcampagnë géint d'Tollwut staark zougehoelt huet. An et ass och gewosst, dass vill Fiiss de Fuussbandwuerm hunn. Dee kann op de Mënsch iwwerdroe ginn, zemoos, wann d'Fiiss hir Territoiren op Dierfer a Stied ausdehnen.

Ëmstridden ass awer d'Fro, ob d'Juegd dozou bäidroen kann, dass dës Populatioun méi kleng doduerch gëtt. Verschiddenen Experten no vermehre se sech ëmsou méi, wa se duerch d'Juegd ënner Drock geroden.

D'LSAP ass der Meenung, dass esou spezifesch Froen mussen vun de Fachleuten am Ministère décidéiert ginn, soulaang de Prinzip, dee fest am Gesetz verankert ass, respektéiert gëtt, dass d'Juegd nëmmen dann erlaabt ass, wa se aus Siicht vum Naturschutz oder vum Gesondheetsschutz Sënn mécht. Dofir ginn esou prezis Froen och iwwer e Règlement grand-ducal geregelt oder kënnen zumindest vun Ministère iwwer Règlement grand-ducal ofgeännert ginn, esou wéi dat och bei der Definition vun de Wäldaarten de Fall ass.

En anerem, vill diskutéierte Punkt vun deem neie Juegdgesetz ass d'Regelung vum Wäldschued. Am Prinzip muss ëmmer dee fir de Wäldschued opkommen, deen d'Décisioun hëlt, ob a wéi intensiv eenzel Wäldarten gejoet ginn. An deene meeschte Fäll sinn dat d'Jeeër, well si jo d'Responsabilitéit iwwert d'Juegd op hirem Lous iwwerhuelen. Dat neit Gesetz suergt awer och derfir, dass d'Opposants éthiques, dat heescht, dass d'Leit, déi net wëllen, dass op hiren Terraine Wäld gejoet gëtt, dat och respektéiert kréien. Als Géigepartie mussen si och d'Responsabilitéit droen, wann et zu Wäldschued kënnt.

D'Gesetz gesäit nach eng drëtt Méiglechkeet vir. De Stat kann op eenzelne Plazen, wéi zum Beispill an engem Naturschutzgebitt, d'Juegd verbidden oder zäitweis suspendéieren. An deem Fall muss och de Stat fir de Wäldschued opkommen.

Madame Presidentin, als Konklusioun a fir zum Schluss ze kommen, wëlle mer als LSAP festhalen, dass mer mat dësem neie Juegdgesetz versicht hunn, e Kompromëss ze sichen, fir deene verschiddene Points de vue an der Gesellschaft Rechnung ze droen. Mir hunn e Gesetz ausgeschafft mat der gréisstméiglecher Participatioun vun alle Meenungsgruppen aus eiser Gesellschaft. Mir hu laang a vill diskutéiert.

Als Chamberskommissioun hu mer e Questionnaire verschéckt. Mir haten en Hearing an der Chamber. Mir haten en Débat d'orientation an der Chamber, wou mer der Regierung eng Motion mat op de Wee ginn hunn, wat mer eis virstellen, wéi et soll am Gesetz stoen. An esou gesäit d'Gesetz an de groussen Zich och haut aus. Dofir soen ech Merci.

Mir hunn net einfach hei eng europäesch Direktiv ëmgesat an nationaalt Recht. Mir hunn déi partizipativ Demokratie voll spille gelooss, an elo hätte mer och gären, dass dat och respektéiert gëtt, wéi dat sech an enger demokratescher Gesellschaft gehéiert.

Jo, Madame Presidentin, mir hu laang, ganz laang diskutéiert, fir Verschiddener ze laang. Anerer hätte gär gehat, dass mer nach méi laang waarden. Mä et gëtt eng Zäit, fir ze diskutéieren, an et gëtt eng Zäit, fir ze décidéieren. An dat ass am Juegdgesetz haut de Mëtteg de Fall.

Domat ginn ech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **Mme le Président.**- Ech soen dem honorebelen Här Negri och Merci. An ech géif dann als nächstem Riedner dem Här Gira d'Wuert ginn.

► **M. Camille Gira** (déi gréng).- Madame Presidentin, léif Kolleeginnen a Kolleegen, rar ass, dass en Thema iwwer Joren esou vill Welle schléit, esou d'Gemiddere beweegt, fir esou vill Opreegung suergt wéi d'Juegd.

Et gëtt eng ganz Rei Ursaachen derfir, déi hu mam Fong ze dinn. Et sinn och eng Rei vu menge Virriedner, déi dat schonn erwähnt hunn. Ech mengen, alles, wat mer erlieft hunn, huet awer och mat der Form ze dinn. Mat der Form an der Aart a Weis, wéi an enger representativer Demokratie Décisiounen geholl gi bei kontroversen Themen.

Et geet hei ëm d'Fro: Wie kritt Recht? D'Majoritéit vun de Leit mat hire gudden Argumenter, oder eng Minoritéit mat vill Afloss a vill Geld? déi gréng sinn net zefridde mam Fong vun dësem Gesetz - dozou kommen ech méi spéit -, mä déi gréng sinn awer frou, dass an dësem

Dossier net déi mam groussen Afloss a mam ville Geld gewonnen hunn.

Ech mengen, wann dat esou ass, dann ass dat de Mérite vun dëser Chamber hei. Jo, et ass richtig, mir hunn iwwer aacht Joer zu deem Thema diskutéiert. Ech wëll awer och nach eng Kéier, fir dass d'Geschicht hei net verdréit gëtt, drun erënneren, dass et eigentlech déi gréng Fraktioun war, déi mat enger Demande 2003, fir en Débat d'orientation unzekerbelen, eigentlech de Steen un d'Rulle bruecht huet.

Mir hunn net nëmme laang iwwert dat kontrovers Thema diskutéiert, mä virun allem hu mer öffentlech d'riwwer diskutéiert. An dat ass jo dee groussen Ënnerschied. Wann hanner zouenen Dieren diskutéiert gëtt, da sinn déi staark, déi vill Geld an déi vill Afloss hunn. A wa mer öffentlech diskutéieren, da kann et emol sinn, dass déi wannen a virukommen, déi gutt Argumenter hunn. An ech mengen, dat ass hei an enger verbildlecher Aart a Weis vun dëser Chamber gemaach ginn, iwwer dräi Legislaturperioden ewech.

Ech deelen d'Meenung vun deenen, déi hei soen, dass et an eiser Gesellschaft méi wichteg Thema gëtt wéi d'Juegd. Do si mer eis allegueren eens. A mir als Gréng kënnen zéng Themen nennen, wou mir scho jorelaang an dëser Chamber géifen op déi hei Aart a Weis Themen ugoen. Mir hunn Zukunftsdescher gefrot iwwert d'generell Entwécklung vun dësem Land. Mir hu scho laang gefrot, dass mer iwwer substanzuell Thema wéi Tanktourismus an aner diskutéieren.

Wat hënnert, Madame Presidentin, dës Chamber dann drun, an anerem, méi wichtige gesellschaftlechen Themen déiselwecht Aart a Weis un den Dag ze leeë wéi dat, wat mer hei gemaach hunn? Musse mir ëmmer eng Regierung hunn, déi eis hei Texter virleet a wou mer dann nach just däreife jo oder nee soen, oder heiansdo, wa se fein mat eis sinn, och nach däreifen deenen een oder anerem Amendement huelen?

Eigentlech war jo d'Séparation des pouvoirs anescht geduecht. Et war jo eigentlech geduecht, dass d'Legislativ déi grouss Orientatiounen an der Gesellschaft festleet an dann enger Exekutiv - esou wéi et och esou schéin heescht: Exekutiv - d'Mission gëtt, dat ze maachen, wat se gesot huet. An nach eng Kéier, ech fannen, dass dat awer hei grondsätzlech erfëllt ginn ass.

Wéi gesot, mir waren och deemools mat där Motion vum Débat d'orientation net ganz zefridden. Mä ech ginn awer deene Recht, déi hei gesot hunn, dass hei eng Regierung higaangen ass an huet eng Motion vun der Chamber, déi majoritär gestëmmt ginn ass, praktesch Wuert fir Wuert ëmgesat. Ech fannen dat schonn en exemplareschen Exercice!

Et ass schued, dass mer deenen net méi dacks maachen. Wier an der Zäit esou eng Diskussioun iwwert d'Atomenergie gefuert ginn, a géife mer muer zum Beispill esou eng Method uwenden, fir iwwert d'OGMen ze diskutéieren, da géif et déi zwou Technologien net ginn, well da géifen déi mat de gudden Argumenter - wéi mer et bei der Atomenergie elo viru kuerzem leider erëm virgefuert kritt hunn, a wou mir als Gréng iwwerzeegt sinn, dass mer och eng Kéier déi katastrophen Konklusiounen iwwert d'OGMen an der nächster Generatioun wäerte gesinn -, da wieren esou Technologie vläicht guer net an d'Welt gesat ginn. Mä wann een de Lobbyen an de Kulissen d'Muecht iwwerléisst, da brauch ee sech net ze wonneren, wat hei geschitt.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Camille Gira** (déi gréng).- Dat heescht, et ass emol eng Kéier bei engem kontroversen Thema op d'Argumenter ukomm. Dat ass vill ze rar an eiser Gesellschaft. A well et op d'Argumenter ukomm ass, ass et fir mech och kloer, dass d'Jeeërfederatioun nëmme konnt verléieren!

Well si hunn, Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, ganz einfach schlecht Argumenter, well d'Realitéit um Terrain widderleet ëmmer erëm hir Behauptungen.

Als Alleréisch ass et kloer, dass d'Jeeër hir Aufgab net méi gerecht erfëlle kënnen, wa mer 700.000 Euro Wäldschued pro Joer hunn, wann eng Naturverjüngung net méi méiglech ass, an dat huet de Forstdirekter méi wéi eng Kéier confirméiert.

Ech fannen, dass hei an engem spannende Buch, wat „Jagdwenne“ heescht a wat vun engem Jeeër geschriwwen ginn ass, awer een, dee verstanen huet, ëm wat et geet - ech géif



iwwregens jiddwerengem, dee wëllt verstoen, firwat dass och dat Thema esou vill Welle schléit, recommandéieren, dat Buch emol ze liesen -, deen nennt dat, wat do am Bësch amgaang ass ze geschéien: „Waldsterben von unten“, well et geschwënn net méi wäert méiglech sinn, en Naturbësch vun ënnen erop ze kréien, well d'Wëldzuelen esou héich sinn, dass dat net méi machbar ass.

Mä net nëmmen, dass d'Jeeër de Problem vun den héije Wëldbestänn net geléist kréien. Si sinn de Problem! Si sinn de Problem virun allem mat deem iwwerméisseg Fiddren. Ech wëll nach eng Kéier un déi Étüd vun der Madame Cellina erënneren, déi erausfonnt huet, dass net e puer Käre Mais sech an de Mee vun de Wëldschwäin erëmmanen, mä 40% vun all der Nahrung, déi do an de Mee vun de Wëldschwäin fonnt ginn - dat war zu der Zäit vun der Schwéngspesch, dat war wierklech Mais!

Ech kann lech och weisen, dat kombinéiert - d'Fidderung kombinéiert mat der Aart a Weis, wéi d'Jeeër schéissen - féiert dozou, dass mir déi Iwwerpopulatioun hunn. Hei ass eng Grafik - et ass vläicht e bësse schwéier, vu wäit ze gesinn, mä et geet awer vläicht duer - aus enger Lëtzebuerger Jeeërzeitung, déi weist, wéi een aus zwee Réi am Joer 2001 net nëmmen zwee Réi am Joer 2004 huet, mä der zwielef!

Et kann een, jee nodeem wéi een ofschéisst, derfir suergen, dass e Wëldbestand konstant bleift. Mä et kann een awer och, jee nodeem wéi ee schéisst, derfir suergen, dass een no fënnel Joer sechsmol esou vill Wëld am Bësch huet.

A genee dat do fënnst sech an enger Jeeërzeitung, fir dass jiddwereen awer och am Lëtzebuerg Land weess, wéi een dann aus zwee Réi der zwielef mécht, fir dass seng Kolleegen, wa se dann op d'Klappjuegd kommen, och genuch virun d'Fléit kréien. Dat do ass d'Realitéit um Terrain, an dat sinn déi sachlech Argumenter, déi natierlech vun enger Jeeërfederatioun ganz schwéier ze widerleeë sinn.

Dat Zweet, wat och scho gesot ginn ass, dass natierlech och d'Jeeër an d'Juegd sech fundamental an deene leschte 40, 50 Joer geännert hunn. Ech war e bëssen iwwerrascht, wéi de President vun der Jeeërfederatioun op hirer Manif gesot huet, an ech probéieren eenegermoosse korrekt hei ze zitieren: „Mir si Baueren, Wënzer, Beieleit, Bëschleit.“ Madame Presidentin, wann dat nach esou wier, da géife mer hei de Mëtteg net diskutieren. Mä do ass d'Wierklechkeet och eng ganz aner. Op ville Plazen ass d'Klappjuegd näischt anescht wéi eng aner Form vu Rotary Club.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Camille Gira** (*déi gréng*). - An den Här Jacobs huet behaupt, d'Jeeër wieren Naturschützer! Ech froen lech, Madame Presidentin: Wat huet dat mat Naturschutz ze dinn, wann ech illegal Déierenarten aussetzen, déi net heihi gehéieren? Ass Naturschutz, wann ech dausende Fiiss erschéissen, obwuel d'Tollwut längst ausgerott ass? Géift Dir lech, Madame Presidentin, als Naturschützerin bezeichnen, wann Der mëttwochs e Fasan aussetzt an deen da samschdes oder sonndes ofschéisse gitt?

An et ass keen Naturschutz, mä et geet géint all Regele vun der Natur, wann ech mat schwéiere 4x4 Tonne Mais an aner Nahrungsmëttel an de Bësch féieren. Domadder gëtt d'Selbstregulatioun vun der Natur ausser Kraaft gesat! Do mécht ee méi Schued, wéi wann ee seet: De Wollef oder de Bier ass net méi do.

A well d'Jeeër insgesamt an der Defensiv sinn, huet d'Jeeërfederatioun... An ech wëll hei e groussen Ennerscheid tëschent der Jeeërfederatioun an de Jeeër maachen, well ech mengen - an dat kritt een och ze héieren -, nach laang net all Jeeër um Terrain si mat deem, wat eenzel Leit an der Jeeërfederatioun esou vu sech ginn, d'accord.

Mä wann ee keng gutt Argumenter huet, an et gëtt awer öffentlech iwwer en Thema diskutiert, da muss een natierlech aner Methoden uwenden. Do ass Drock gemaach ginn hannert de Kulissen. Ech wëll emol drun erënneren, dass beim Débat d'orientation op eemol, 14 Deeg iert den Text sollt ofgestëmmt ginn, ganz nei Momenter komm sinn an nei Texter erakomm sinn, déi mer ni an der Kommissioun diskutiert hunn.

Et gëtt och individuellen Drock gemaach vun dëser Federatioun. Ech weess net, ob Der eng aner ONG kennt, déi wëllt engem Minister virschreien, wéi eng Leit op sengem Ministère fir eenzel Rubriken an eenzel Secteure responsabel sinn? Madame Presidentin, ech fannen dat bedenklech, wann eng ONG sech net

scheit, och nach öffentlech derfir ze suergen, dass Beamte sollen ofgesat gi vun deem Job, dee se kreeiert huet. Dat geet wierklech ganz wäit.

An déiselwecht Methode passt, dass déi Federatioun systematesch Prozesser géint Lieserbrëfeschreier a -schreierinne mécht, fir déi monddout ze maachen. Et gëtt och Drock gemaach op Leit, déi onbequem Wourechte soen. Dat ass jo awer schonn net schlecht, an do gesäit ee jo awer, dass déi Leit kee Manktum u Suen hunn.

Ech verstinn net, dass den Här Clement sech Suerge mécht ëm déi Leit, dass d'Juegdlosen ze deier sinn. Wann ech gesinn... Ech kennen och keng aner ONG, déi sech kann eng ganz Säit am „Lëtzebuerger Wort“ kafen, ouni iwwerzeegend fir hiert Thema ze werben an ouni positiv an alternativ Virschléi ze maachen, mä just fir Drock géint dat neit Gesetz ze maachen, an dann zum Schluss näischt anescht ze froen huet wéi: „Camille Gira sollte seinen Hut nehmen“, well ech ganz korrekterweis dat däitscht Juegdgesetz a Verbindung mam Reichsmarschall Göring bruecht hunn.

Een, dee fënnst, dass dat iwwerdrifwen ass, dee ka ganz gären op Google goen a „Reichsjagdgesetz“ an „Göring“ aginn. Da wäert Der ongefëier bei 5.000 Frappé landen. An een, deen dann nach ëmmer net iwwerzeegt ass, deem kann ech nach eng Kéier dat Buch hei recommandéieren, an da gesäit en, vu wéi engem Geescht dass dat aktuellt däitscht Juegdgesetz nach ëmmer geprägt ass.

► **M. Jean Colombero** (*ADR*). - Madame Presidentin!

► **M. Camille Gira** (*déi gréng*). - Esou wäit zu de Methode vun deene Leit. An et hat ee gemengt...

► **Mme le Président.** - Här Gira, erlaabt Der, datt den Här Colombero lech eng Fro stellt?

► **M. Camille Gira** (*déi gréng*). - Jo, gären.

► **M. Jean Colombero** (*ADR*). - Jo, Här Gira, ech fannen, Dir gitt elo e bëssen ze vill perséinlech. Ech mengen, bleift bei der Matière!

(*Interruption*)

Well Dir maacht hei näischt anescht wéi eng Chasse à l'homme.

► **M. Camille Gira** (*déi gréng*). - Wat gelift?

► **M. Jean Colombero** (*ADR*). - Dir maacht hei näischt anescht wéi eng Chasse à l'homme. Et deet mer leed. Bréngt emol Argumenter vir, wann ech gelift! Sidd méi neutral, well dat do ass einfach net richtig!

► **Mme le Président.** - Här Colombero, dat do war zwar elo net wierklech eng Fro. Dat do war eng Stellungnahm. Dir kritt jo herno nach d'Wuert. Dir kënnt jo dann dorop zrëckkommen. Den Här Gira huet elo...

► **M. François Bausch** (*déi gréng*). - Ech hu keen Numm héieren. Chasse à l'homme ass, wann een op ee viséiert. En huet nach keen Numm gesot.

► **Mme le Président.** - Ech géif lech bieden! Den Här Gira huet elo eleng d'Wuert, a mer sollen och dem Här Gira elo bis zum Schluss nach nolauschten. Den Här Gira huet nach fir eng ganz Zäit Zäit, fir seng Iwwerleungen duerzbréngen. An duerno kënnen déi aner Riedner jo dozou Stellung huelen. An dozou gehéiert als Nächsten den Här Colombero.

► **M. Camille Gira** (*déi gréng*). - Ech mengen, Här Colombero, de Minimum, wat mäi Recht ass...

(*Interruption*)

Här Colombero, pardon. Elo hutt Der mech ganz duerjerneebruecht, gesitt Der. Elo verhalen ech Ären Numm schonn net méi.

(*Brouhaha*)

De Minimum, wat een als Deputéierten d'Recht huet, dat ass, wann een op enger ganzer Säit am „Lëtzebuerger Wort“ ugedroht kritt mat gerichtliche Prozesser...

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Camille Gira** (*déi gréng*). - ...an et kritt ee gesot, et soll ee säin Hutt huelen, just well een d'Wourecht gesot huet, nämlech dass de Geescht vun deem aktuellen däitsche Juegdgesetz nach ëmmer geprägt ass vun där Zäit, wou e gewëssenen Här Göring déi Zäit säin Onwiese gedriwwen huet, da muss et méiglech sinn, dat hei ze zitieren, fir ze soen, fir ganz kloer an däitlech ze maachen, mat wéi enge Methoden dass déi Leit do virginn!

An ech mengen, een, deen och vun deene Methode ka schwätzen zënter der Manifestatioun op der Place Clairefontaine, dat ass de Minister Marco Schank. Do si se nämlech d'selwecht virgaangen. Ech froen lech, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wann eng Ëmwelt-ONG

eng Kéier géif mat engem Ëmweltminister esou ëmgoen, wéi d'Juegdfederatioun mam Marco Schank ëmgaangen ass, da géif ech emol gären héieren, wat hei en Opschrei géif duerch d'Land goen.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Camille Gira** (*déi gréng*). - An da géifen déi Leit als Terroristen an ech weess net wat beziechent ginn. Ech froen lech: Mat wéi engem Recht dierf ee Minister, dee sech an deem Dossier hei näischt, an dat kann ech och bezeien, obwuel ech net mam Fong mat em d'accord sinn, mä déi Aart a Weis, wéi hei dat Gesetz am Parlament traitéiert ginn ass, ass exemplaresch. An en huet sech alles virzeweeren, mä bestëmmt net, dass en net op d'Leit gelauschtert huet.

Wann dann e Minister bis zur Situatioun vu sengen Elteren a Famill an esou weider sech muss allerhand gefale loosser, ech fannen dat ganz éierlech skandaléis! An et huet mech e bëssen iwwerrascht, dass ech dann hei de Mëtteg dat Gefill hat, eenzel Riedner géife sech éischer um Kongress vun de Jeeër befannen, wéi hei awer deene Leit och ze hëllefen, ganz e bëssen den Diks ze richten.

Wann dat doten d'Aart a Weis ass, wéi mer méi schwierig gesellschaftlech Problemer wëllen zu Lëtzebuerg ausdroen, mä dann: Gare la mine! Gare la mine!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Camille Gira** (*déi gréng*). - Ech soen lech ganz éierlech, wéi ech eenzel Leit gesinn hu mat Schaum virum Mond a wat se gesot hunn, da froen ech lech ganz éierlech, ob mer eis nach wierklech kënnen erlaben, esou Leit mat engem Gewier duerch de Bësch an iwwer Felder ze schécken!

(*Hilarité*)

Do fänt et un, wierklech geféierlech ze ginn.

► **Une voix.** - Très bien!

(*Brouhaha*)

► **M. Camille Gira** (*déi gréng*). - Mä eigentlech, Madame Presidentin, bräicht ech mech net esou opzereegen, well ech mengen,...

► **Mme le Président.** - Do hutt Der bestëmmt Recht.

► **M. Camille Gira** (*déi gréng*). - ...dass d'Jeeërfederatioun deenen anstännege Jeeër mat där Manifestatioun an deem, wat se do gemaach hunn, och iwwerhaupt keen Déngscht gelescht huet. Well ech hunn duerno keen normale Mënsch, dee bis elo eppes mat dem Thema Juegd um Hutt hat, begéint, deen dat do net ënner aller Clarinette fonnt huet. An ech mengen, d'Jeeërfederatioun huet elo domat derfir gesuergt, dass wierklech déi lescht Frënn, déi se haten, och nach op déi aner Säit gewieselt hunn.

Duerfir wollt ech, trotz deenen onméigleche Methoden, déi do vun enger gewësser Säit ugewannt si ginn, hei och am Numm vun der grénger Fraktioun e Merci ausdrécken. E Merci un den Här Lux, deen, ouni dass et an engem Regierungsprogramm stoung, gesot huet: „Mir maachen e Gesetz opgrond vun der Motioun.“

E Merci un den Här Schank, deen, trotz deem Drock, deen, wéi et escht ginn ass, op hien ausgeübt ginn ass, d'Staang riicht gehalen huet. An och e Merci un de Rapporteur Fernand Boden, dee sech ganz séier an d'Thema erageknéit hat an deen och ëmmer an der Kommissioun, och wa mer inhaltlech Differenzen haten, déi ganz Diskussioun korrekt, objektiv a sachlech gefouert huet. Och dat ass eng exemplaresch Aart a Weis, wéi een an engem Dossier ka virkommen.

Ech wollt awer duerno dann op den Inhalt kommen an och betounen, dass déi gréng deemools net nëmmen en Débat d'orientation ugefrot hunn, mä och direkt - wëll ech betounen - 13 ganz konkret Fuerderungen op den Dësch geluecht hunn. An och dat, Madame Presidentin, ënnerscheet eis vun der Jeeërfederatioun.

Ech hu bis haut, léif Kolleeginnen a Kolleegen, nach keng konkret Proposen, nach kee konkreten Text vun där Säit gesinn, wéi dann d'Jeeërfederatioun sech eng Juegd am 21. Jorhonnert virstellt. Dat Eenzege, wat ech gesinn hunn, dat ass Obstruktioun, dat ass géint en neit Gesetz, géint d'Méiglechkeet, dat vum Opposant éthique ze maachen, also näischt anescht wéi Mënscherechtsuerteeler zu Lëtzebuerg ëmsetzen, géint all Ännerungen, déi hinne net an de Krom passen. Ech fannen, och dat ass e groussen Ennerscheid an dat weist och, wéi eng schlecht Argumenter dass se haten.

Mir hunn eis deemools scho bei deenen 13 Fuerderunge wierklech vum Ëmwelt- an Déiereschutz leede gelooss. A mir hu jo viru kuerzem, léif Kolleeginnen a Kolleegen, déi do Rechter

hoffentlech net aus Dommheet an eis Verfassung erageholl. A wa mer eis da ganz e bësse wëllen escht huelen, da misst et jo eigentlech dat Normalst vun der Welt sinn, dass mer déi grouss Prinzipien aus der Verfassung dann och an deenen eenzelne sektorielle Gesetzter wéi deem heite maachen.

Ech erspueren lech, elo nach eng Kéier op déi 13 Fuerderungen am Detail anzugeen. Ech wollt elo just eenzelner eraushuelen an och am Kontext mat dësem Gesetz dann erklären, fir ze soen och, firwat dass mer eis schlussendlech wäerten enthalten. Dat Éischt zur Zwangsmitgliedschaft an de Juegdsyndikater.

(**M. Laurent Mosar reprend la présidence.**)

Mir hunn als Gréng vun Ufank u Leit an hiren Démarchen ënnerstëtzt; bestëmmt net, well mir elo fervent Unhänger vum Droit de propriété wären - beileiwen net -, mä well Mënscherechter an eisen Aen net wéinst Leit, déi engem Hobby noginn, kënnen mat Féiss getruede ginn. A mir hunn zënter Joren eng Lëtzebuerger Jurisprudenz.

An ech géif och dës Majoritéit dervir warnen, sech ze vill vun eenzelnen Avis vu lénks a vu riets orientéieren ze loosser. Dat war vläicht schonn eng Kéier geschitt. Dir kënnt lech vläicht erënneren - dat huet nach keen den Owend opgeworf -, dass am Débat d'orientation d'Regierung en Avis juridique duergeluecht hat, wou bal gemengt ginn ass, mir bräichten net ze légiféieren. Abee, dräi Méint drop ass dann d'Blamage komm an den Arrêt Schneider ass geholl ginn, contrairement zu deem, wat an deem Avis juridique ass. Ech géif all déi, déi mengen, si kéinten elo de Jeeër e leschte Stréihallen mam Arrêt Herrmann dohinnerhalen, ähnlech warnen, well ech mengen och, dass dat ka schif ausgoen.

Et wier méi interessant gewiescht, wann deemools schonn d'Majoritéit den Avis vum Médiateur gelies hätt an nogelauschtert hätt. Ëmmerhin, wann ech gutt informéiert sinn, war dee Mann selwer beim Arrêt Chassagnou derbäi.

Ech kommen awer net derlaanscht, trotzdem mäin Erstaunen hei zum Ausdrock ze bréngen, wéi wichteg dann awer deen Arrêt Herrmann, deen nach net rechtsgültig ass, elo op eemol ginn ass. Mech wonnert et, dass keen awer drop hiweist, dass dat do awer e relativ eemolege Phenomeen hei ass.

Kënnst Dir mir en anere Secteur an der Lëtzebuerger Gesellschaft soen, wou mir eis géifen un enger Jurisprudenz vun auslännesche Gesetzter orientéieren? Dat ass wierklech fir mech nei. Wa mer elo keng eege Jurisprudenz hätten...

(*Interruptions diverses*)

► **M. Lucien Weiler** (*CSV*). - ...Jurisprudence vun all méiglechen auslännesche Gerichter un...

► **M. Camille Gira** (*déi gréng*). - Neen, neen. Här...

Här President!

► **M. le Président.** - Den Här Gira huet ganz eleng d'Wuert.

► **M. Camille Gira** (*déi gréng*). - Ech wollt kucken, ob de President erëm do wier.

Wann Der mech ausschwätze gelooss hätt, Här Weiler, da géift Der vläicht verstoen, wat ech mengen. Ech géif dat jo verstoen, wa mer keng eege Jurisprudenz hätten an engem Domän. Mä mir hunn hei souwuel eng national wéi eng europäesch Jurisprudenz iwwert déi Lëtzebuerger Situatioun. A mir maachen elo e Gesetz, wat - mengen ech, op jidde Fall - souwuel där nationaler wéi där europäescher Jurisprudenz Rechnung dréit.

Wat interesséiert eis dann nach e Prozess, deen ëm dat däitscht Juegdgesetz handelt? A firwat grad dat däitscht? Firwat hu mer net dann direkt, ier mer e Lëtzebuerger Arrêt haten, den Arrêt Chassagnou geholl? Firwat huet da keen deen deemools hei an d'Diskussioun bruecht? Well dat enger Rei Kreesser net an de Krom gepasst huet, oder wéi?

A wa muer eng Jurisprudenz zur Juegd kënnt iwwert dat hollännescht Juegdgesetz, wat erëm anescht ass wéi d'Jurisprudenz vun deem däitsche Gesetz, gi mer dann hin an da soe mer, elo suiviere mer all Arrêt an da schreiw mer eist Gesetz erëm ëm, well elo huet nämlech den Europäesche Gerichtshaff zum hollännesche Juegdgesetz en aneren Arrêt geholl wéi zu deem däitschen?

Also, dat ass fir mech wierklech onverständlech. An ech mengen, dat ass en Ablenkungsmanöver vun de Jeeër, déi einfach net wëllen an och wëllen dobaussen Onrou an Duerjernee stëffen, andeem se net zouginn, wéi gesot, dass mer eng Lëtzebuerger Jurisprudenz hunn an dass mer eng europäesch hunn.



Wann een dann och nach dee Wee do geet, da kéint ech jo nach verstoen, wann ee géif soen, mä dat do ass elo wierklech e modernt Gesetz aus Däitschland, wat rezent geholl ginn ass, do gëtt et elo eng Jurisprudenz, da probéiere mer eis do unzepassen. Mä da wëll ech lech awer nach eng Kéier drun erënneren, dass dat Gesetz do vun 1953 ass a wierklech a groussen Zich - an ech wëll do wierklech elo keng Polemik hei maachen - op dem Geescht vum Reichsjagdgesetz vun 1934 berout.

Ech hoffe jo awer wierklech, léif Kolleginnen a Kollegen, dass, wa mer och nach géifen en neit a modernt Juegdgesetz no gewëssen Inhalter orientéieren, mer dann aner Referenze fanne wéi en däitscht Gesetz, wat am Geescht vun 1934 gemaach ginn ass. Ech géif all déi warnen, ech géif wierklech all déi warnen,...

(Interruptions)

...déi op déi do...

Dat do ass ganz dënnt Äis, wou Der amgaange sidd, lech drop ze bewegen.

Duerfir, Här President, kënnt et fir eis och net a Fro, dass mir déi Motioun hei wäerte stëmmen. Mir hunn eng propper Jurisprudenz. Mir hunn e Gesetz, wat mer haut stëmmen, wat an eisen Aen där Jurisprudenz Rechnung dréit. An domat ass fir eis deen do Fall gekläert.

Da wëll ech och nach drun erënneren, dass et jo awer erstaunlech ass, dass relativ séier nom Arrêt Chassagnou a Frankräich d'Fransousen et fäerdeg bruecht hunn, e Gesetz ze maachen, wou souwuel d'Jeeër dermat kënne lieue wéi awer och d'Opposants éthiques. Elo weess jo awer jiddwereen, dass d'Positioun an den Afloss vun de Jeeër a Frankräich bestëmmt net méi kleng ass wéi hei zu Lëtzebuerg.

Firwat gi mer dann emol net a Frankräich kucken a mer iwwerleeën eis, wéi déi dat gëléist hunn? Ech mengen, dass hei just Oflenkungsmanöver solle gemaach ginn.

Mir hunn awer e Problem mat där restriktiver Handhabung, wéi d'Sortie vun den Opposants éthiques ass. Mir fannen et och wierklech net richtig, dass déi Leit elo zweemol gestrooft ginn. Si mussen fir deen eegene Wëldschued opkommen a se mussen participéiere fir deen allgemenge Wëldschued.

Wat kann en Opposant éthique derfir, wann d'Jeeër fiddere wéi geckeg an dann entsteet massiv Schued an engem Révéier? Firwat muss do dee mathëllefen, dee maachen? Ech mengen, et hätt ee missen eng Léisung fannen, entweder Participatioun un allem oder un deem eegenen. Mä et ass schonn eng komesch Léisung, fir elo déi Leit zweemol ze bestrofen.

(Interruption)

► **M. Fernand Boden** (CSV), *rapporteur*.- Dat ass nach nom ale Gesetz.

► **M. Camille Gira** (*déi gréng*).- Gelift?

(Interruption)

Ech si gespaant, wéi dat ausheet.

Op jidde Fall si mer frou, dass déi Ouverture komm ass. Mir gehéieren och zu deenen, déi - mengen ech - net fäerten, dass an der Praxis do elo Schwäizer Kéis soll entstoën. Ech mengen, et ass wichteg och vum Prinzip hier, dass déi Leit, déi wierklech grave Problemer mat där Praxis hunn, dass déi dat kënne maachen. Ech mengen net, dass do elo honnerten an dausende vu Leit hir Terraine wäerten eraushuelen.

Da komme mer zum Thema, wou de Rapporteur elo en Tëscheruff gemaach huet. Dat ass d'Saach mam Fiddere. Ech mengen, et muss een net Wëldbiolog sinn, fir ze verstoen, dass all Form vu Fiddering an der Natur net natierlech ass. Si verhénnert déi natierlech Selektioun am Wanter.

Stellt lech vir, mir hätte scho méi fréi de Courage gehat a mir hätte sämtlech Forme vum Fiddere verbueden, da sinn ech iwwerzeegt, mat deenen zwee Wanteren, déi mer elo haten, wou mer emol erëm Temperature vu minus 15 haten, da wier e gudden Deel vun der lwwerpopulatioun eventuell scho geregelt gewiescht. A wann een dann och nach d'Chance gehat hätt, e moërt Maaschtjoer ze hunn, dat heescht, wou wéineg Bucheckeren an aner Saache vun de Beem gefall wäeren, dann hätte mer scho vläicht de Problem zu engem gudden Deel gëléist. Dat waren op jidde Fall déi Experienzen, déi auslännesch Experten eis beim Hearing hei virgeluecht hunn.

Wou mer awer wierklech net zefridde sinn - dat ass eng aner Ursach, fir dass mer dat Gesetz net wäerte stëmmen, mä eis wäerten enthalten -, dat ass, dass elo awer prinzipiell d'Kirkung nach erlaabt wäert sinn.

Ech hunn och an aacht Joer nach d'Jeeërfederatioun net erlieft, dass se eis konnt klipp a kloer definéieren, wat dann elo Fiddere ass a wat Kirkung ass. A wann ech gesinn, dass ech re-

zent elo nach erëm Fotoe gewise kritt hu vu Leit, déi zu dëser Zäit, wou ee sech jo awer freet, dass eigentlech genuch Nahrung dobaussen an der Natur ass, wou säckweis aalt Brout an Tonne Mais a Bëscher doruechter sinn, fir ze fiddere, da froen ech mech, Här President, ob d'Forstverwaltung capabel wäert sinn, all déi do Mësstänn dobaussen ze behiewen.

Mir wiere vill méi frou gewiescht, wann ee prinzipiell och d'Kirkung verbueden hätt. Mir hätten elo emol gekuckt, wéi d'Verbuet vum Fiddere plus och déi minimal Ofschosspläng géife wirken. A wann een da géif feststellen, dass et wierklech net machbar ass, dann hätt een och nach punktuell an zäitlech begrenzt eng Kirkung kënnen erlabe. Mir hunn Zweifel, dass dat hei an der Realitéit esou ka funktionnéieren.

Wat och gutt ass, ech mengen, dat ass d'Geschicht vum Aussetze vun de wëllen Déieren, déi net heihin higehéieren, mä och déi aner. A mir begreissen och, dass endlech de Problem mat der Chasse administrative gëléist ass, fir dass dann och de Minister Handhabung huet, wa Leit sech wierklech awer och nu guer net un d'Gesetzer halen.

Dann e Punkt, wou mer och net zefridde sinn, dat ass d'Geschicht mat den natierleche Beutegreifer, wéi se esou schéin op Däitsch heeschen, nämlech dem Fuuss. Wann een heibanne mir kann eng objektiv Ursach soen, firwat een nach honnerten an dausende Fiiss de Moment muss schéissen, da wier ech frou, wann ee mer dat kéint soen. D'Tollwut gëtt et net méi, an et gëtt keng objektiv Ursach, Fiiss ze schéissen.

An ech mengen, ee vun de Virriedner - ech mengen, et war den Här Negri - huet et schonn erwähnt, et gëtt genuch Etüden, déi weisen, an d'Realitéit dobausse weist dat jo och: Wat ee méi Fiiss schéisst, wat et der méi gëtt! Et gëtt vill Populatiounen, déi dee Reflex hunn, dass, wat se méi ënner Drock geroden, wat se vill méi fréi, wat se vill méi dacks a wat se vill méi Jonker kréien, fir einfach ze iwwerliewen. An - Komma -, et wier jo flott gewiescht, wann een och do géif soen, kommt, mir schéissen emol e puer Joer net op de Fuuss an da kucke mer, wat geschitt. Ech sinn och do fest iwwerzeegt, dass de Problem sech bal géif vum selwe léisen.

Wann déi eng Ursach net méi gëllt fir d'Jeeër, da gëtt jo eng aner erfionnt. Ech erspueren lech hei déi ganz Polemik iwwert de Fuussbandwuerm. Ech soen lech just - an déi Zuele gëtt et -: Et stierwen an Europa wesentlech méi Leit duerch d'Kugele vun de Jeeër wéi duerch de Fuussbandwuerm. Wann een elo wëllt soen, elo mussen mer de Fuuss eliminéiere wéinst dem Fuussbandwuerm, da wier awer emol déi éischt Konsequenz, dass ee géif soen, sou, elo gëtt d'Juegd europawäit verbueden, well et stierwen all Joer esou vill Leit op der Juegd. Sou kann een och mat engem Doutschlagargument alles futti maachen.

Mir begreissen, dass d'Falejuegd grondsätzlech verbuede ginn ass. Mir sinn net zefridden, wéi deelweis dobaussen déi Klappjuegde mat den Hënn oflafen heiansdo, wann ee gesäit an héiert, wat do deelweis mat eenzelnen Déiere geschitt. Ech mengen, och do muss ee wachsam bleiwen a kucken, wéi dat weidergeet.

Da fuerdere mer och méi kuerz Juegdzäiten. Do wëll ech och opraume mat engem Mäerchen, wat d'Jeeër ëmmer dobaussen zielen, dass mir déi kierzeste Juegdzäiten a ganz Europa hätten. Dat ass einfach net richtig. Et mag sinn, dass dat bei eenzelne Wëlداarten ass, mä hei hutt Der den Tableau. Wat déi wéinegst Leit do-bausse wëssen: D'Wëldschwäinjuegd ass d'ganz Joer op.

An esou wéineg - an elo gräifen ech dat op, wat den Här Etgen gesot huet - en Hirsch e GPS huet, fir ze wëssen, ob en dann elo um Terrain vun engem Opposant éthique ass oder net, esou wéineg weess d'Wëld, wann de Jeeër mat sengem 4x4 kënnt, ob de Jeeër dann elo d'Wëldschwäin wëllt schéissen oder ob en den Hirsch oder ob en d'Réi wëllt schéissen. Et ass permanent Juegd an et ass permanent Drock am Bësch, an dat ass och eng vun den Ursachen, mengen ech, dass mer generell lwwerpopulatioun hunn.

Här President, et wier flott gewiescht,...

(Interruption)

...wa mer no deene laangen an hei intern ganz konstruktiven an objektiven Diskussiounen mat eiser Logik, fir de sachlechen Argumenter ze follegen, bis zum Schluss gaang wieren. Dann hätte mer missen, an enger éischer Phas, d'Kirkung och verbidden. Mir hätte missen d'Juegd op de Fuuss verbidden. Mir hätten och nach vläicht soss e puer kleng Ännerunge kënne maachen, an dann hätten och déi gréng kënnen dëst Gesetz stëmmen.

Et ass e bësse schued, mä ëmmerhin, an dat hunn ech gesot, mir si ganz frou iwwert d'Aart

a Weis, wéi hei e Gesetz zustane komm ass, a mir gesinn, dass a wesentleche Punkten dat Gesetz awer eppes anescht ass wéi dat Gesetz, wat deelweis nach aus dem 19. Jorhonnert ass, an duerfir wäerte mer och net géint dat Gesetz hei stëmmen, duerfir wäerte mer eis enthalten.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi, déi elo mengen, d'Diskussioun iwwert d'Juegd wier ofgeschloss, déi ire sech. Ech brauch nëmmen un d'Petitioun ze erënneren, déi gëschter an dësem Haus iwwerrecht ginn ass, an duerfir sinn och generell, mengen ech, d'Positiounen nach ëmmer vill ze wäit vuneneen, an duerfir ass d'Situatioun dobaussen - de Moment op jidde Fall - nach vill ze vill dramatesch an et wäert sécherlech net méiglech sinn, an enger oder zwou Saisonnen dat do an de Grëff ze kréien.

Ob mer d'Situatioun an de Grëff kréien, dat hänkt an den Ae vun deene Gréngen haapt-sächlech vun zwéin Acteuren of. Dat Eent ass den Ëmweltminister. Hien huet elo eng Rei Méiglechkeeten, d'Mësstänn dobaussen ze behiewen. Hien huet an der Kommissioun e puermol ugekënnegt, dass en déi Moyaenë wäert huelen, fir dann och op deene Plazen, wou et néideg ass, anzegräifen.

Ech erwaarde mer, dass e relativ séier eng Chasse administrative am Oste vum Land organiséiert, fir dass mer déi Geschicht mat deem illegal ausgesatene Wëld an de Grëff kréien. Vlächicht kéint een och eng Kéier ronderëm Réiser/Beetebuerg eng Chasse administrative maachen, fir där absolut irrationaler Héicht vu Wëldschwäin do en Enn ze setzen. En huet och nach aner Méiglechkeeten. Emol kucken, wéi en dat ausleet.

Mir mengen awer, dass et virun allem am Beräich vum Kirre ganz schwierig ass, a mir si gespaant, ob de Minister sech déi Moyaenë gëtt, fir dat och ze kontrolléieren.

Fir dass mer awer no engem gewëssenem Zäitraum och hei als Chamber, déi sech aacht Joer mam Thema befaasst huet, och nach eng Kéier kucken - an dat vergiesse mer jo heiansdo -, wat eist Gesetz dann dobaussen an der Praxis bewierkt huet, hunn ech eng Motioun presentéiert, Här President, wou et eis drëm geet, dass mer d'Evolution vun der Populatioun, d'Evolution vun de Schied quantitativ, mä och wëssenschaftlech begleeten, an dass de Minister eis dräi Joer, nodeems d'Gesetz dann a Kraaft ass, hei e Bilan mécht iwwert déi ganz Praxis vun der Kirkung, fir ze kucken, ob dat esou weider ka bestoen.

Motion 2

La Chambre des Députés,

- *vu la population grandissante de sangliers et de cervidés dans nos forêts;*

- *vu par conséquent l'augmentation considérable des dégâts aux cultures agricoles et aux forêts causés par le gibier;*

- *considérant qu'une des causes de cette augmentation des populations est l'apport de nourriture par les chasseurs;*

- *saluant que la nouvelle loi relative à la chasse interdit le nourrissage;*

- *saluant l'introduction de plans de tir maxima et minima pour les différentes catégories de gibier;*

- *constatant que la nouvelle loi n'interdit pas la pratique de l'agrainage;*

- *estimant que le contrôle de cette pratique est difficile à assurer;*

invite le Gouvernement

- *à suivre l'évolution des populations de gibier ainsi que des dégâts aux cultures agricoles et aux forêts de manière systématique et scientifique;*

- *à présenter à la Chambre des Députés une évaluation écrite de la pratique de l'agrainage trois ans après l'entrée en vigueur de la loi sur la chasse.*

(s.) *Camille Gira, Claude Adam, Jean Huss, Henri Kox, Viviane Loschetter.*

Deen zweete wichtegen Acteur, dat sinn natierlech d'Jeeër. Et ass ganz kloer, dass se mussen ëmdenken. Ech hat scho gehofft, dass d'Jeeërfederatioun nom Débat d'orientation verstane gehat hätt, dass d'Zäite geännert hätten an dass hiren Afloss an hiert Geld net méi géifen duergoen, fir dass se dat géife kréien, wat se gären hätten.

Leider hunn ech misse feststellen, dass se dee Message net verstanen haten. Ech hoffen elo, dass se dat awer elo endlech verstanen hunn, an ech géif alle verstännege Jeeër - an där gëtt et méi, wéi ee mengt - roden, de Fundamentallisten un der Spëtzt vun der Federatioun net nozelafen, well wa se dat maachen, dann ass dat dee beschte Garant, dass an Zukunft ëmmer méi Leit déi definitiv Ofschafung vun der Hobbyjuegd wäerte fuerderen, a wann dat sech

net bessert, da wäerten dann och déi gréng do derzou gehéieren.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. le Président**.- Merci dem Här Gira. Als nächste Riedner ass den Här Colombera agedroen. Här Colombera, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Jean Colombera** (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wäert versichen, fir dee Projet hei op eng ganz neutral Aart a Weis...

► **M. Camille Gira** (*déi gréng*).- Entschëllegt.

(M. Camille Gira récupère une documentation oubliée sur le pupitre.)

► **M. Jean Colombera** (ADR).- Et ass näischt.

(Brouhaha général)

Ech wäert versichen, fir dee Projet hei op eng ganz neutral Aart a Weis ze belichten. Ech wëll awer gär hei am Virfeld soen, datt ech de Virriedner, den Här Gira, net kann ënnerstëtzen.

Ech wiere mech och als Member vum Parlament vehement dergéint, wann een hei Bierger aus der Zivilgesellschaft einfach iergendwéi ugräift, ouni datt déi sech hei kënne verteidigen. Ech ka verstoen,...

(Interruption)

...datt do Problemer an der Gesellschaft sinn, mä déi Problemer mussen dobaussen ausgeschuecht ginn, net hei am Parlament. Hei mussen mer neutral sinn.

An ech mengen, wann ech dat gesot hätt, Dir Dammen an Dir Hären, da wier ech muer an der Zeitung als dee gréisste Populist an dee gréissten Demagog hei ugesi ginn. Et wonnert mech, datt déi gréng elo op där Schinn do fueren. Ech mengen, d'ADR huet sech do gebesert,...

(Hilarité)

...a mir wäerten hei ganz neutral sinn. Duerfir, Här President, wëll ech dat gär, wéi gesot, op eng ganz neutral Aart a Weis belichten. Ech si kee Jeeër, ech wäert och kee ginn, mä et muss een dat Gesetz hei einfach ganz anescht kucken.

Ech sinn och ganz enttäuscht iwwert déi aner Parteien, déi hei geschwat hunn. Si hunn alleguerte sech fir d'Gesetz ausgeschwat, mä do hu se awer geschläimt. Si hu gesot, d'Jeeër sinn all déi Beschnt an déi Schéinst. Ech mengen, dat ass keng kloer Ausso.

Wann ech gelift, Dir Dammen an Dir Hären, entweder et ass Jo oder et ass Neen, awer net esou ee Wischiwaschi, fir iwwerall Punkten ze sammeln.

Ech mengen, dat ass net déi Aart a Weis, déi mer vun engem...

(Interruption)

...seriöe Parlament - Här Lux - verlaangen.

(Interruptions)

Fir d'Éischt nach e Merci un den Här Rapporteur, den Här Fernand Boden, fir säi mëndlechen a schrëftleche Bericht.

Den 21. Juni 2007 gouf hei an der Chamber eng Motioun deponéiert, fir d'neit Gesetz iwwert d'Juegd ze maachen, eng Motioun, déi mehrheetlech ugehall ginn ass, ausser der Abstentoun vun der ADR. D'Zil wor, dat heitegt Gesetz aus dem Joer 1885, dat net méi zäitge-meiss wor, ze erneieren.

D'Uerteel Schneider géint Lëtzebuerg vun der Cour européenne vum 10. Juli 2007 huet matgehollef, den Erneierungsprozess an d'Wee ze leeden, an hei war déi eemoleg Geleeënheet, e modernt Gesetz auszeschaffen. Erauskomm ass de Projet de loi 5888, dee mir haut diskutéieren, dee schonn awer net méi aktuell ass, well mir erëm mat engem Uerteel vun der Cour européenne des droits de l'Homme vum 20. Januar 2011 konfrontéiert sinn, wou d'Riichter erkläert hunn, datt d'Ziler vun der Juegd am Sënn vum Gemengwuel sinn an datt eng ugemossse Bewirtschaftung vun de Wëldbestänn noutwendeg ass, fir Krankheete fir Mënsch an Déieren ze vermeiden, de Wëldschued ze reduzéieren an d'Aartevillfalt ze erhalen. Heirop ass den 13. Mäerz en Appel agereecht ginn. Wat do erauskënnt oder erauskomme wäert, ass schwéier ze jugéieren.

Mir hätten eis awer déi néideg Zäit ginn, fir dat Uerteel ofzewaarden, obschonns d'Regierung noutgedrongen d'Gesetzgebung nom Uerteel nach modifizéiere kéint. D'Argument, datt an dësem Joer d'Juegdrecht fir weider néng Joer



vergi gëtt, war vläicht en Argument, fir elo ze handelen, mä de Fait, datt dëse Projet schonn de 4. Juni 2008 op den Instanzeweis bruecht ginn ass, an datt d'Diskussiounen ëm dëse Projet scho laang undauern, beweist, datt hei de Wuerm dran ass. Sécherlech ass hei déi partizipativ Komponent ervirgestrach ginn, awer trotzdem, et hätt een eiser Meenung no versiche missen, ee méi grouse Konsens ze kréien, wat awer höchstwahrscheinlech net esou erwünsch war.

Sécherlech sinn d'Jeeër duerch déi rezent Aktualitéit an e schlecht Licht geroden. Wier ernënnert sech net un déi Biller, déi an der Owasaktualitéit waren, wou e verletzten Hirsch zu Ettelbréck an der Uelzecht virun net virgewartet Spectateuren op eng net professionell Aart a Weis ofgeschoss ginn ass. Sécherlech war dat keng Reklamm fir d'Juegd. Hei sinn d'Emotiounen héichgaangen, et gouf viru kuerzem eng Petitioun mat 7.000 Ënnerschrëften depnéiert.

Et si vill Emotiounen an deem Dossier, verbonne mat vill Symbolik. Et geet ëm Räich an Aarm, ëm Muecht an Ënnerwierfegkeet, ëm Urinstinkter an Zivilisatioun, ëm Ausbeutung an Toleranz. Hei gouf de Jeeër einfach als de groussen Täter, als Bandit, als Terrorist vun den Déieren ugesinn, an et ass ze bedauern, datt een hei net méi matenee rationell oder ganz einfach ganz normal ka rasonéieren oder matenee schwätzen, ouni ze fäerten, fir extremistesche ginn (veuillez lire: als extremistesche ugesinn ze ginn). Hei ass et noutwendeg, fir mat oppenem Visiër ze schwätzen, mat Argumenter, an et geet net duer, fir pauschal hei d'Jeeër ze dénigréieren.

D'Zäiten hu geännert, dat wësse mer allegueren. D'Juegd huet geännert. Fréier sinn d'Leit op d'Juegd gaangen, fir ze iessen, fir sech ze kleeden. An der Literatur hu mer jo genügend Beispiller, wéi d'Urvölker mat der Juegd ëmgaange sinn. Ech zitieren hei einfach als Anekdot. Si hunn de grouse Geesch, de grouse Manitu ugeruff, fir iwwerhaupt, fir deen ze froen: „Däerf ech en Déier ofschéissen?“. Deen Dag duerno, wou se en Déier gesinn hunn, hu se sech och da mat deem Déier a Verbindung gesat, telepathesch a Verbindung gesat a gesot: „Et deet mer leed, ech muss dech ofschéissen. Bass de domadder d'accord?“, an dunn hu se d'Déier ofgeschoss.

Ech weess net, Här President, et kann ee vill dovunner schwätzen, et kann een domat d'accord sinn, et kann een dovunner halen, wat ee wëllt, mä hei gesi mir de Respekt vum Mënsch par rapport zum Déier. Et war ee wichtegt Element vun dësen Awunner, vun dëse primitive Gesellschaften.

Fréier sinn d'Leit aus der Géigend, d'Bauern an den Dierfer op d'Juegd gaangen, an haut kommen d'Leit vu méi wäit, an d'Bild, wat muncher am Kapp hunn, ass net dee Jeeër als Hüter, als Régulateur vun der Natur, neen, si gesinn de Jeeër als décke Kapitalist, deen d'Juegd als Hobby oder Sport bedreift. Dat ass een Image, dee bei munchen déif verankert ass, an dat ass natierlech schued.

Vläicht net gewosst ass de Fait, datt de Jeeër och en Éierekodex respektéiere muss. Hien ass net do, fir op alles ze balleren, wat a Bewegung ass, mä e muss differenzéiere kënnen. Hie ka vläicht e Keiler ofschéissen, mä e wäert op kee Fall op eng Bache schéissen, déi viru kuerzem Brilleken op d'Welt bruecht huet. Dat wier jo d'Enn vum Nowuess, wann hir Mamm ofgeschoss géif ginn, well da missten d'Jeeër sech awer Froe stellen. Also ass et net adequat, fir jiddwereen an een Dëppen ze geheien. Et gëtt ëmmer Ausnahmen, dat wësse mer allegueren.

D'Mënscherechter, d'Ëmwelt an den Déiereschutz hunn haut een anere Stelleg wäert wéi viru 40 Joer. Mir sinn der Meenung, datt och d'Jeeër dës Evolutioun matgemaach hunn. A vläicht gëtt an Zukunft och versicht, fir op d'Klappjuegd ze verzichten, well och do gesi mer, datt d'Déiere gejet gi vun Hënn, vun einfachen Hënn. D'Déiere fänken un ze fäerten, kommen ausser Otem a ginn dann erschoss. Ech mengen, dat ass net déi richteg Manéier, an ech hoffen, datt dat an Zukunft eng Kéier wäert ophalen.

Da gëtt och gesot, datt mir net méi op d'Fleesch aus der Natur ugewise sinn. Dat ass och net grad dat stäerkst Argument. Wann een dann A seet, da muss een awer och B soen. Brauche mir dann nach Fleesch vun Hausdéieren, déi en plus voller Zousatz a voller Hormone sinn? Een Hausschwäin, wat gutt gemäscht gouf, fir rentabel ze sinn, dat ronderëm hallef Europa ënner onméigleche Konditiounen ge-

fouert ginn ass? Wann ee scho géint d'Juegd ass, da verlaangen ech awer och en contrepartie vun deene Leit, datt se awer och Vegetarier sinn.

(Interruptions)

Datt de Moment hei keng Beutegräifer méi an der Natur sinn, quitte datt déi ausgerott goufen duerch mënschlecht Versoen, well den Équiliber gestéiert gouf, mag sinn. Mä dofir ass et awer wichteg, datt de Mënsch op eng regulär Aart a Weis agräift, an hei gëtt de Jeeër dëser Missioun gerecht. Seuchen- a Krankheetsverhënnung ass och eng Begrënnung, firwat een d'Juegd muss bestoen halen.

Elo kann een dohinnergoen an d'Hobbyjuegd a Fro stellen a wëllen déi Fräizäitjuegd ofschafen an alles an d'Hänn vum Stat leeën, deen dann eng administrativ Juegd organiséiere soll. Mä do ass de Problem vum Juegdgéigner awer nach net geléist. Et ass keen Ënnerscheid, ob d'Déier vun enger privater Kugel oder vun der öffentlecher Hand erschoss gëtt; um Resultat ännert guer näischt.

Also soll een och net allze vill schnell d'Legitimitéit vun der Hobbyjuegd definitiv a Fro stellen. D'Hobbyjuegd ass historesch gewuess, dat wësse mir, dat däerf een net vergiessen, an et däerf een net esou wäit goen a mam Gedanke spillen, fir mat engem Gesetz wéi deem heiten ze versichen, eng Dier opzemaachen, déi den éischte Schrëtt ass fir d'Ofschafung vun der Privatjuegd.

Här President, dat heite Gesetz ass ganz staark contestéiert, haaptsächlech den Artikel 2. Hei misst eiser Meenung no drastoen, datt d'Juegd noutwendeg ass, well déi allgemeng Situatioun dat esou verlaangt, fir verschidden Ziler ze errechen. Also ass d'Juegd d'Intérêt général. A firwat soll een dann net den Intérêt général an d'Hänn vun de Jeeër leeën?

► **M. Camille Gira** (*déi gréng*).- Ho!

► **M. Jean Colombero** (*ADR*).- Da soll ee mir emol soen, firwat net!

(Interruption)

Här Gira, sot mir dat! Firwat net?

► **M. Camille Gira** (*déi gréng*).- Här Colombero, deene Leit, déi um Video waren, deen Der zitëiert hutt?! Ma Merci awer! Ma bonne chance!

(Interruptions diverses)

► **Une voix**.- D'Jeeër den Intérêt général vertrieden! Pfff!

► **Une autre voix**.- Mir hunn Är Meenung respektéiert. Respektéiert och eis!

► **M. Jean Colombero** (*ADR*).- Mä dat schénge awer keen Argument ze sinn, Här Gira. Ech mengen, dee Video, et deet mer leed, hei muss een d'Realitéit kucken.

► **M. Camille Gira** (*déi gréng*).- Sollen déi den Intérêt général bewaachen?

► **M. Jean Colombero** (*ADR*).- Jo, bon. Et soll een den Intérêt général fir eis an d'Hänn vum Jeeër leeën, trotz aller hefteger Kritik. Si hunn den Know-how, fir op d'Juegd ze goen, si hu schliesslech déi néideg Experienz. Dat ass awer näischt Dramatesches.

Hei kritt een d'Impressioun, datt d'Jeeër net vill vun hirem Beruff kennen an ni eng Flënt an der Hand haten. Hei huet d'Regierung op Drock vu verschiddenen Organisatiounen ziddereg Bee kritt. Dat heiten ass ee Präzedenzfall, datt een enger Kierperschaft hanner virgehalener Hand ze verstoe gëtt, datt si näischt kennt. Amplatz de Jeeër d'Verantwortung an d'Éier ze ginn, sinn d'Jeeër an d'Amateur-Liga versat ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, dat ass d'Realitéit, an et brauch een net heihinner schläimen ze kommen, dat wiere ganz Schéiner a Flotter. Et deet mer leed, deen d'Gesetz hei matstëmmt, deen huet vu virera gesot, datt d'Jeeër vun der zweeter Kategorie sinn. A loosst allegueren déi aner Hypokrisie falen! Dat ass net wierdeg engem Parlament.

Den Här Minister huet einfach dem Drock vun der grénger Lobby noginn.

► **M. Camille Gira** (*déi gréng*).- Ho!

► **M. Jean Colombero** (*ADR*).- Dat ass d'Realitéit, Här Gira. Dir hutt virdu gesot, Dir hutt den Här Schank verteidegt, Dir hutt lech verteidegt. Mir wëssen also, wou déi ganz Saach higesteiert ass.

► **M. Camille Gira** (*déi gréng*).- Schéi wier et, wann et esou géif fonctionnéieren!

► **Une voix**.- Fantastesch!

► **M. Jean Colombero** (*ADR*).- Wat dann elo d'Propriétaires ugeet, do kann een a priori averstane sinn, datt hei verschidde Leit hir eegen Iwwerzeegungen hunn an net wëllen, datt Jeeër op hirem Terrain schéissen. Domat si mer d'accord. Et ass een normaalt Recht. Mä

da misst awer och d'Konsequenz dovunner gezu ginn; wann ee säin Terrain net zur Verfügung stellt, da misst den Terrain ganz dicht zougemaach ginn. Et ka jo awer net sinn, datt d'Wëld sech do ophält an net däerf da geschoss ginn, an dann nuets geet et eraus, an dann dee Moment kann et Wëltschued provozéieren. Dat geet jo awer vläicht net.

D'Fro, déi sech awer stellt: Wat geschitt mat dem ekologesche Gläichgewicht, wa jiddwereen op sengem Terrain d'Juegd verbitt? Ma da kréie mir e Problem. An dann ass d'Konsequenz, datt eng administrativ Juegd wäert organiséiert ginn, mat allen Nodeeler, ënner anere mat engem ganz grouse finanziellen Impact, dee mir awer hei guer net wëllen.

Dann nach e puer Wieder iwwert d'Fidderen. Et ass verbueden, fir ze fidderen. Et kann ee jo verstoen, datt all Form vu Fidderung an der Natur net natierlech ass, dat ass jo normal. Si verännert déi natierlech Selektioun am Wanter, hëlleft schwachen Déieren ze iwwerliewen, dréit zur Ausbreedung vu Krankheete bäi a léisst déi natierlech Bestänn an d'Luucht dreiwien. Dat wësse mer.

Dat heescht, mir mussen do, ouni ze handelen, nokucken, wéi d'Déieren einfach erhéngen. Da kommt, mir maachen datselwecht mat eisen Hausschwäin, mat eisen Ochsen, mat eise Kéi. Mir ginn hinnen näischt ze iessen, an dann ass d'Bir geschickt, Dir Dammen an Dir Hären.

► **Plusieurs voix**.- Oooohhh!

► **M. Jean Colombero** (*ADR*).- Dat awer ass wierklech net eng Attitüd vun engem Déiereschützer, wann een Déier am Wanter do muss einfach riichter aus - entre guillemets - „krepéieren“. Et deet mer leed, Dir Dammen an Dir Hären, dat ass lamentabel, an do misst een och vläicht eng Kéier e puer Biller an der RTL-Oweseit bréngen vun Déieren, déi do verrecken, da géifen hei verschidde Leit aneschtens denken.

► **Une voix**.- E schéinen Déierefrënd!

(Brouhaha)

► **M. Jean Colombero** (*ADR*).- D'Gesetz muss eng Méiglechkeet ginn, fir an Noutzäiten d'Fidderung vun de Wëlddéieren ze erlaben. Idem bei der Kührung, déi hei erlaabt, fir selektiv virzegoen.

► **M. Camille Gira** (*déi gréng*).- Wéi sollen d'Déieren esou Milliounen Joren iwwerliewen?

(Hilarité et interruption)

► **M. Jean Colombero** (*ADR*).- Déi ware méi zéi, wéi Der mengt, Här Gira! Mä dat heescht awer net, datt net verschidden Déieren awer stierwen. Ech mengen, wa mer et esou géife maache mat de Leit, déi krank sinn, mir géife soen, mir gi keng Medikamenter, dann ass d'Bir geschickt, dann hätte mer hei och manner Leit.

► **M. Camille Gira** (*déi gréng*).- Dir maacht awer Vergläicher hei, do gëtt et engem dronken.

(Brouhaha)

► **M. Jean Colombero** (*ADR*).- Also, kommt, wann ech gelift, sidd einfach reell! Sidd einfach reell a kuckt där Saach riicht an d'A!

► **Une voix**.- Oooohhh!

► **Une autre voix**.- Är Vergläicher ginn awer wäit, Här Colombero.

► **M. Camille Gira** (*déi gréng*).- Dat geet awer wierklech wäit, hein?

(Brouhaha)

► **M. Jean Colombero** (*ADR*).- Wat déi administrativ Juegd ugeet, déi gëtt eréischt organiséiert, wann d'Problemer schonn agekrat sinn, wann d'Kulture scho gelidden hunn, wann d'Krankheete scho verbreet sinn, wann d'Biodiversitéit scho gelidden huet. Mir gesinn awer de Mouflon, deen ass am lechternacher Raum schonn zoufälleg do, a mir sinn awer gespaant,...

(Brouhaha général)

„Zoufälleg“ ass en do, entre guillemets.

(Brouhaha général)

Mir wäerte kucken, wéi d'Regierung sech do verhält mat där Chasse administrative, wann et heescht, fir op de Mouflon ze schéissen. Kann een an dësem Fall de Gesetzgeber haftbar maachen, well hien ze spéit reagiert huet? Well dat ass och eng Fro, déi ee sech hei muss stellen.

Een anere Punkt ass, deen eis net gefall huet - dat huet den Här Etgen hei och gesot -,...

► **Une voix**.- Den Här Etgen.

► **M. Jean Colombero** (*ADR*).- ...datt de Minister d'Juegdsyndikater...

Den Här Etgen huet dat och gesot.

...datt de Minister hei d'Juegdsyndikater opgeruff huet, fir näischt méi ze ënnerhuelen, bis dat neit Gesetz gestëmmt wier, wat de facto enger Entmündegung vun der Chamber a vum Conseil d'État gläichkënn. Här Etgen, Dir hutt vollkommene Recht,...

► **M. Fernand Etgen** (*DP*).- Aaaahhh!

► **M. Jean Colombero** (*ADR*).- ...mä et ass awer menger Usicht no e bësse bëlle, fir do...

► **M. Fernand Etgen** (*DP*).- Dat ass dat Besch, wat Der bis elo bruecht hutt.

► **M. Jean Colombero** (*ADR*).- ...eleng duerch dat Argument hei net Positioun ze bezéien, ob Der géint oder fir d'Gesetz sidd. Wann deen Artikel net do gewiescht wier, hätt Der jo souwisou derfir gestëmmt. Ech mengen, huet einfach de Courage a sot, mir si fir d'Gesetz, dann ass déi Saach gehalen.

(Interruption et hilarité générale)

Wat d'Nominatioun am Conseil supérieur vun engem Vertrieeder vun de Bëschbesëtzer ugeet,...

Här President, ech verstinn, datt d'Leit sech hei opreegen,...

(Brouhaha général)

► **Une voix**.- La, la, la, la!

► **M. Jean Colombero** (*ADR*).- ...mä Dir wësst jo allegueren...

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Dir hutt all Ursaach, la la la la ze maachen!

(Brouhaha général)

► **M. le Président**.- Ech bieden lech, lech allegueren ze berouegen an dem Här Colombero elo emol nozelauschten!

► **Une voix**.- Jo, dee war ganz kloer haut.

(Interruptions diverses)

► **M. Jean Colombero** (*ADR*).- Dir hutt all Ursaach, lech opzereegen. D'Wourecht kennt (veuillez lire: héiert) Der net gären. Dat ass ëmmer esou gewiescht. Dat wäert och esou bleiwen.

Wat d'Nominatioun am Conseil supérieur vun engem Vertrieeder vun de Bëschbesëtzer ugeet, do wier et och méi logesch gewiescht, wann d'Federation vun de Juegdsyndikater dat géif decidéieren an net de Minister.

An dann dee leschte Punkt natierlech, hei si keng Règlements grand-ducaux, ech mengen, et sinn der nëmmen zwee Stéck do vun 19. An hei gëtt och eng Kaz am Sak verkaaft. An dat ass natierlech och eppes, wat eis net gefält.

(Brouhaha)

Summa summarum, Här President, huet dat heite Gesetz eng relativ weltfriem Approche. Tatsaach ass, datt et Wëld gëtt an datt hei reguléiert muss ginn. Dat ass dat Éischt. Mir hu kee Wollef méi, mir hu kee Bier méi, mir hunn och kee Luchs méi.

(Hilarité générale)

► **Une voix**.- Do hutt Der dach nach een!

► **M. Jean Colombero** (*ADR*).- Ech gesinn en net do.

► **Une autre voix**.- En ass awer nach do!

(Brouhaha général)

► **La même voix**.- En ass nach do!

► **Une troisième voix**.- Mir beschützen e gutt.

(Brouhaha et hilarité)

► **Une voix**.- Steet de Luchs net ënner Naturschutz?

(Brouhaha et hilarité)

► **M. Jean Colombero** (*ADR*).- Et muss een déi Fonctioun..., ee muss déi Fonctioun iwwerhuelen.

(Interruption)

► **Une voix**.- Elo gitt Der perséinlech.

(Interruptions)

► **M. Jean Colombero** (*ADR*).- De Jeeër ass dofir ausgebilt; et kënn keen aneren a Fro. Do-fir, mir haten eis erwaart,...

(Interruptions)

...datt dat Gesetz hei besser wier. Hei mat dësem Gesetz ass d'Autoritéit, d'Éier an d'Respektabilitéit vum Jeeër ausgehelecht ginn. Et ass ee Schrëtt an eng Richtung, déi an Zukunft d'Fräijuegd ganz wäert verbidden.

Och sinn an dësem Gesetz ze vill Widderspréch. Et wier näischt gewiescht, wann de Législateur gesot hätt, mir schreiwen an d'Gesetz, d'Chasse ass een Intérêt général, an net „correspond à l'intérêt général“. Dat ass juristesche vläicht ee Problem. Et ass jo net deen eenzege Problem, mä...



(Interruption)

...et ass ee Problem vu Syntax, Här Bettel. Et hätt ee kënne roueg dat Wuert do änneren. Da wier jiddwereen...

► **M. le Président.**- Här Colombera, den Här Clement géif lech gär eng Fro stellen. Erlaabt Der, datt den Här Clement lech déi Fro stellt?

► **M. Jean Colombera** (ADR).- Jo.

► **M. le Président.**- Här Clement, da stellt Är Fro!

► **M. Lucien Clement** (CSV).- Jo, Här President, ech wollt dem Här Colombera eng Fro stellen, well e gesot huet, all déi aner Parteien, déi hunn elei schwadronéiert. Ech hunn elo just gelies, wat den Här Mehlen viru véier Joer gesot huet: „Dofir si mir d'accord, datt een op de Wee geet, d'Fidderung ze verbidden.“

► **M. Jean Colombera** (ADR).- Jo.

► **M. Lucien Clement** (CSV).- Wéi verdréit dat sech da mat deem Schwadronéieren? Well den Här Colombera huet elo just de Contraire gesot, et misst gefiddert ginn, datt déi aarme Schwäin net sollen erhéngeren.

► **Une voix.**- Fir de Wanter! Fir de Wanter ze iwwerliewen.

► **M. Jean Colombera** (ADR).- Neen, ech hu gesot, den...

► **M. Lucien Clement** (CSV).- Wéi verdréit dat sech, Här President,...

(Brouhaha)

Ech hunn Angscht, datt Dir den Owend net al gitt,...

► **M. Jean Colombera** (ADR).- Neen, neen, neen, keng Angscht!

► **M. Lucien Clement** (CSV).- ...datt Der ausgeschloss gitt.

► **Une voix.**- Vun Ärem Parteipresident.

(Interruptions diverses)

► **M. Lucien Clement** (CSV).- Mä wann een deenen aneren dat virgehäit, da muss een och selwer zu deem Argument stoen, wat ee gesot huet, ne.

► **M. Jean Colombera** (ADR).- Jo, jo, dofir sti mir och dozou. Ech mengen, mir hu gesot, mir si géint d'Fidderen.

► **M. Lucien Clement** (CSV).- Neen, Dir hutt gesot, déi aner Parteien hätten hei schwadronéiert.

► **Une voix.**- Dat stëmmt! Dat stëmmt awer!

► **M. Jean Colombera** (ADR).- Neen, ech hu gesot, Dir hutt geschläimt.

► **M. Lucien Clement** (CSV).- Dir hutt geschläimt, jo.

► **M. Jean Colombera** (ADR).- Dat ass en Ennerscheed.

► **Une voix.**- Wat maacht Dir dann déi ganzen Zäit?!

► **M. Jean Colombera** (ADR).- Ma guer näischt. Mir soen d'Wourecht!

(Hilarité générale)

► **M. Lucien Clement** (CSV).- Ech hunn dat elo grad virgelies, d'Wourecht! Dat Wichtigst, wat Der bis elo gesot hutt.

(Brouhaha général et hilarité)

► **M. le Président.**- Här Colombera, fuert elo virun!

► **M. Lucien Clement** (CSV).- Neen, en huet nach net geäntwert. Här President, hien huet net geäntwert!

► **Une voix.**- Oh, Här Clement!

► **M. Jean Colombera** (ADR).- Här President, ech si frou, datt ech de Leschte vun de Mohikaner si mat senger eegener Meinung.

(Hilarité générale)

Bon. Dir Dammen an Dir Hären, och sinn an deem Gesetz hei vill ze vill Widderspréch.

(Brouhaha général)

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Jo, wat äntwert Der dann? Dir krut eng Fro gestallt.

► **M. le Président.**- Hei, elo huet ganz eleng den Här Colombera d'Wuert! Här Colombera, fuert elo virun!

(Brouhaha général)

► **Une voix.**- Dir waart net hei de Mëtteg!

► **Une autre voix.**- Dir hutt keng Meinung!

(Interruption)

Dir waart de Mëtteg net hei, wéi Är Partei geschwat huet, Här Bettel. Duerfir sidd elo ganz roueg!

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Ech stoung hei niewendrun.

► **Une autre voix.**- Da sidd elo ganz roueg!

► **Une troisième voix.**- Si sinn derfir a si sinn dergéint.

► **M. le Président.**- Ech bieden lech wierklech...

(Brouhaha)

► **M. Jean Colombera** (ADR).- Wéi an engem Héngerjuck! Also, méi schlëmm kann et hei net sinn.

Also, och si mir mat deem Gesetz hei net ze fridden, well vill ze vill Widderspréch dra sinn. Mir soen, datt d'Juegd als Intérêt général muss ugesi ginn. An dofir, duerch all déi Grënn hei, an déi Grënn, déi sinn dann hei wierklech beleucht ginn. Mir sinn dofir géint dëse Projet a mir wäerten dee Projet hei net matstëmmen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

(Brouhaha général)

► **M. le Président.**- Merci dem Här Colombera. An elo kritt d'Wuert...

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Firwat hutt Der keng Argumenter gesot?

(Brouhaha général)

► **Une voix.**- Firwat enthaalt Dir lech?

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Mir hunn op Argumenter gewaart.

► **M. Jean Colombera** (ADR).- Hätt Dir se gestëmmt?

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Dir hutt dach keng gemaach!

► **M. Jean Colombera** (ADR).- Hätt Dir se gestëmmt?

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Ma, Dir hutt dach keng gemaach!

► **M. Jean Colombera** (ADR).- Ma well kee se gestëmmt hätt. Mir si jo déi Eenzeg, déi hei eng eege Meinung hunn.

(Brouhaha général et hilarité)

► **Une voix.**- Frot den Här Mehlen!

► **M. Jean Colombera** (ADR).- Jo, mir sinn eis eens mam Här Mehlen, kee Problem. Kee Problem! Kee Problem!

(Brouhaha général)

Enthaalt Dir lech all!

► **M. le Président.**- Den Här Hoffmann kritt elo d'Wuert. An ech hoffen, deen dréit elo zur allgemenger Berouegung bäi.

► **Une voix.**- Loosse mer hoffen!

► **M. le Président.**- Här Hoffmann, Dir hutt d'Wuert.

► **M. André Hoffmann** (déi Lénk).- Merci.

► **Une voix.**- Gitt dem Här Hoffmann gutt Zäit!

► **Une autre voix.**- Jo, seng Zäit ass scho bal eriwwer.

► **M. André Hoffmann** (déi Lénk).- D'Constitution, Artikel 11 bis: «L'État promeut la protection et le bien-être des animaux.» Awer wat heescht dat? Mir haten hei virun e puer Méint eng europäesch Direktiv, wou drastoung, beim Schluechte vun de Robbe misst fir hire Bien-être gesuergt ginn. An enger Héngerbatterie geet de Bien-être ongeféier op en DinA4-Blat, well dat ass déi Norm vum Raum, déi fir en Hong an enger Héngerbatterie virgesinn ass.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. André Hoffmann** (déi Lénk).- Mir hunn zu den Déieren en héchst widderspréchelecht Verhältnis, oft mat enger gudder Portioun Hypokrisie. Mir weisen eise Kanner den häerzege Bambi am Déierepark an owes iesse mer e gudde Ragoût de chevreuil. Mir wëllen net wëssen, wat mat deem Poulet oder deem Kallef geschitt ass, wat mer um Teller hunn.

Ech wëll also virausschécken, och un deene Beispiller gesäit een et, wa mer wierklech fir de Bien-être vun den Déiere streiden, dann ass d'Juegd sécher net déi alleréischte Prioritéit an d'Jeeër och net déi grouss Géigner, sondern da geet et haaptsächlech drëm, sech ausenanerzesse mat deenen onsägleche Bedéngungen, ënnert deenen Déiere gehalen, transportéiert a geschluecht ginn.

Et ass wuel sécher, dass en Déier, wat op der Juegd treffsécher erschoss gëtt, leider, pardon, manner leit, manner leit wéi déi.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. André Hoffmann** (déi Lénk).- Mir feelt d'Sachkenntnis, fir wierklech kënne ze beuer-teelen, ob d'Juegd iwwerhaupt noutwendeg ass

fir d'Reguléierung vun der Natur. Ech hunn al-lerdéngs mat grousser Asiicht déi moderat Fuerderung vun den Naturschutzverbänn gelies am Zesammenhang mat dësem Gesetz, zum Beispill Weiserflächen a qualifizéiert Leit an de konsultative Gremien, wéi dem Conseil supérieur de la chasse, fir kënne ze jugéieren, ob a wéi eng Regulatioun duerch d'Juegd sënnvoll oder noutwendeg wär.

Mä wa mer emol unhuelen, d'Juegd als Regula-tioun wär noutwendeg, dann ass ëmmer nach d'Fro, ob dat eng administrativ Juegd ka sinn oder ob et muss d'Fräizäitjuegd sinn.

Iwwerhaupt, Juegd als Fräizäitbeschäftigung! Chasse récréative! Den Ausdrock ass net vu mir, den Ausdrock ass vum Statsrot, an da freet en, ob dat wierklech en individuellt Recht ka sinn, déi Chasse récréative. Also Juegd als Plëséier! Ech wëll kee pauschaalt Uerteel iwwert d'Jeeër ofleeën. Amplaz dat hei. Amplaz e klengt Gedicht, wat ech heiansdo op ënneschte Klassen, wéi ech nach Prof war, mat de Schüler gelies a beschwat hunn, vum Erich Fried, Titel: „Humorlos“. „Die Jungen werfen zum Spaß mit Steinen nach Fröschen. Die Frösche sterben im Ernst.“ Titel vum Gedicht: „Humorlos“.

Eng vun den ëmstriddenste Froe war jo déi, ob een aus ethesche Grënn säin Terrain aus dem Juegdous eraus kann huelen, an d'Regierung wéi och d'Kommissioun hu sech fir dat Recht entscheed. An dat fannen ech och richteg. Et geet och hei net ëm juristesche, ëm eng juristesche Spitzfindegkeet. Et geet och net einfach ëm den Droit de propriété. Et geet eigentlech ëm eppes vill méi Fundamentales, nämlech ëm de Respekt virun enger ethescher Convictioun, wéi d'Europäesch Ménscherechtsgeriicht ën-nerstrach huet.

An zum Thema vun der obligatorescher Mem-berschaft an engem Juegdsyndikat huet d'Ver-waltungsgeriicht hei zu Lëtzebuerg an engem mémorabelen Uerteel - mat menger Meinung no enger prinzipieller Bedeitung - gesot: D'De-mokratie ka sech net reduzéieren op d'Virherr-schaft vun enger Majoritéit, ma d'Rechter vun de Minoritéite misste respektéiert ginn. An dat bezitt sech natierlech net nëmmen op déi sou-genannten „opposants éthiques“.

Ee vu menge fréiere Beruffskolleegen huet an engem méi oder wéineger philosopheschen Ar-tikel gemengt, an deem Gesetzesprojet hei wier e fundamentale Widdersproch, well wann een d'Juegd géif definéieren als am allgemengen Interessi, dann däreft ee sech deem net entzéien doduerch, dass ee säin Terrain aus dem Juegdous eraushëlt.

Ech sinn domadder grondsätzlech net d'accord. Hei geet et ëm e Grondrecht! An et gëtt Grondrechter - net nëmmen an dësem Fall -, et gëtt Grondrechter, déi dem Intérêt général net ënnergeuerdnet, sondern iwwergeuerdnet ginn. Wann dat net esou wier, da misste mer eis Verfassunge komplett ëmschreiwen - an engem enken, utilitaristesche Sënn - an nëmme méi den Intérêt général a keng fundamental in-dividuell oder kollektiv Grondrechter méi!

Zum allgemengen Interessi, muss ech soen, hunn ech awer och a verschiddenen Texter ku-riéis Saache gelies! An enger Matdeelung vun der Federatioun vun de Juegdsyndikater heescht et och: D'Juegd wier vun allgemengem Intérêt a géif dem Allgemengwuel dëngen. A wann een dann an där Matdeelung weiderliest, e puer Zeile méi wäit heescht et dann: Den Haaptproblem wier dee vum Akommesver-loscht vun de Propriétaires vun de Juegdlosen. Dat ass jo wuel eppes anescht wéi den Intérêt général! Mä dat ass jo net deen eenzege Fall, wou Partikularinteressen als Intérêt général duergestallt ginn.

Ech mengen - an dat ass ee Grond, firwat ech mech och, ee vun de Grënn, firwat ech mech bei der Ofstëmmung enthalen -, dass mir grondsätzlech eist Verhältnis zu den Déiere missten a Fro stellen. Dat heescht net, dass mer mussen alleguerte Vegetarier ginn onbedéngt, obwuel ech déi Leit respektéieren, déi dat sinn. Ech sinn et och net. Dee Widdersproch, dee krut ech och bei mir nach net geléist.

Mir kënne awer Saachen änneren. Mir kënne e ganzen, gudde Schrëtt weider goen oder méi wéi ee Schrëtt, fir d'Leide vun den Déieren eescht ze huelen an ze vermeiden. Leiden, déi och bei der Juegd net kënne ausbleiwen!

An duerfir e lescht klengt Zitat vun engem eng-lesche Philosoph, de Jeremy Bentham, schonn een aus dem 18. Jorhonnert, dee sot, zu den Déieren: „D'Fro ass net, ob se kënne schwätzen. D'Fro ass: Kënne se leiden?“

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Hoff-mann. Als leschte Riedner ass den Här Lucien Weiler agedroen. Här Weiler, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Lucien Weiler** (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass, no esou enger laanger Diskussioun vun dräi Stonnen oder méi wéi dräi Stonnen, kontroverser Dis-kussioun a lieweger Diskussioun, net einfach, elo nach d'Opmierksamkeet vun lech an Usproch ze huelen. Mä ech erlabe mer trotzdeem vläicht kuerz, wann dat mer gléckt, e puer Remarquen ze maachen zu dësem Pro-jet.

Fir d'Éischt wëll ech soen, dass ech bedauern, dass, no esou laangen Diskussiounen an Analy-sen an Austausch vun Argumenter a vu Mee-nungen, et eis alleguer zesummen, eis, der Po-litik, de Jeeër, de Juegdgéigner, de Leit aus der Zivilgesellschaft, déi sech zu Wuert gemellt hunn, net gegléckt ass, eist demokratescht Sträitgespréich, wat mer iwwert dëse Projet solle féieren a gefouert hunn, dass mer dat net esou gestalt kruten, dass et ouni Kränkungen, ouni Blessuren an ouni Beleidigungen iwwert d'Bühn gaangen ass.

Ech fannen et virun allem traureg fir déi Leit, ëm déi et virun allem haut geet bei dësem Pro-jet, dat sinn d'Jeeër. Ënnert de Jeeër gëtt et, wéi mer alleguerte wëssen, eng Rei schwaarz Schof. Mä déi gëtt et an alle gesellschaftleche Grup-pen!

Mä doriwwer eraus ass et eng Tatsaach, dass d'Jeeër an déi vill, déi hinnen hëllefen, an hirer écrasanter Majoritéit - joeraus, joeran - mat vill Freed a mat vill Engagement déi Aufgaben er-fëllen, déi se duerch d'Gesetz operluecht kru-ten, an oft iwwert déi Aufgab erausgi mat hi-rem Engagement a mat hirem Asaz. Duerfir verstinn ech, dass déi dacks gehäseg Bemier-kungen an Ennerstellungen, déi gemaach ginn, d'Jeeër rose maachen, dass d'Jeeër an hirem Houfert fir déi Aarbecht, déi se maachen, gekränkt sinn.

An ech wëll, Här President, dem Här Gira soen, bei allem Versteesdemech, wat ech fir hien hunn, fir och déi Kränkungen, déi him zouge-fügt gi sinn - dass hien dergéint protestéiert an dass hien dat och hei an der Chamber vir-bréngt, dat ass säi gutt Recht an dat ass net ak-zeptabel, wéi do verfuer ginn ass -, mä ech war gewinnt, dass den Här Gira op engem ge-wëssenen Niveau ëmmer seng Positionen hei duerbruecht huet. Wat hien haut gesot huet, dat war dach awer erëm Uelech op d'Feier.

Wann ech hei héieren: Den Afloss vun deene mat deem ville Geld; d'Federatioun ass de Ver-léierer; d'Jeeër sinn de Problem; si hate Schaum virum Mond. All déi Terminologien, mussen déi da sinn? Dat ass dach nëmmen erëm, an enger emotional héich geluedener Stëmmung, ass dat doten dach puren Uelech op d'Feier!

Här Gira, et huet mer e bësse leed gedoen. Ech hat net gemengt, dass Der esou wäit géift goen, fir elo nach eng Kéier hei e ganze Koup auszeschëdden, fir dass déi Emotiounen sech net leeën. Dat war net glécklech, bei allem Ver-steesdemech awer, dat ech hu fir dat, wat Der hei gesot hutt, och opgrond vun deem Artikel, dee publizéiert ginn ass a wat lech perséinlech ubelaangt huet.

Ech wëll soen, dass mer alleguerte Res-ponsabilitéit droen, dass déi Debatt esou schwierig ass an dass se wäitestgehend kom-promësslos ass. D'Politik, mir droen och eis Schuld drun, och well mer heiansdo en cours de route eis Meinungen änneren.

Mä responsabel sinn och d'Jeeër an hir Federa-tioun, well si och net ëmmer alleguerten un deemselwechte Strang zéien a well se heiansdo mengen, si hätte bei allem d'Wourecht ge-pacht.

A responsabel sinn och d'Juegdgéigner, déi souguer esou wäit ginn, dass se déi puer Punk-ten, wou et e minimale Konsens tëschent Poli-tik a Jeeër a Jeeërfederatioun gëtt, emol net unerkennen! An dass se mat Fuerderungen, déi net nëmmen dem gesonde Mënscheverstand widdersprieche, mä och alle wëssenschaftle-chen Erkenntnisser widdersprieche, dass een domadder natierlech net wäit kënnt, an dass dat och net hëlleft, fir de Konsens ze maachen.

Niewent all deenen entgéintgesaten an zum Deel kompromësslose Positiounen kouw et jo och - wat den Här Gira ubelaangt, mä awer och bei aneren - zu verbalen Exzesser an Ausrut-scher, déi d'Saach net erliichter. A well dat esou ass a well et esou komplizéiert ass, kënnt an dëser Matière der Regierung eng speziell Responsabilitéit zou, an ech wäert zum Schluss vu menge puer Ausféierungen op déi Res-ponsabilitéit zrëckkommen.

Ech wëll e puer Bemierkungen zum Fong maa-chen. Et ass hei ënnerstrach gi vun alle Säiten - an ech menge souguer och, dass d'Jeeër do-



mat d'accord wieren -, dass an dësem Gesetz ee ganze Koup, e groussen Deel vun dësem Gesetz positiv Neierunge sinn, déi eist Juegdwiese méi modern gestalten an der Zäit vun haut upassen. Dat ass net contestéiert, an ech mengen, doriwwer si mer eis eens.

Mä et gëtt e puer Dispositiounen, iwwert déi muss ee sech awer kennen ënnerhalen, a wou ech wollt dem Här Minister zwou oder dräi Froe stellen. Fir d'Éischt wëll ech e puer allgemeng Bemierkunge maachen zu der grousser Fro, déi wéi e roud Fueдем haut de Mëtteg duerch d'Debatt hei gaangen ass, dat ass déi vum Intérêt général a vum Opposant éthique.

Den Intérêt général zitt sech duerch dëst Gesetz wéi e roud Fueдем. Mir fannen op x Plazen den Term „intérêt général“ erëm. Zum Beispill kritt de Minister d'Autorisation, fir eng Chasse administrative am Intérêt général ze organiséieren. Firwat kritt de Minister déi Méiglechkeet? Mä well et keng aner Méiglechkeet gëtt! Wa keen do ass, dee jot, da muss kennen am Intérêt général gejoet ginn.

D'Juegd au service vum Intérêt général, well et keng aner Méiglechkeet gëtt. Wat wëllt dat dann anescht heeschen, wéi dass d'Juegd selwer en tant que telle d'intérêt général ass? An duerfir dee grouse Sträit elo tëschent hei dem Parlament oder hirer Majoritéit, wat d'Formulation ubelaangt: „la chasse est d'intérêt général“, oder wat gefuerdert gëtt a wéi d'Parlament sech decidéiert huet: „l'exercice de la chasse doit répondre à l'intérêt général“.

D'Fro hunn ech mer gestallt, wa mer do an der Terminologie an am Sënn an an der Finalitéit esou no leien, firwat dann dee Sträit? An ech mengen, dass ech d'Antwort hätt op d'Fro, firwat dass mer hei an enger Majoritéit decidéieren, d'Chasse net d'intérêt général ze maachen, mä den Exercice vun der Chasse d'intérêt général.

Den Här Gira huet hei ganz interessant Ausféierung gemaach iwwert d'Gesetzgebunge bei ons an am Ausland, a mat deem, wat Stroossbuerg decidéiert a wat Stroossbuerg net decidéiert, d'Cour des droits de l'Homme. Déi si ganz interessant, well déi beréieren de Kär vum Problem.

All Land huet eng aner Gesetzgebung. Déi ähnele sech elo, se sinn awer och zum Deel ganz verschidden. Duerfir ass et richtig, fir ze soen: Mir kennen net d'office vun deem, wat d'Cour des droits de l'Homme opgrond vum däitsche Gesetz oder opgrond vum hollännesche Gesetz oder opgrond vum italienesche Gesetz decidéiert, dat automatesch bei eis transposéieren. Hien huet ganz Recht domadder.

De Fong vum Problem ass domadder ugeschnidden. Dat, wat d'Cour des droits de l'Homme mécht, dat ass déi Fro do ze klären opgrond vu jiddwer nationaler Législation. An de Protokoll 1 vun der Charta, dee seet - den Här Rapporteur huet en zitéiert gehat -, dass: «Toute disposition sur...» Neen, pardon. Dat do ass en net. Ech wëll en hei aus dem Text zitieren: «Les dispositions précédentes ne portent pas atteinte au droit que possèdent les États de mettre en vigueur les lois qu'ils jugent nécessaires pour réglementer l'usage des biens conformément à l'intérêt général.»

All Stat huet d'Recht, laut dem Protokoll, fir seng intern Législation esou ze orientéieren, den Intérêt général esou ze definéieren, d'Protektion vun der Privatpropriétéit esou ze organiséieren nom Intérêt général, wéi e wëllt. Déi eng maachen et e bësse méi stramm, déi aner maachen et manner zolidd.

Mä opgrond vun där Fräiheet, déi all Land huet, fir seng Législation auszerichten, hätte mir, wa mer gewollt hätten, mä de Choix ass en aneren... Wa mer gesot hätten, d'Chasse wär d'intérêt général, da wär d'Problematik vum Opposant éthique einfach fort gewiescht, well den Intérêt général priméiert den Intérêt particulier. Wann awer d'Gesetzgebung dat zouléisst, dass dem Intérêt particulier méi en héije Stellewäert... An dat ass de Moment. Dat huet d'Cour mat eiser aktueller Gesetzgebung decidéiert, dass den Intérêt particulier iwwert dem Intérêt général steet.

Mä mir hätten d'Méiglechkeet hei gehat. A wann een d'Motivation vum Arrêt vun der Cour liest, do kënnt dat ëmmer erëm dran eraus: Jiddwereen huet d'Méiglechkeet, sech esou ze organiséieren, wéi e wëllt. Si analyséieren hei opgrond vum Gesetz vu '25 a kommen zur Konklusion, dass opgrond vun deene gesetzlechen Dispositiounen den Intérêt particulier den Intérêt général priméiert. Wa mir et anescht gemaach hätten, wär d'Problematik geléist. Mä bon, mir hunn eis...

► **M. André Hoffmann** (déi Lénk).- Däerf ech eng Fro stellen?

► **M. Lucien Weiler** (CSV).- Jo. Den Här Hoffmann stellt eng Fro.

► **M. le Président**.- Jo. Den Här Hoffmann wollt lech eng Fro stellen. An den Här Weiler ass d'accord, fir se ze beäntweren. Här Hoffmann, wann ech gelift.

► **M. André Hoffmann** (déi Lénk).- D'Fro, déi sech stellt, déi grondsätzlech Fro, déi sech fir mech stellt, dat ass, ob et hei beim Opposant éthique ëm en Intérêt particulier geet oder ëm e Grondrecht. A wann et ëm e Grondrecht geet, dann, mengen ech, kann een dat Grondrecht net a Fro stelle mat dem Begrëff vum Intérêt général. Soss, wéi gesot, musse mer eis Verfassungen ëmschreien.

Well do si Grondrechter derbäi, déi geroden a Konflikt mat dem Intérêt général a bleiwen awer prioritär. D'Fro ass also déi, ob den Opposant éthique en Intérêt particulier wär. An ech wéisst net, wéi een. Wéi ee wär dat dann? Et ass jo eigentlech... Et geet ëm eng Conviction, an dann ass et menger Meinung no e Grondrecht. An da wär déi Fro vum Intérêt général anescht.

► **M. Lucien Weiler** (CSV).- D'Cour huet an hirem Arrêt d'Problematik vu Grondrecht kombinéiert mat dem Intérêt particulier an dem Intérêt général a kënnt zu där Konklusion, opgrond vun eiser jëtzege Gesetzgebung, dass do den Intérêt particulier den Intérêt général priméiert. Nach eng Kéier: Mir hunn d'Méiglechkeet, an et gëtt eis ausdrécklech hei erlaabt, dass mir kennen den Intérêt général an de Schutz vun der Privatpropriétéit am Kader vum Intérêt général esou organiséieren, mir kennen esou légiféieren, wéi mer wëllen.

Wa mer dat maachen a mir soen, dass d'Chasse d'intérêt général ass, da ka keen Intérêt particulier méi doriwwer stoen. Mä bon, mir hunn e Choix getraff. Ech wëll just soen, dass déi dote Méiglechkeet bestanen hätt, fir deenen ze soen: Mir müssen à tout prix den Arrêt Schneider ëmsetzen.

Den Arrêt Schneider besteet. Mä den Arrêt Schneider besteet net nëmmen an der Ëmsetzung textuell elo hei an d'Gesetz vun deem, wat am Arrêt Schneider steet. Den Arrêt Schneider seet eis: Dir musst lech esou konforméieren mat Ärer Gesetzgebung, dass eben déi Intérèten do matenee kompatibel sinn. A mir hätte kennen hei, mir hätten d'Méiglechkeet gehat, mä, wéi gesot, ech wollt just dorop hiweisen, dass et dat gi wär, fir ze soen, dass et net ganz richtig ass, dass mer keen anere Choix gehat hätten.

Mä de Choix ass getraff. De Choix ass getraff a mir hu gesot: «L'exercice de la chasse est d'intérêt général.» An domadder reglementéiere mer elo den Opposant éthique.

Den Opposant éthique, dat ass eng philosophesch Fro. Ech wëll deene Leit, déi Opposant éthique sinn, iwwerhaupt net d'Recht ofschwätzen, fir dass si déi ethesch Conviction hunn, fir ze soen: „Ech wëll net, dass op mengem Terrain gejoet gëtt.“ Dat ass eng Haltung, déi kann een hunn, déi kann ee legitimerweis hunn. Ech hu souguer Versteedsdemech fir déi Leit, déi déi Conviction hunn, obschonn ech perséinlech se net deelen.

Bon, elo hu mir de Choix getraff a mir soen deene Leit, déi Opposant éthique sinn: „Voilà, mir respektéieren Är ethesch Convictionen, dass Dir net verdrot, dass op Ärem Terrain gejoet gëtt, dass op Ärem Terrain geschoss gëtt. Mir sinn d'accord, fir dat ze verbidden.“

Or, wat maache mer en fait, Dir Dammen an Dir Hären? Mir verbidden elo - verbidden?! -, mir ginn hinnen d'Recht, dass de Privatjeeër, de Pächter net méi däerf op hirem Lous, op hirem Terrain joen, wa se dann d'Deklaratioun gemaach hunn. Mä op där anerer Säit gi mer awer hin a mir ginn dem Exekutiv d'Méiglechkeet, fir op deemselwechten Terrain ze joen, eng Chasse administrative ze organiséieren.

(**Interruption**)

Ma wat...? Jo, wien... Wa mir soen... Jo, ech weess dat, Här Gira. Mä wa mir prinzipiell soen, dass mir d'ethesch Convictione vum Opposant éthique respektéieren, dann däerf net um Terrain gejoet ginn. Et däerf net vum Privatpächter gejoet ginn an et däerf net vum Stat gejoet ginn. Entweder - oder. Et kann een net dat eent oder dat anert.

Mir ginn hei op där enger Säit... Déi Dammen, déi hei geklot hunn, ech soen lech, déi sinn iwwerhaupt net zefridde mat där Léisung, déi hei fonnt ginn ass iwwert den Opposant éthique. Déi soen, op där enger Säit gi se eis zwar d'Méiglechkeet, fir ze soen, ee Privatpächter däerf net heihinner kommen, mä op där anerer Säit reservéiere se sech d'Recht, am Joer dräimol, sechsmol, zéngmol op eise Terrain Chasse-administrativen ze maachen, wou

d'Wëld gejoet gëtt a geschoss gëtt, wat mir net wëllen, wat géint eis ethesch Convictione geet.

► **Une voix**.- Voilà!

► **M. Lucien Weiler** (CSV).- Duerfir soen ech: Dat heissen ass mat där enger Hand eppes ginn a mat där anerer Hand et erëm ewechgeholl. Mir ginn deene Leit hei keng Satisfaktion! An ech fannen och, dass mer am Fong an der Substanz vun deem, ëm wat et geet... Et geet ëm Convictions éthiques, déi si fir eis net absolut. Déi si relativ. Se si relativ an deem Sënn, wou déi eng zwar mussen ewech bleiwen, mä déi aner kënnen kommen, esou oft an esou dacks an esou hefteg wéi den Exekutiv dat fir noutwendeg emfënn, fir dann den Intérêt général ze garantéieren.

Do muss ech soen, dass et hei an eiser Approche hippt. Mir ginn op där enger Säit mat der Hand a mir huelen op där anerer Säit. Mä bon, et ass e Choix, dee getraff ginn ass. Ech wëll just soen, deenen Dammen, déi hei geklot hunn, ass et an hirer Conviction egal, ob dat Wëld mat enger Kugel vun engem Privatjeeër geschoss gëtt oder ob et mat enger Kugel vun engem, dee vum Ministère ugestallt ginn ass, geschoss gëtt.

Et gëtt geschoss an et geet géint hir Convictionen. Duerfir wëll ech all deene grouse Verteidiger vum Opposant éthique soen: Ech verstinn all déi Haltungen, ech sinn och dermat d'accord, wann eng Majoritéit dat esou decidéiert, mä et bleift, dass d'Solution hippt, dass se an hirer Konsequenz net definitiv logesch ass.

Ech wollt en zweete Punkt uschnidden. Dat ass deen iwwert den Artikel 88, Paragraph 5, dee vun der sougenannter Retroaktivitéit, déi den Här Etgen schonn hei ugeschnidden huet. Jo, mat deem Artikel hu mer nëmmen e Problem, well d'Gesetz dräi Wochen ze spéit a Kraaft trëtt. Wann dat Gesetz hei a Kraaft trëtt: Vun deem Dag un, wou et a Kraaft trëtt, sinn all déi Relaissementer an déi Verpachtungen an Adjudicationen, déi gegebenenfalls nom Akraafttrieden an dem 1. Oktober ofgehalde ginn, laut dem Gesetz „nul et non avenue“. Dat ass eist gutt Recht als Parlament, fir dat ze decidéieren.

De Problem ass just mat deene Relaissementer an deene Verpachtungen tëschent dem 1. Mee vun dësem Joer an tëschent dem Datum, wou d'Gesetz a Kraaft trëtt: Dat si Verpachtungen, déi gi virgeholl ënnert där jëtzege Gesetzgebung. A wann een den Artikel hei elo applizéiert op dat, wat geschitt tëschent dem 1. Mee an um Dag, wou d'Gesetz a Kraaft trëtt, dann erkläre mir déi Verpachtungen - dat si Kontrakter an dat si Rechter, déi entstane sinn - als null und nichtig.

Dir Dammen an Dir Hären, dat ass Retroaktivitéit! Rétroactivité pure et simple! Mir ginn duerch e jëtzege Gesetz, e Gesetz, wat mir haut stëmmen - oder haut stëmmen, mä wat an dräi Wochen a Kraaft trëtt -, Situationen, déi tëschent dem 1. Mee an dem - losse mer emol soen - 1. Juni entstane sinn, Rechter, déi entstane sinn, déi gi mir per Gesetzgebung annulléieren.

Ech muss soen als Jurist: Ech sinn net frou doriwwer.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Lucien Weiler** (CSV).- Dat ass dat Eenzege, wat ech wëll soen. Mir hunn hei an dëser Chamber, et gëtt dëst Joer 25 Joer, wéi mer d'Gesetz iwwert d'Association agricole gestëmmt hunn, wou mer délibéremt eng Retroaktivitéit dragesat hunn. Ech wéisst net, dass an deene 25 Joer duerno nach eng Kéier an dësem Parlament e Gesetz gestëmmt ginn ass mat Retroaktivitéit. Fir e Jurist ass Retroaktivitéit eppes, wat einfach net ze erdroen ass. An ech mengen, all déi Juristen, déi heibanne sëtzen, déi...

► **Une voix**.- An déi am Statsrot?

(**Interruptions**)

► **M. Lucien Weiler** (CSV).- Jo, jo, ech muss lech soen, ech hu mech jo och gewonnert. Ech hu mech och gewonnert, dass de Statsrot net op déi do Problematik agaangen ass an näischt doriwwer geschriwwen huet. Ech ka mer nëmme virstellen, dass de Statsrot a senger Mentalitéit, wann en et da gemierkt huet, geduecht huet, dass keng Situatione géifen entstoen, well mir hu jo hei nach e laangen Délai - den Délai leeft jo bis den 1. Oktober -, dass dee geduecht huet, do kommen am Laf vum Summer eng Partie Verträge, Relaissementer. Dat heescht, d'Chamber wëllt déi als nul et non avenue erklären. Dat ass an der Rei, dat ass gutt.

Mä, dass tëschent dem 1. Mee an där kuerzer Zäitspann do och Kontrakter, Rechtssituatione géifen entstoen, ech ka mer nëmme virstellen, dass de Conseil d'État sech deem Element net bewosst war, well de Conseil d'État ass ganz sensibel op Froe vu Retroaktivitéit, an ech mengen, dass deen déi soulevéiert hätt.

An duerfir wollt ech den Här Minister froen: Wéi kënnen mer mat deem do Problem ëmgoen, fir dee geléist ze kréien?

Den Artikel 2 vum Code civil ass esou kuerz, wéi en einfach ass, an esou däitlech, wéi e kuerz ass: «La loi ne dispose que pour l'avenir; elle n'a point d'effet rétroactif.»

► **M. Jean Colombero** (ADR).- Här Präsident!

► **M. Lucien Weiler** (CSV).- Jo, Här Präsident.

► **M. le Président**.- Den Här Colombero stellt lech gär eng Fro, Här Weiler.

► **M. Jean Colombero** (ADR).- Ech wollt lech eng Fro stellen, Här Weiler. Ass an der Chamberskommission e Jurist dran? An dëser Chamberskommission?

(**Interruption**)

► **M. Lucien Weiler** (CSV).- Ech weess et net. Ech kennen d'Komposition vum dëser Chamberskommission net.

► **M. Jean Colombero** (ADR).- Ech wollt nëmme froen: Firwat ass keen dran?

► **M. Lucien Lux** (LSAP).- Wat ass dat eng elitär Attitud heil!

► **Une voix**.- Jo!

► **M. Lucien Weiler** (CSV).- Ech kommen nach op en drëtten Punkt.

► **Une voix**.- Juristen!

► **M. Lucien Weiler** (CSV).- Dat ass och een, deen hei opgeworf ginn ass.

(**Interruption et hilarité**)

Et ass dee vum...

En drëtten Punkt, deen opgeworf ginn ass, ass dee vum Artikel 11: «Le nourissage est interdit.» Dem Fiddere gëtt an dësem Gesetz, wat jo eng vun de groussen Avancéee vun dësem Gesetz ass, endlech gëtt deem onméigleche Fiddere, wat zum Deel vun enger Rei vu Jeeër gemaach ginn ass - exzessiv gefiddert, fir da kennen ofzeschëssen -, deem gëtt endlech hei e Rigel virgeschoben. Dat ass eriwier. Et ass verbueden, ze fiddere, mat Ausnahm vun de Kurrungen, wou mer eis jo eens gemaach hunn.

Mä de Problem bleift deen, deen och schonn opgeworf ginn ass: D'Fidderung ass hei elo strikt verbueden. D'Fro ass déi: Wat geschitt an Noutsituationen? Wat geschitt an engem Dezember wéi deen, deen d'lescht Joer war, wou während engem Mount extrem héije Schnéi geleeën huet a wou Fidderung eng absolut Noutwendegkeet ass?

Duerfir stellen ech mer d'Fro, wéi mer aus där doter Fro erauskommen. Ech mengen, mir sinn alleguerten d'accord heibannen, dass, wann esou extrem Noutsituationen entstinn, mer d'Déieren net kënnen einfach erhéngere loosse. Erhéngere, Dir Dammen an Dir Hären, Honger ass eppes Ellenese. An erhéngere ass eppes Fuerchtbare. An dat deet wéi. An deet net nëmme bei de Mënsche wéi, mä et deet och bei den Déiere wéi. A wa mer keng Léisung heifir hunn, da musse mer eng Léisung schafen. Et kann net sinn, dass de Minister net d'Méiglechkeet huet. De Minister muss d'Méiglechkeet hunn, fir an Extremsituatione kënnen ze fiddere, fir dass ebe verhënnert gëtt, dass d'Déieren erhéngere.

Dat, oui erëm eng Ouverture ze maache fir dat generell Fiddere! Mir si strikt do dergéint. Mä fir d'Exception, fir d'Noutsituation muss et eng Léisung ginn. An et wär u sech einfach gewiescht, ee klunge Saz an deem Text hei bäizéfigen, wou gestanen hätt, dans des circonstances exceptionnelles wär de Minister autoriséiert, de prendre des mesures exceptionnelles. Well ech mengen net, dass ee kann heibannen domat d'accord sinn... An de leschten Dezember, mir kënnen eis erënneren, et war scho fir eis alleguerten haart. Et kann ee sech virstellen, wéi haart et dobausse fir d'Déiere war, dass an esou Situationen net kann de Minister eng Léisung fannen.

Duerfir hätt ech gären, wa mer hei e Wee opgezeechent krite, wéi mer deen dote Problem kënnen léisen.

Dann nach eng lescht Fro: Wat geschitt, wann eng Partie Juegdlosen net iwwerginn? Wa keng Amateure fonnt ginn derfir? Et gëtt mir gesot, d'Gemeng Schëffleng wär zënter laange Jore Pächter vun der Juegd zu Schëffleng. Dat ass méiglech laut dem jëtzege Gesetz, wa keen Amateur do war, an d'Gemeng huet dat gemaach.

(**Interruption**)

Da stëmmt dat also net, dass d'Gemeng Schëffleng...

► **Une voix**.- D'Gemeng huet d'Juegd zu Schëffleng.



(Interruptions et hilarité)

► **M. Lucien Weiler** (CSV).- Loosse mer also elo vläicht net ze vill an den Detail goen.

(Interruption et hilarité)

Wa gesot gëtt, et misste Personnes physiques sinn; souwäit ech weess, ass eng Gemeng nach keng Personne physique! Da geet dat.

(Brouhaha général)

Ech stelle mer d'Fro: Wat geschitt, wann elo hei géifen eng 20 oder eng 30 oder eng 40 Juegd-lousen net iwwergoen? Et gëtt gesot, dat ass eng Hypothees, déi net ganz wahrscheinlech ass. Mä mir mussen awer Gesetzer maachen, wou mer esou wäit wéi méiglech kënnen dat, wat u Méiglechkeeten op eis duerkennt, ofdecken.

► **M. Camille Gira** (déi gréng).- Loosse mer dat e puer Joer gewäerden, da maache mer eng Chasse administrative, Här Weiler. Da wäert Der emol gesinn, wéi séier dass d'Zuelen erofginn.

► **M. Lucien Weiler** (CSV).- Da maache mer eng Chasse administrative. Also engagéiere mer Leit vum Stat, de Stat iwwerhëlt also dann d'Juegd.

An ech froe mech: Wie bezilt dann de Juegd-schued dee Moment?

► **Plusieurs voix**.- De Stat!

► **M. Lucien Weiler** (CSV).- De Stat. Also, de Stat soll,...

(Interruptions)

...wa keng Jeeër méi do sinn oder op enger Rei vu Louse keng méi do sinn, dann iwwerloosse mer dem Stat d'Juegd. Dann iwwerloosse mer dem Stat, fir de Juegdschued ze bezuelen, an, an, an.

(Interruption)

Wann dat esou gewollt ass, je veux bien, dann ass dat eben esou. Ech muss awer mer d'Fro stellen, ob et dann elo an Zukunft de Gemengen oder dem Stat hir Aufgab ass, fir unzefänken, hei Jeeër ze spillen, d'Juegden ze organiséieren, de Juegdschued ze bezuelen. Dat kann awer a mengen Aen net sinn, dass dat, wat bis elo plus ou moins oder an deene meeschte Fäll ganz anstänneg vu professionnelle Jeeër gemaach ginn ass, kann ech mer awer net gutt virstellen, dass de Stat elo besser outilléiert wär, éischstens mat deene Leit, déi en huet, fir op d'Juegd ze schécken, an zweetens och weinst dem finanziellen Impakt, deen dat Ganzt bedeit, fir dann do déi Schied ze bezuelen.

Här President, dat waren déi puer Froen, déi ech wollt opwerfen, op déi ech gären eng Äntwert hätt, mir alleguerten heibannen eng Äntwert hätten.

Mä ech wëll ofschléissend soen, well ech och einleitend d'Responsabilitéit vum der Regierung ugesprach hunn: Dat Gesetz hei wäert jo a villen Emotiounen elo iwwer d'Bühn goen a stellt vill Leit net zefriden. Mä, well dat och esou ass, ass mäin Opruff un d'Regierung, fir mat der Federatioun respektiv mat de Jeeër am Dialog ze bleiwen, den Dialog erëm opzehuelen. Et bleiwen nach vill Reglementer, déi ze exekutiere sinn.

Ech denken, mir hunn dat ëmmer versicht hei am Land, wa schwierig Situatiounen waren an d'Situatiounen e bësse verfuer waren, ze versichen am Gespréich erëm e bësselche méi beieenezefannen.

Duerfir, Här Minister mäin Opruff, wann d'Gesetz a Kraaft trëtt, all déi, déi net dermat zefridde sinn, a bei deene Règlements d'exécution, déi Der huet... Ech kennen Är Dialogbe-rechtschaft. Ech weess, wéi lech geleeën ass u Konsens, fir Konsens ze fannen. Maacht dat! An ech mengen, da befanne mer eis op engem gudden Wee.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. le Président**.- Merci dem Här Weiler. Hei den Här Gira nach eng Kéier ganz kuerz. Här Gira, Dir hutt am Prinzip keng Zäit méi, dann huet Der se op Äre Motiounen.

► **M. Camille Gira** (déi gréng).- Dat ass kee Problem, Här President. Merci. Ech hunn zu de Motiounen alles gesot, souwuel zu eiser wéi där vun der Majoritéit.

Ech kommen net derlaanscht, awer e puer Sätz zu der Interventioun vum Här Weiler ze soen. Fir d'Éischt sinn ech e bëssen iwwerrascht, dass den Här Weiler, nodeem mer aacht Joer zu deem Sujet hei diskutéiert hunn, nodeem mer - de President vun der Kommissioun weess dat vläicht besser wéi ech - ech weess net wéi vill Sitzungen zu deem Projet de loi, esou vill wéi vläicht nach zu kengem, haten, elo op eemol mat Awänn kennt, wou een zumindest kann driwwer diskutéieren.

Ech soen lech ganz éierlech, Här Weiler, ech perséinlech, och als Netjurist, ech hat - d'Kollege kënnen dat bezeien - an der Kommissioun d'Fro opgeworf, ob déi Retroaktivitéit, ob dat da géif d'Strooss halen.

Ech muss lech awer soen, wéi den Avis vum Statsrot zrëckkomm ass, wou jo awer anscheinend eng Rei eminent Juristinnen a Juristen drasetzen, an do kee Pipcheswuert zu deem Paragraph drastoung, hunn ech mer awer...

(Interruption)

...do hunn ech mer awer...

Awer keng Opposition formelle!

Do sinn ech awer berouegt heemgaangen, do hunn ech mer gesot, dann ass dat do machbar.

A wann ee sech d'Échéancen ukuckt, dann ass et och an deem hei Fall jo bal net méiglech, dass e Gesetz gestëmmt gëtt, wou net dat eent oder dat aner Lous muss retroaktiv gemaach ginn. Well egal wéini dass mer dat Gesetz hei gestëmmt hätten, wier ëmmer iergendwou ee Lous amgaange gewiescht, an et hätt ee mis-sen eng Léisung fannen. Mä ech sinn e bëssen iwwerrascht. Mir wiere frou gewiescht, wann Der déi eng oder aner Kéier als eminente Jurist bei eis an d'Kommissioun komm wäert an hätt eis Är Bedenken uginn.

Da wëll ech awer eppes soen zum Virwurf, ech hätt elo hei Uelech op d'Feier geschott, an dat, well ech vun de Jeeër ugegraff gi sinn. Dann hutt Der mer net gutt nogelauschtert, Här Weiler.

Also, ech maachen elo 30 Joer Politik. Ech mengen net, dass ech e Sensibelche sinn, an ech hu scho méi wéi deen een oder aneren hef-tege Lieserbrëif iwwer mech missen ergoe loos-sen. An Dir kennt mer gleewen, dass ech och net schrecklech iwwerrascht war an och net schrecklech drënner gelidden hunn, wéi d'Jeeërfederatioun an enger Annonce am „Lët-zebuerger Wort“ meng Demission gefrot hat. Ech hätt lech scho bal kënne schréiflech op eng Saltut ginn, dass, wéi ech gewëssen Aussoen op RTL gemaach hunn, dat do géif kommen.

Mä ech wollt awer hei emol eng Kéier kloerstellen, mat wéi enge Methoden do eng offiziell unerkannt, och nach als Naturschutzorganisa-tioun unerkannt, Federatioun virgeet. Ech war zwar nach net op engem vun hire Kongresser, mä ech hu mer awer soe gelooss, dass do awer zënter Joren datselwecht Schauspiel ofleef an dass sech do awer vum Forstdirekter ugefaang bis eenzel Beamten aus der Verwaltung, déi sech nääscht zuschuld komme gelooss hunn, déi just hir Aarbecht maachen an dat maachen, wat de Minister hinne seet, wierklech déi enger Hetzjuegd hu missen ënnerzéien. An anscheinend kee vun deenen heibannen de Courage hat, opzestoen, erauszegoen an ze soen: Dat do ass net tolerabel, dass Leit, déi sech nääscht virzwerfen hunn an net konntten äntwerten, hei fäerdeg gemaach ginn!

An nach eng Kéier, ech froen lech, wat hei gesot gi wär, wann eng Émwelt-ONG géif fuerdere, dass an engem Ekonomieministère, ech weess net wien, den X an den Y net méi däärf responsabel si fir déi an déi Dossieren. Da géif ech lech gären héieren hei, wat da fir en Op-schrei géif kommen. Net méi an net manner wollt ech maachen. An ech zielen elo net nach eng Kéier alles op. Dat fannen ech intolerabel.

Fir mech ass et e groussen Ënnerscheid, ob e Jeeër e perséinleche Lieserbrëif an eng Zeitung schreift an do dat seet, wat e fir richtig hält. Dat ass eng Saach. Mä wann awer eng Federa-tioun am Numm vun all deene Jeeër systema-tesch déi do Methoden uwennt, dann, fannen ech, ass et net nëmme d'Recht, mä dann, fan-nen ech, ass et meng Pflicht als Volleksvertrie-der, hei dorop opmierksam ze maachen.

Wann hei vun enger Säit Uelech op d'Feier geschott ginn ass, dann ass et virun allem vun där doter Säit. Ech weess net, ob Der derbäi waart beim Hearing. Dat ass alles ganz roueg erof-gaangen. An den Här Boden huet et gesot, déi x Sitzunge bei eis, déi si ganz roueg erofgaan-gen. Mä wann ech awer eenzel Wieder, wann ech déi Ried, déi ech kritt hu vum President op der Place Clairefontaine, liesen, dat ass awer al-le net tolerabel. An ech fannen, da muss een dat och hei als Volleksvertrieeder soen.

Dann eng lescht...

► **M. le Président**.- Här Gira, Dir musst zwar wierklech zum Schluss kommen, well Dir hutt eigentlech keng Zäit méi. Mir sinn hei elo an enger gelungener Prozedur, well Dir sollt ei-gentlech zu Motiounen schwätzen.

► **M. Camille Gira** (déi gréng).- Ech ka fir d'Motioun nach eng Kéier zrëckkommen.

► **M. le Président**.- Neen, neen, da maacht lech elo fäerdeg, Här Gira! Mä et muss...

► **M. Camille Gira** (déi gréng).- Ech mengen, Dir hat dem Rapporteur och ganz e bëssen e Sputt gelooss. Ech sinn och direkt fäerdeg. Ech

wollt nach just dem Här Weiler äntworten op déi Geschicht mam Opposant éthique.

Ech mengen, Här Weiler, Dir hutt dann déi ganz Uerteeler net ganz am Detail gelies,...

► **M. Lucien Weiler** (CSV).- Dach.

► **M. Camille Gira** (déi gréng).- Neen! ...soss hätt Der missen erausfannen, dass ebe grad den Europäesche Gerichtshaff seet: Wat wich-teg ass, dat ass net dat eent Recht géint dat aner, mä et ass d'Proportionalitéit. Et ass d'Verhältnisméissegkeet, well de Privatmensch a sen-gem...

(Interruption)

...a sengem Recht...

Neen, mä da loosst mech ausschwätzen, wann Der wëll!

D'Verhältnisméissegkeet, wat de Privatmensch muss toleréieren an där Geschicht. A genee dee Problem hu mer jo geléist.

► **Une voix**.- Neen!

► **M. Camille Gira** (déi gréng).- An et ass jo awer en Ënnerscheid, et ass jo awer genau en Ënnerscheid, an dat soen och déi eenzel Uer-teeler, an duerfir si mer jo och mat deem Ge-setz konform, dass ee seet, et ass en Ënner-scheid, ob ech permanent an zu all Joreszäit Hobbyjeeër op mengem Terrain muss dulden, oder ob ech, wann ech net derfir surgen, dass déi Iwwerpopulatioun op mengem Terrain zrëckgeschrauft gëtt, dass dann de Minister eng Décisioun hält an an engem eenzelne Fall an ënner ganz kloer Konditiounen eng Chasse administrative organiséiert.

An den Uerteeler steet genau dat do. An ech mengen, dass d'Gesetz hei déi Proportionalitéit respektéiert. Duerfir sinn ech optimistes, dass et d'Strooss hält.

(Interruption)

► **M. le Président**.- Merci. Mir sinn elo um Enn vun der Diskussioun. Elo kritt d'Wuert den delegierten Nohaltegkeetsminister Marco Schank.

(Interruption et brouhaha)

► **M. Marco Schank**, *Ministre délégué au Dé-veloppement durable et aux Infrastructures*.- Här President, ee vun den Uspréich un dat neit Ge-setz ass sécher deen, fir ee beschtméigleche gesellschaftleche Konsens ze fannen, wéi d'Juegd an Zukunft zu Lëtzebuerg soll fonction-néieren. An dat, et ass e puermol gesot ginn, no engem jorelaange passionéierten an och ganz animéierten Débat.

Wouer ass, datt seelen zu Lëtzebuerg ee Gesetz esou breet virbereet gouf, an och entspre-chend opwendeg ass verfuer ginn, fir haut, den 12. Mee 2011, dat Gesetz hei an der Chamber kënnen ze stëmmen.

2007 am Mäerz war den Hearing, spéider am Juni den Débat d'orientation mat där Motioun. An et ass daitlech gesot ginn - ech muss soen, dat apprécieieren ech och -, d'Chamber huet deemools ganz daitlech gesot, wat se gären hätt. A genau dat, wëll ech awer esou soen, huet d'Chamber och kritt. Et ass genau doraus, aus deene wesentlechen Elementer vun där Motioun, datt d'Gesetz entstanen ass.

Dat Eenzegt, wat eben net dra war, well dat ee Mount méi spéit war, dat ass den Opposant éthique. Dat war eréischt am Juli 2007, wéi den Arrêt Schneider erfall ass.

Nach eng Kéier, d'Chamber huet deemno pre-zis gesot, wat se gär gehat hätt. An dat ass ge-schitt. D'Juegd stoung ëmmer zur Diskussioun, si stoung awer ni zur Disposition. Och dat ass daitlech gemaach ginn. Och dat ass daitlech an der Regierungserklärung.

Fakt ass, d'Fräizäitjuegd, wéi se zu Lëtzebuerg Tradition ass, bleibt mat deem neie Gesetz be-stoen. Si bleibt net nëmme bestoen, si gëtt mat festen, nohaltege geprägte Regeln ausgestatt a si gëtt entsprechend och verankert.

Mir hunn net der Meenung vum Conseil d'État entsprach, deen d'Ausübung vun der Juegd wollt vun individuelle Propriétéitsrecht trennen an d'Juegd ënner staatleche Contrôle stellen. Mä d'Juegd am 21. Jorhonnert muss awer dem Intérêt général déngen a si muss sech ökologes-che Prämissen ënneruerdnen. Dat ass ganz kloer. A genau dat mécht d'Gesetz an enger ganzer Partie vun Artikelen.

D'Juegd soll een Instrument sinn, fir engem ökologesche Wëldmanagement ze entspre-chen. Wat mer brauchen, ass eng integréiert, eng naturgerecht an eng nohaltege Juegd. Dat war den Haaptoptrag deemools vun där Mo-tioun. Dorop brauch ech net méi zrëckzekom-men.

Fakt ass och nach, datt an eiser Gesellschaft et awer och aner Stréimunge gëtt, déi fundamen-tal ethesch Bedenke géint d'Ausübung vun der Fräizäitjuegd hunn an op där anerer Säit awer

och op hiert Eigentumsrecht pochen. Doraus resultéiert den Arrêt Schneider vum Juli 2007 duerch den Europäesche Gerichtshaff fir Mën-scherechter. Dëst Uerteel ass fir Lëtzebuerg rechtskräfteg.

Iwwregens huet d'Cour administrative zu Lët-zebuerg schonn 2004 gesot, an dat ass och schonn hei ernimmt ginn, d'Adhésionspflicht zu engem Juegdsyndikat wier contraire zur Mënscherechtskonventioun. All Propriétaire huet elo schonn d'Recht, ofgesi vun deem ale Gesetz, wat nach a Kraaft ass, hat elo schonn d'Recht, fir viru Gericht ze kloen, fir seng Par-zellen, seng Propriétéit aus de Lousen eraus-zekréien, an dat, wéi gesot, ganz ouni neit Ge-setz.

Dës Gesetz setzt awer e geregelte Kader - dat huet virun allem och de Rapporteur gesot -, an-deem de sougenannten Opposant éthique Rechter kritt, mä e kritt dann eben och Flich-ten. Flichten, wat d'Bedelegung um Wëld-schued ubelaangt, respektiv datt en am ganze Land all seng Terraine muss eraushuelen, an net do, wou et ëm grad genehm ass.

Eppes wëll ech ganz kloer soen: Ech deelen net déi Ängschte vun de Responsabele vun der Jeeërfederatioun, datt den Opposant éthique zum Massephänomeen géif ginn.

Här President, ech si fest dovunner iwwerzeegt, datt dëst Gesetz, dëst neit Juegdgesetz d'Ak-zeptanz an de Stellwäert vun der Juegd zu Lët-zebuerg wäert méi grouss maachen, an et och manner Argementer wäert ginn an Zukunft, fir sech der Juegd ze opposéieren, mat virun allem der Redefinition vun der Juegd als Instrument vum Wëldmanagement - dat ass eppes, wat ganz wesentlech ass - am Sënn vum Natur-schutz an och am Sënn vum Erhale vun der Biodiversitéit.

An dësem Sënn just e puer Akzenter. Den defi-nitive Verbuut vum Fiddern. Wëssenschaftlech Studië soe scho méi laang, datt d'Wëldfide-rung net nëmme iwwerflësseg ass, mä datt se souguer ka kontraproduktiv sinn.

D'Kirre bleibt erlaabt, mat enger entsprechen-der Reglementéierung. D'Wëldaarte sinn zënter Jordaasenden ouni Ergänzungsnahrung iwwert d'Ronne komm. D'Fiddern dréit maassgeblech zu enger iwwerhéichter Wëlddicht bäi, well eben och déi natierlech Selektioun am Wanter ënnerbonne gëtt. Derbäi kennt, wéi zum Bei-spill bei de Wëltschwäin, datt d'weiblecht Wëld schonn a méi jonkem Alter eigentlech zur Reproduktioun bäidréit, wéi dat normalerweis de Fall ass.

Iwwregens kennen ech eng ganz Partie Jeeër, déi soe mir, datt se iwwerhaupt net d'accord si mat där massiver Fiddern beim Noper.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Marco Schank**, *Ministre délégué au Dé-veloppement durable et aux Infrastructures*.- An ech kennen der eng ganz Partie, déi frou sinn, datt dat doten ophéiert.

Och d'Landwirtschaftskummer, dat ass och er-nimmt ginn, an aner Bauerenorganisationen hunn daitlech gemaach, datt se, éischstens, mat där allgemenger Zilsetzung vum Gesetz d'ac-cord sinn, an datt se gradesou kloer géint d'Fid-deren argumentéiert hunn.

Ech hunn nach virun e puer Wochen an engem Editorial vum „Lëtzeburger Bauer“ gelies, wou ënnerstrach ginn ass, datt dat virrangegt Zil vun der Juegd misst sinn, de Wëldbestand esou ze reguléieren, fir ee beschtméigleche Schutz ze erreeche vun der Natur, vun der Biodiversi-téit, de Bëscher an de landwirtschaftleche Flä-chen. Besser kann een et net soen.

Am Kontext vum Opposant éthique hu mer iwwregens och dem Wunsch vun de Baueren-organisatiounen Rechnung gedroen, datt am Fall vu Wëltschied op Flächen, déi aus dem Juegd-lous ausgeschloss sinn, de Propriétaire selwer haftbar ass an net de Piechter. Ech ginn elo net weider op déi Akzenter an.

Vläicht ee Saz zu der Redefinition vun de Juegd-lousen en vue vun 2021. Do hunn ech mat de Juegdsyndikater och ofgemaach, datt ech dat an enker Zesummenaarbecht mat hinne wëll maachen, well si jo déi sinn, déi no um Terrain sinn. An ech mengen och, datt sech insgesamt och driwwer gefreet gouf, wéi mer vu 400 Hektar op 300 Hektar erofgaange sinn.

Dann, d'Afféierung vun der Chasse administra-tive ass scho kommentéiert ginn. Ech soen nääscht dozou.

Vläicht nach eppes zum Opstelle vun de Plans de tir. Wat wichtig ass, datt et minimal a maxi-mal Ofschosszuele gëtt, fir eng gesond Mooss vu Wëlddichten an Zukunft ze erreechen. An



d’Natur- an d’Bëschverwaltung seet mer, datt se zënter enger Rei vu Joren daitlech gesinn, datt an eise Bëscher, an eben och an de landwirtschaftleche Kulturen, de Wëldbestand vun deene grouse Planzefriesser wéi dem Rout-hirsch, awer och dem Réiwëld, dem Mouflon, dem Damwëld vill ze héich ass. Natierlech gëtt et do grouss regional Ennerscheeder, mä insgesamt ass déi Wëlddicht ze héich. An et ass deemno och éischter normal, datt d’Bauern an d’Fierschter vun de Jeeër verlaangen, datt si dës iwwerhéich Populatiounen op een erdréig-lecht Mooss erofdrécken.

Et gëtt aner positiv Elementer an deem Gesetz, déi der Juegd an och de Jeeër zeguttkommen. D’Verankerung vum Intérêt général, ech soen nach eppes dozou. Déi flexibel Reglementéierung, déi weider fonctionnéiert am Kontext vun de Juegdzäiten. D’Kirren, och dozou wäert ech kuerz eppes soen. D’Asetze vun de Commissions cynégétiques, eppes ganz Wesentleches, déi de Minister berode beim Opstelle vun de Plans de tir.

An och, d’Ugesi vum Contrat de bail als Contrat de droit privé, datt och de Locataire an exzeptionelle Fäll d’Méiglechkeet huet, fir erauszeklammern. An och d’Propriétaires, d’Bauern, hir Rechter ginn net a Fro gestallt. Am Artikel 3 gëtt sech ganz kloer dozou bekannt, datt d’Juegdrecht indissociabel ass zu dem Propriétéitsrecht. An och de Wëldschued gëtt net nëmmen ausbezuelt beim Schued a landwirtschaftleche Kulturen, mä och bei Wéngerte respektiv am Bësch.

Här President, insgesamt sinn ech der Meinung, mat bal all menge Virriedner, datt dës Projet de loi haut e ganz gutt an e fortschrëtt-lecht Gesetz ass. An ech wollt da virun allem déi Zäit notzen, fir et net ze laang ze maachen, fir op déi puer Froen ze äntwerte respektiv déi zwee, dräi wesentlech Aspekter am Kontext dovunner.

E Wuert zur sougenannter Retroaktivitéit. Wann ech d’Syndikater an enger Circulaire vum März, 29. März, gebieden hunn - gebieden hunn! -, hir Assemblées générales eréischt am Oktober, November ze maachen, dann hunn ech dat gemaach, net well de Minister wollt d’Gewaltentrennung ophiewen, d’Chamber oder de Statsrot oder iergendee court-circuitéieren; dann hunn ech dat gemaach, well Lëtzebuerg schonn zënter dräi Joer an der Illegalitéit ass, mat dem Stroossbuurger Uerteel, andeems mir net d’Fakultéit vum Opposant éthique virgesinn.

► **Une voix.**- Dat interesséiert jo awer keen, Här Minister.

► **M. Marco Schank, Ministre délégué au Développement durable et aux Infrastructures.**- Ech kann deemno keng... Dat kënn derbäi, ech ka keng Décisiounen vun enger Assemblée générale approvouéieren, déi dës Méiglechkeet net virgesinn. Soss bleiwe mer erëm fir néng weider Joren an der Illegalitéit.

(Interruption)

A meng Juriste soe mer, och wann d’Retroaktivitéit - an dat ass jo och daitlech ginn, och bei deem, wat de Lucien Weiler gesot huet -, dee Procédé net vun enger gudder legislativer Politik ass, hate mer awer kee Choix. An dat ass och an der Kommissioun ganz daitlech ginn.

An ech zitieren: «Le législateur est libre de donner un effet rétroactif aux lois, sauf en matière pénale.» A weider: «La disposition rétroactive n’a en aucun moment privé le syndicat de chasse ou le locataire de garanties légales en matière d’exigence constitutionnelle. La disposition rétroactive n’a fait que différer les convocations aux assemblées générales et les délais prévus pour la prorogation du bail respectivement pour l’adjudication publique.»

Vläicht nach ee Saz vun eise Juristen: «Le législateur a dû voter cette disposition faute de quoi de nouveaux baux à long terme auraient été conclus sans que les exigences posées par l’arrêt Schneider rendu par la Cour européenne des droits de l’Homme auraient été prises en compte.»

Et gëtt deemno ee Motif d’intérêt général sufficient, fir de Grand-Duché a Konformitéit mat der Jurisprudenz vun der Cour européenne des droits de l’Homme ze setzen.

► **Une voix.**- Dat sot Dir!

► **M. Marco Schank, Ministre délégué au Développement durable et aux Infrastructures.**- Iwwregens, datt ass och gesot ginn, hat de Conseil d’État kee Problem domadder. An et muss een och wëssen, datt och dat bestehend Gesetz dem Minister virgëtt, datt e säin Accord muss gi par rapport zu den Décisiounen vun der

Assemblée générale a puncto Relaisement, an dat an engem Délai vu 15 Deeg.

Dovun ofgesinn, ech wëll awer nach eng Kéier daitlech soen, ass déi Virgehensweis am Matenee mat der Chamber a Chamberskommissionen décidéiert gouf, an am Mateneen zu deem Moment och mat de Fraktiounen, déi an der Kommissioun sinn, wou keen zu deem Moment de Fanger gehuewen huet a gesot huet: Hei, Här Minister, Dir sidd amgaangen, lech op ganz dënnt Äis ze beginnen.

Da wollt ech eppes soen zum, ee Wuert zum Opposant éthique. Ech stinn zu mengem Wuert um Kongress d’lescht Joer zu Nidderaanwen vun der Jeeërfederatioun, well dat, wat ech gesot hunn, steet esou expressis verbis an der Regierungserklärung. An ech hunn op där Plaz eben net méi gesot, wéi datt, sollt den Arrêt Herrmann, dee sech op déi däitsch Gesetz bezitt, oder och een aneren Arrêt rechtskräftig ginn - bis elo ass just den Arrêt Schneider rechtskräftig -, déi eng flächendeckend Ausübung vun der Juegd verlaangen, da sinn ech bereet, d’Lëtzebuurger Gesetzgebung ze iwwerpréieren a gegebenenfalls unzepassen. An och dat steet an dem Rapport vun der Chamberskommission.

Dofir hunn ech och kee Problem mat där Motioun, déi hei läit. Mä esou wäit si mer awer nach net. Well et ass jo alles scho gesot ginn. Den Här Herrmann, deen ech net perséinlech kennen, deen huet awer Appel gemaach. An dat kann nach eng laang Zäitchen daueren. An da weess een net, wéi dat ausgeet. An da si mer nach ëmmer nëmme bei der däitscher Jurisprudenz.

Dann, aus all deene virgenannte Grënn, mengen ech, ass et wichteg, datt mer dat Gesetz hei stëmmen an datt mer et gemeinsam a konstruktiv mat alle Partner ëmsetzen, an do ginn ech dem Wierder Lucien Recht. A bis elo ware meng Büroen a meng Réuniounssäll ëmmer op fir jiddwereen. Ech hat nach virun dräi oder véier Wochen d’Juegdsyndikater bei mer. Déi hate gefrot an hunn eng Entrevue kritt. A wann d’Jeeër eng froen, da kréie se eng. A wa se dee Mount drop eng froen, da kréie se nach eng Kéier eng. Dat war awer ëmmer esou an dat ännert net.

Ech wëll also mat alle Partner - Jeeër, ONGen, Naturschützer, Juegdsyndikater, Bauern a Bëschbesëtzer, Naturverwaltung - dëst Gesetz propper ëmsetzen, wann et da gestëmmt gëtt. An ech sinn och iwwerzeegt, datt duerch dëst modernt Gesetz eng besser, eng aner, eng besser Juegd zu Lëtzebuerg entsteet, déi den ekologesche Fonctiounen entsprécht - dat ass jo dat, wat wesentlech ass -, an datt dat Gesetz och een definitive Bestanddeel gëtt vun der Gestiou vun der Natur, vun eise Landschaften an eng breet Akzeptanz fënn.

Da sinn nach e puer Froen gestallt ginn, ënner anerem vum Lucien Weiler a vum Lucien Clement. Ech wëll kuerz dorop äntwerten.

Wat geschitt, wa Louse kee Piechter fannen? Dat wier och schonn an der Vergaangenheet méiglech gewiescht. An et gouf och ee Lous, hunn ech mer soe gelooss, wou dat eng Kéier esou gaangen ass. Wann ee Lous kee Piechter soll fannen, da gi se an d’Stee, bis ee Piechter fonnt gëtt. Wann dann awer aus iergendengem Grund kee fonnt gëtt, ass och nach ëmmer d’Méiglechkeet - d’Gesetz gesäit dat vir -, datt de Stat respektiv eng Gemeng ee Lous loune kann, respektiv, an den Artikel 55 gesäit dat vir, datt ass gesot ginn, kann och eng Chasse administrative organiséiert ginn.

Dann d’Fidderung an Noutzäiten. Do muss ee jo wëssen, vu wat datt ee schwätzt. An ech hunn dat och nach eng Kéier mat eisen Experte Wëldbiologe geschwat. Den Artikel 11 ass kloer: «Le nourrissage, qui consiste dans l’apport d’une alimentation supplémentaire au gibier, est interdit.» Dat huet och d’Motioun vun der Chamber esou daitlech deemools gesot gehat.

Elo muss ee wëssen, d’Faune sauvage, déi beinhaltet jo net nëmme Wëldzorten. Dat ass vläicht nëmmen e kleng Prozentsaz. Dat heescht, da muss mer eis d’Fro stellen: Wat fiddere mer dann? Éischters, weini sinn d’Noutzäiten do? An dann, ass dat, wa mer Schnéi hunn? Ech mengen net, datt et ass, wa mer Schnéi hunn an héije Schnéi hunn. Dat ass, wann zum Beispill iwwer Wochen Äis, déckt Äis, Äisschichten an de Bëscher op de Kulture wieren. Ech mengen, datt een da vun extreme Fäll kéint schwätzen. Ech soen herno nach eppes dozou.

Mä fiddere mer dann och déi bedrohten Aarte vun Déieren? Fiddere mer dann de Bammarder beispillsweis?

► **Une voix.**- De Fuuss och? Wëllt Der de Fuuss och fidderen?

► **M. Marco Schank, Ministre délégué au Développement durable et aux Infrastructures.**- Oder

fiddere mer d’Bëschhong? Fiddere mer d’Wëllkaz? Déi Froen muss ee sech jo da stellen!

► **Une voix.**- Ech si gespaant!

► **M. Marco Schank, Ministre délégué au Développement durable et aux Infrastructures.**- Dat ass ebe kee Wëld am Sënn vu Gibier chassable, mä dat sinn awer Déierenzorten, déi et dann och schwéier hunn, oder méi schwéier hunn an éischter bedroht sinn, wéi dat beispillsweis bei Réiwëld de Fall ass.

Ech mengen, datt d’Äntwert éischter do neen ass. An d’Natur- an d’Bëschverwaltung ass formell - Dir wësst, datt den Direkter och responsable ass an eisem Departement fir d’Juegd -: D’Wëldfidderung ass am Prinzip net nëmmen iwwerflësseg, mä och nach kontraproduktiv. D’Beispill vum Hirsch, deen am Wanter säi Metabolismus erofschräuft - dat ass zënter Jordausenden esou - an awer iwwert d’Ronne kënn. An d’Fidderung dréit maassgeblech, ech soen et nach eng Kéier, zu iwwerhéichte Wëlddichte bāi.

Déi natierlech Selektioun vum Wanter, déi wëlle mer jo awer net ausschalten. Da muss mer eis d’Fro stellen: Wëlle mer wëll Déieren oder wëlle mer Hausdéieren? Dofir, mengen ech, muss ee ganz gutt oppassen, wou een dat usetzt.

Ech wëll awer soen, datt am extremste Fall vun de Fäll, wann dat dann eng Kéier sollt passéieren, datt mer wierklech Äisschichten an de Bëscher hunn an op der Gewan hunn, wochelaang, dann ass d’Regierung sécher bereet, ee Wee ze fannen, fir dann d’Viraussetzung ze schafen, datt aus etheschen, reng etheschen Déierschutzgrënn e Reglement geholl gëtt, fir deem entgéintzogen. Mä awer nëmmen an deem Fall. Eis Leit sinn och amgaang, ze kucken, wéi een dat am beschte mécht.

Den Intérêt général, nach ee Wuert dozou. D’Formuléierung, wéi se am Artikel 2 virgesinn ass: «L’exercice de la chasse doit répondre à l’intérêt général.», entsprécht expressis verbis der Motioun. Dat ass och gesot ginn. Ee Saz, dee ganz interessant ass: D’Juegdlech Moosname mussen dem Allgemengwuel déngen. Net méi an net manner verlaangt och den Europäesche Geriichtshaff fir Mënscherechter zu Stroossbuerg. Vläicht hätt et souguer mat deem neie Gesetz keen Arrêt Schneider ginn.

An nach, eist neit Gesetz, wann et elo da gestëmmt gëtt, an deem Punkt vum Intérêt général ass et um selwechte Level wéi déi däitsch Gesetzgebung, déi vun enger Partie Responsabele vun der Jeeërfederatioun ëmmer an d’Fenster gestallt gëtt. Um selwechte Level! Well och am däitsche Gesetz ass d’Juegd net per se d’intérêt général erkläert, mä et gëtt et eréischt duerch de Contenu vum Gesetz, duerch hir Hegefflicht. A mir nennen dat, dat ass bei eis dann och elo, bei eis heescht dat „gestion durable et écologique des populations de la faune sauvage classée gibier“.

Dann hunn ech nach zwou kleng Froen, déi vun dem Kirren. D’Kirren, wat jo streng reglementéiert gëtt. Meng Meinung huet de Lucien Clement gesot. Ech perséinlech si kee Frënd vun den Automaten. Och d’Meenunge vun den Experte gi bei eis auserneen. Effektiv, ech hu Leit an der Natur- a Bëschverwaltung, déi mengen, dat wier eng gutt Saach, well een nëmmen dann d’Kirre kontrolléiert kritt. Anerer soe just de Contraire.

Ech géif op de Virschlag vum Lucien Clement agoen. Ech hu kee Problem, wa mir e lokal limitéierte Pilotprojet maachen, fir d’Vir- an d’No-deeler vun esou engem System ze testen. Dëst virun allem awer, fir déi bescht Method ze fannen, fir et ze kontrolléieren. Et geet mir am Endeffekt ëm d’Resultat. An dem Reglement steet: eng limitéiert kontrolléiert Ofgab vun Nahrung, fënnf Liter fir den Hirsch, ee Liter fir d’Schwäin, pro Kirrplaz, an eng Kirrplaz pro 50 Hektar Bësch.

An dann déi lescht Fro, déi ech nach hei hunn, och vum Lucien Clement, d’Berücksichtigung vun ugestoussenem Wëld an dem Plan de tir. Also, déi Déieren, déi iwwerrannt ginn, déi kréien eng Mark, eng speziell Mark „gibier accidenté“. Si ginn awer net am Plan de tir berücksichtegt. An et gëtt hei och keng - leider, muss een da soen - Statistiken, déi fiabel sinn.

Ah jo, dann nach eppes zu de Règlements grand-ducaux. Ech mengen, dat hat den Här Etgen opgeworf, wann ech mech richtig..., e lauschtet elo net. D’Règlements grand-ducaux, déi wäerte mer am Juni op den Dësch vun der Regierung kréien, ausser een eenzege, deen no der grousser Vakanz kënn, dat ass dee vun de Plans de tir. Dee kënn dann no der Vakanz. Déi aner kommen am Juni op den Dësch vum Regierungsrot.

Da wollt ech nach eppes soen zu deenen zwou Motiounen. Zu där éischter Motioun hunn ech gesot, datt ech kee Problem hunn, fir déi ze akzeptéieren, aus deene Grënn, déi ech elo duer- geluecht hunn.

Bei der zweeter Motioun, do géif ech proposéieren, fir se net unzehuelen, awer net, well se mer net sympathesch wier, mä well mer genee amgaang sinn, dat do ze maachen. Deen éischten Tiret si mer amgaangen ze maachen. Den Direkter vun der Natur- a Bëschverwaltung weess dat, datt ech dat scho virun enger gewëssener Zäit verlaangt hunn, datt mer genee kucken, wéi bei eis am Land d’Wëlddicht evoluéiert.

An dat Zweet hu mer souwisou virgesinn, well mer jo e Contrôle wëlle maache vun dem Kirren an och genee wëllen dann oplëschen, wéi et fonctionnéiert. Ech hunn och kee Problem - ech hat souguer gemengt, fir éischter, no zwee Joer schonn, eng Evaluatioun op den Dësch ze leeën -, ob dat zwee oder dräi Joer sinn. Wéi gesot, vun dohier ass déi fir mech sans objet.

Ech wollt awer zum Schluss ee leschte Saz soen, ech wollt e Merci lassginn. Et ass elo viles gesot ginn, dee passionéierten Débat an, an, an. Ech muss soen, datt an der Kommissioun, an der zoustänneger Kommissioun virdrun, wéi ech nach Deputéierte war, war de Minister Lux, an och duerno eigentlech, ëmmer konstruktiv geschafft ginn ass, et ass e puermol gesot gi vun de Bänken, mengen ech, alleguerten, an dat war wierklech, et war eng Freed, fir ze schafen.

Ech wollt och deene Leit Merci soen, virun allem och dem Président-rapporteur, deen dat, mir kennen en esou ganz konstruktiv, mat ganz vill Geschéck gemaach huet, a jiddwereen huet do säin Deel bäigedroen. An ech wësse mer, datt entsprechend och den Dialog virugeet, an datt mer och beim Ëmsetze vun dësem Gesetz, wann Der et dann elo sollt stëmmen, datt mer dat och fäerdeg bréngen.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem delegierten Nohaltegkeetsminister Marco Schank. Domadder ass d’Diskussioun ofgeschloss a mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l’ensemble du projet de loi et dis- pense du second vote constitutionnel

D’Ofstëmmen fänkt un. Fir d’Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration.

► **Une voix.**- Den Här Weiler feelt.

► **Une autre voix.**- Den Här Weiler ass net do.

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Den Här Wolter an den Här Weiler si leider net do.

► **Une troisième voix.**- Double W: Weiler/ Wolter.

► **M. le Président.**- De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 5888 ass ugehall mat 37 Jo- Stëmmen, 4 dergéint a 17 Enthaltungen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank (par M. Fernand Boden), MM. Léon Gloden (par M. Raymond Weydert), Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies (par M. Félix Eischen), Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber et Raymond Weydert;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall’Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein (par M. Roger Negri), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par Mme Claudia Dall’Agnol), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Ben Scheuer).

Ont voté non: MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Se sont abstenus: MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Fernand Etgen), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viane Loschetter;

M. André Hoffmann.

Wëllt ee seng Enthaltung begrënnen?

(Négation)

Dat schéngt net méi de Fall ze sinn.

Gëtt d’Chamber d’Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Dann hu mer hei nach zwou Motiounen.



Motion 1

Eng éischt Motioun, déi eragi ginn ass vum Här Fernand Boden. Souwäit ech dat verstanen hunn, elo freet d'Madame Polfer d'Wuert dozou.

► **Mme Lydie Polfer (DP).**- Jo, Här President, also net, datt mer géifen déi Motioun net ënnerstëtzen, mä ech huelen dat hei zum Ulass, fir op eppes awer zrëckzekommen, wat den Här Gira virdru gesot hat. Ech konnt dee Moment net äntwerten, well ech um Presidentestull souz.

Dir hutt lech gewonnert, datt sech géif op eng däitsch Jurisprudenz beruff ginn, an Dir hutt lech gefrot, firwat dat wier. Dat ass awer e bëssen an der Logik mat deem, wat Der virdru gesot hat, wou Der selwer gesot hutt, datt ons, datt déi al Législatioun sech ganz staark eben un déi däitsch, un eng al däitsch Législatioun géif uleeën. Et ass also normal an där Iwwerleeung, datt sech och un eng däitsch Jurisprudenz eben ugehale gëtt an dorop gestäipt gëtt.

Mä ech wollt awer allgemeng, wa mer do vun Däitschland schwätzen, nëmmen awer hei soen, datt ee ganz, ganz gutt soll oppassen, wann een iwwert d'Vergläicher vun der Nazi-zäit schwätzt. Well souguer, wa mir e Gesetz hei haten, wat nach zum Deel aus där Zäit da sollt komm sinn, dann ass dat jo awer bestëmmt net de Jeeër hir Schold. Da kann et just hei dëser Chamber hir sinn. Net deenen, déi haut hei sinn, mä déi, déi déi Zäit do waren.

Dofir war et, ech wëll nëmme soen, et soll een, wann een esou Vergläicher mécht, soll ee ganz gutt oppassen. Well natierlech trefft een do Leit, déi awer net dee Moment an der Responsabilitéit waren.

► **Une voix.**- Très bien!

► **Une autre voix.**- Mir hunn och nach e puer Steirgesetzer aus där Zäit!

(Interruptions diverses)

► **M. le Président.**- Sou, dann hat nach d'Wuert gefrot den Här Colombero.

► **M. Jean Colombero (ADR).**- Jo, jo, Här President, et ass eiser Meenung no ganz normal, dass d'Regierung den Arrêt vun der Cour européenne des droits de l'Homme suivéiere soll a gegebenenfalls eis Législatioun reexaminéiert. Dofir menge mir, dass dës Motioun ganz iwwerflësseg ass. Eis schéngt et, dass dës Motioun e Versuch ass, fir e ganz schlecht Gesetz ze justifiéieren a soumat d'Gewëssen ze berouegen. An duerfir wäerte mer géint déi Motioun hei stëmmen.

Merci.

► **M. le Président.**- Gutt, soss keng Wuertmeldung?

(Négation)

Da géife mer iwwert déi Motioun ofstëmmen.

Vote sur la motion 1

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

D'Motioun 1 ass ugehall mat 46 Jo-Stëmmen, 11 Nee-Stëmmen an 1 Abstentioun.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Fernand Boden), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank (par M. Lucien Clement), MM. Léon Gloden (par M. Marcel Oberweis), Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies (par Mme Martine Mergen), Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber et Raymond Weydert;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein (par M. Alex Bodry), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner.

Ont voté non: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

S'est abstenu: M. André Hoffmann.

Ech ginn net dovun aus, datt ee wëllt seng Abstentioun begrënnen.

Motion 2

Da kéime mer zur Motioun 2, wou ech géif proposéieren, direkt ofstëmmen. Kënne mer par main levée ofstëmmen?

(Interruption)

De Vote électronique ass gefrot.

Vote sur la motion 2

Da geet d'Ofstëmmen un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

D'Motioun 2 ass ofgelehnt mat 38 Nee-Stëmmen, géint 21 Jo-Stëmmen.

Résultat définitif après redressement: la motion 2 est rejetée avec 37 voix contre et 21 voix pour.

Ont voté oui: MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank (par M. Lucien Clement), MM. Léon Gloden (par M. Raymond Weydert), Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies (par Mme Martine Mergen), Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber et Raymond Weydert;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein (par M. Alex Bodry), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri).

Da freet den Här Huss d'Wuert fir den Dépôt vun enger Motioun.

3. Dépôt d'une motion par M. Jean Huss

► **M. Jean Huss (déi gréng).**- Här President, ech wëilt am Numm vun der grénger Fraktioun hei eng Motioun déposéieren, déi d'bestehend Anti-Fëmm-Gesetzgebung soll verschäerfen, an datt méiglechst kuerzfristeg sollt d'Fëmmverbuet ausgedehnt ginn op d'Bistroen, op d'Baren an op d'Discothéiken.

Motion

La Chambre des Députés,

considérant

- que la loi relative à la lutte antitabac est entrée en vigueur en septembre 2006;

- que cette loi a apporté un certain nombre d'améliorations au plan de la protection contre le tabagisme passif et a été bien accueillie auprès de la grande majorité de la population;

- que certaines lacunes de cette loi, notamment dans le domaine de la protection de la santé des clients non-fumeurs dans les cafés, bars, discothèques ainsi qu'au lieu du travail sont vivement critiquées par les associations de médecins et les ONG œuvrant pour la lutte antitabac;

- que la tendance auprès des pays européens et de la Grande Région évolue nettement en faveur d'une interdiction totale du tabagisme dans les lieux publics et les lieux de travail;

- que le Luxembourg ne semble pas figurer parmi les meilleurs élèves de l'Europe en matière de lutte contre le tabagisme;

- que la Commission européenne, dans son livre vert du 30 janvier 2007 «Vers une Europe sans fumée de tabac», exprime également son souhait d'étendre l'interdiction de fumer dans les lieux publics à toute l'Europe;

- que le Ministre de la Santé a exprimé de manière réitérée son intention d'étendre l'interdiction de fumer à tous les lieux publics;

invite le Gouvernement

- à mettre en œuvre dans les meilleurs délais le renforcement de la loi relative à la lutte antitabac afin de garantir une réelle protection de la population et surtout des jeunes contre la fumée de tabac sur le lieu de travail ainsi que les lieux accessibles au public, bars, cafés et discothèques inclus;

- à renforcer les efforts du Luxembourg en matière de lutte antitabac au-delà de l'interdiction de fumer dans les lieux publics par l'amélioration des campagnes d'information ainsi qu'une adaptation des prix des produits du tabac.

(s.) Jean Huss, Claude Adam, François Bausch, Camille Gira, Henri Kox.

► **M. le Président.**- Merci. An den Här Fayot freet och d'Wuert fir den Dépôt vun enger anerer Motioun.

4. Dépôt d'une motion par M. Ben Fayot

► **M. Ben Fayot (LSAP).**- Här President, ech déposéieren eng Motioun iwwert d'palästinensesch Prisonnier.

(Interruptions)

► **M. le Président.**- Ech géif lech bieden, dem Här Fayot nozelauschteren!

► **M. Ben Fayot (LSAP).**- Déi Motioun geet zrëck op eng Initiativ vum Här André Hoffmann, déi mer an der aussepolitischer Kommissioun diskutéiert hunn an opgrond vun där mer als Kommissioun en neien Text gemaach hunn. Mir hunn an der Kommissioun mehrheetlech - géint eng Stëmm - décidéiert, dass d'Kommissioun déi Motioun soll déposéieren.

Ech wollt och nach signaléieren, dass den Ausseminister interesséiert ass, fir bei där Diskussioun derbäi ze sinn. Hien huet mer gesot - ech mengen, dat ass scho weidergaangen -, dass hien de 7. Juni kënnt hei an der Chamber derbäi sinn, fir dat mat ze diskutéieren.

Motion

La Chambre des Députés,

- rappelant ses motions et résolutions des dernières années appelant au respect du droit international humanitaire et aux efforts pour établir une paix globale, juste et durable entre Israël et la Palestine¹ et pour garantir la sécurité d'Israël et la création d'un État palestinien viable et démocratique;

- saluant le profond mouvement populaire dans les pays arabes pour la démocratie et le respect des droits de l'Homme qui devrait également ouvrir de nouvelles perspectives pour la paix dans le conflit israélo-palestinien;

- exprimant l'espoir que l'accord négocié entre le Fatah et le Hamas entraînera la réconciliation interpalestinienne, nécessaire à la recherche d'une solution pacifique dudit conflit;

- considérant que, au cours des dernières années, Israël s'est trouvé confronté à de nombreux attentats terroristes meurtriers visant sa population civile;

- considérant que les autorités israéliennes ont pris un certain nombre de mesures pour prévenir ces actions terroristes, y compris l'arrestation d'activistes palestiniens présumés, mais que la lutte contre le terrorisme ne saurait justifier la violation du droit international humanitaire;

- considérant qu'à la fin de 2010 environ 6.000 Palestiniens, presque tous arrêtés par l'armée israélienne dans les territoires palestiniens, se trouvaient emprisonnés, dont la majorité en Israël, en violation de la 4^e Convention de Genève qui stipule que les autorités israéliennes ne peuvent détenir les Palestiniens que sur les territoires palestiniens;

- considérant que la détention dite «administrative» permet aux autorités israéliennes d'emprisonner les Palestiniens sans inculpation ni jugement, qu'en outre des centaines de Palestiniens ont été inculpés d'infractions liées à la sécurité et déferés de ce fait devant des tribunaux militaires;

- considérant que de nombreuses organisations internationales (entre autres Croix-Rouge, Amnesty International, l'association israélienne de défense des droits humains B'Tselem) ont fait état d'allégations de traitements cruels, inhumains et dégradants envers les détenus palestiniens;

- considérant que de nombreux prisonniers palestiniens sont privés du droit de visite de leurs familles;

invite le Gouvernement

1. à intervenir auprès du gouvernement israélien afin que les prisonniers palestiniens bénéficient des droits internationaux reconnus et des principes de l'État de droit, et qu'ils puissent avoir accès à un procès équitable devant les tribunaux civils;

2. à intervenir, conjointement avec ses partenaires, auprès du gouvernement israélien afin d'améliorer les conditions de détention des prisonniers palestiniens, en tenant compte des standards internationaux;

3. à s'engager activement auprès de toutes les parties engagées dans le conflit pour le respect des normes juridiques internationalement reconnues, du droit international et des droits de l'Homme.

¹ Entre autres la motion du 16 avril 2002 déposée par M. Paul Helminger au nom de la Commission des Affaires étrangères; la motion du 18 novembre 2009 déposée au nom de la Commission des Affaires étrangères par M. Ben Fayot; la motion déposée le 2 décembre 2010 par M. Fernand Kartheiser sur le soldat israélien Gilad Shalit; la résolution du 3 juin 2010 sur la «Gaza Freedom Flotilla» déposée par M. Ben Fayot au nom de la Commission des Affaires étrangères.

(s.) Ben Fayot, Xavier Bettel, Félix Braz, Norbert Hauptert, André Hoffmann.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Fayot. Déi Motioun vum Här Camille Gira iwwert d'Droits d'émission huele mer och am Juni, well den zoustännege Minister huet misse fortgoen.

Dann hätte mer elo als nächste Punkt de Projet de loi 6164, eng Direktiv iwwert d'elektro-nescht Geld. D'Riedezäit ass hei nom Basismodell festgeluecht. Et huet sech ageschriwwé just den Här Meisch. D'Wuert huet elo de Rapporteur...

(Interruption)

Och net den Här Meisch. Dann huet elo d'Wuert de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Lucien Thiel. Här Thiel, Dir hutt d'Wuert.

5. 6164 - Projet de loi

- portant transposition:

- de la directive 2009/110/CE du Parlement européen et du Conseil du 16 septembre 2009 concernant l'accès à l'activité des établissements de monnaie électronique et son exercice ainsi que la surveillance prudentielle de ces établissements, modifiant les directives 2005/60/CE et 2006/48/CE et abrogeant la directive 2000/46/CE;

- de la directive 2009/44/CE du Parlement européen et du Conseil du 6 mai 2009 modifiant la directive 98/26/CE concernant le caractère définitif du règlement dans les systèmes de paiement et de règlement des opérations sur titres et la directive 2002/47/CE concernant les contrats de garantie financière, en ce qui concerne les systèmes liés et les créances privées;

- portant modification:

- de la loi du 10 novembre 2009 relative aux services de paiement, à l'activité d'établissement de monnaie électronique et au caractère définitif du règlement dans les systèmes de paiement et les systèmes de règlement des opérations sur titres;

- de la loi du 5 août 2005 sur les contrats de garantie financière;

- de la loi modifiée du 12 novembre 2004 relative à la lutte contre le blanchiment et contre le financement du terrorisme;

- de la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier;

- de la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création d'une commission de surveillance du secteur financier

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. Lucien Thiel (CSV), rapporteur.**- Merci, Här President. Kollegeinnen a Kollegen, ëmmer wann et spéit gëtt, da kënnt nach e Gesetz iwwert d'Finanzplaz. Dat ass esou lues Usus hei. Mä ech warnen lech direkt, et ass nach net dat Lescht fir haut!

Ech soen lech näischt Neies, wann ech soen, de Gebrauch vun elektronische Sue gehéiert schonn e Strapp zu eisem Alldag. Wie vun eis huet net op d'mannst eng Kreditkaart am Portmonni, déi hien dann och méi oder manner dacks benotzt, well et jo vill méi einfach ass, mat esou enger sougenannter Puffkaart ze bezuelen, wéi mat borem Drot. Well dee muss ee fir d'Éischt vu sengem Bankkonto ophiewen, ier ee sech dofir eppes kafe kann.

Wuel wäert geschwënn de MiniCash verschwannen, déi Zort vu Prepaid-Kaart, déi eisen elektronische Paymentsofwéckler Cetrel sengerzäit mat eise Banken agefouert hat, fir déi klenger Dépensen, wéi zum Beispill fir eng Mëtsch beim Bäcker oder eng Stonn um Park, ouni Borgeld kënnen ze bezuelen.